Conseil communal

Séance publique du 19 avril 2010

Durée de la séance: *9.15 à 11.15 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - jusqu'au point 8.6. inclus
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - à partir du point 9.1.

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel: Démission volontaire d'une maîtresse de jardin d'enfants - décision.
2. Enseignement: Dossiers sociaux - informations.

Séance publique (début: 09h30 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale:
   - 4.1. Commissions consultatives
     - 4.1.1. Commission scolaire - démission et nomination - décisions.
     - 4.1.2. Commission des loyers - démission et nomination - décisions.
     - 4.1.3. Commissions consultatives - démissions et nominations - décisions.
   - 4.2. Titres de recettes - approbation.
   - 4.3. Travaux de renouvellement du réseau de la rue de l'Indépendance à Pétange - approbation du décompte.
   - 4.4. Installation d'une chapelle pour la statue Sainte-Barbe au parc Godefroid à Rodange - approbation du décompte.
   - 4.5. Autorisation d'ester en justice dans un litige en matière de construction - décision.
   - 4.6. Construction d'une résidence et d'une maison unifamiliale à Rodange (PAP) - approbation de la convention avec la société BATIGEST de Bertrange.
   - 4.7. Construction d'un lotissement à cinq maisons unifamiliales à Rodange (PAP) - approbation de la convention avec la société ATRIUM PROMOTIONS de Mondercange.
5. Propriétés:
   - 5.1. Contrat de bail avec M. Angelo TAIBI pour la location d'un logement communal à Lamadelaine - approbation.
   - 5.2. Contrat de bail avec M. José Carlos TEIXEIRA BASTOS et Mme Alessandra DO NACIMENTO BEZERRA pour la location d'un logement communal à Pétange - approbation.
   - 5.3. Avenant au contrat de bail avec M. et Mme Florenc PRENDI-DEDA relatif à un logement communal à Lamadelaine - approbation.
6. Ordre public et sécurité: Acquisition d'un camion TLF2000 pour les besoins du Service d'Incendie et de Sauvetage - décision.
7. Personnel:
   - 7.1. Revalorisation du poste d'un salarié communal - décision.
   - 7.2. Ratification d'un contrat de travail - approbation.

8. Enseignement:
   8.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles - ratification.
   8.2. Convention de mise à la disposition temporaire de personnel socio-éducatif à durée indéterminée - approbation.
   8.3. Convention de mise à la disposition temporaire de chargés de cours à durée indéterminée - approbation.
   8.4. Règlement d'occupation des postes pour les instituteurs (m/f) - décision.
   8.5. Bilan financier des Classes de Neige de 2010 - décision.
   8.6. Aménagement d'une salle de classe à l'Ecole « Am Park » à Pétange - approbation du devis et vote d'un crédit spécial.
9. Prévisions sociales:
   9.1. Convention de collaboration avec la Fondation Kannerschlass de Sanem - approbation.
   9.2. Construction d'un chalet pour l'épicerie solidaire par le Centre d'Initiative et de Gestion Locale de Pétange (CIGL) - approbation du devis et du plan.
10. Cultes: Allocation d'un subside à la Fabrique d'Eglise de Pétange pour la restauration de l'orgue - décision.
11. Règlements temporaires de la circulation routière - ratification.
12. Vie associative:
   12.1. « Groupe d'Amitié Luxembourg-Albanie » - statuts.
   12.2. « KC Amis de la Porte de Lamadelaine » - statuts.
13. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Personnel: *Mme Josette Goldschmitt épouse Leischen* obtient démission volontaire de ses fonctions de maîtresse de jardin d'enfants avec effet du 1er octobre 2010.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt iech just matdeelen, datt mer de Moien an der Geheimsëtzung d'Madame Josette Goldschmit épouse Leisch demissionéiert hunn. Si geet den 1. Oktober 2010 an d'Pensioun. Si war Spillschoulsjoffer an der Péitenger Gemeng an de Gemengerot huet eestëmmeg entscheet, fir hir och den „titre honorifique" vun hirer Funktioun ze ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Dammen an dir Hären, an der leschter Gemengerotssëtzung hate mer iech versprach, Detailer ze ginn iwwer zwee Seveso-Ëmweltdossieren. Deen ee läit op belschem Gebitt, deen aneren op franséischem. Am éischten Dossier huet d'SA Galliker Transports mat Sëtz zu Rodange an Dépôt-Halen zu Mierzeg am „Service public de la Wallonie – département des permis et autorisations" eng Demande agereecht fir kënnen zu Mierzeg toxesch Produkter ze lageren. Den Objektiv war d'Lagerung vu bis zu 2.200 Tonne Gëft vun der Catalyst Recovery Europe vu Rodange. Dat wäre Katalisatore gewiescht mat Offall. D'Péitenger Gemeng huet vun eiser Ëmwelt-verwaltung vu Lëtzebuerg schréftlech matgedeelt kritt, dës Demande fir d'Commodo-Incommodo-Prozedur ze publizéieren. Eventuell Objektioune vun eise Bierger hätte miisste schréftlech un den „Département des autorisations" zu Namur eragereecht ginn. Ausser dëser Publikatioun hat eis Gemeng keng Rechter, an dësem belschen Dossier anzegräifen. Den 17. Mäerz 2010 krute mer duerch e Bréif vun der Ëmwelt-verwaltung aus der Stad matgedeelt, datt d'Demande vun der SA Galliker Transports fir d'Katalisatoren zu Mierzeg ze stockéiere vum Demandeur zeréckgezu gouf. Domat gouf den Affichage vum Dossier „sans objet". Mer hunn an eisem Ëmweltbüro dësen Dossier nach net zou. An zwar hu mer eisen Ëmweltspezialist, dee sech och ëm d'Loftqualitéit an eiser Gemeng bekëmmert, d'Aufgab ginn, eis eng Expertise mat sengen Appréciatiounen iwwer dësen Dossier opzestellen. Dës Ënnerlage fënnt der an eisem Ëmweltbüro beim Här Claude Linden.

Am zweeten Dossier geet et ëm d'Exploitatioun vun engem Uewe fir en „traitement thermique" mat Pyrolysen, an dat zu Longlaville am Frankräich. An anere Wierder, eng Verbrennungsanlag op 500 Grad Celsius gehëtzt, wou am Verfahre Fettreschter karboniséiert ginn an dann zu Stëbs ze transforméiert ginn. D'Péitenger Gemeng huet de Commodo-Incommodo an deene virgeschriwwene Friste publizéiert. Dëst war déi eenzeg Obligatioun, déi mer an deem franséischen Dossier haten. Op Nofro beim „commissaire-enquêteur" zu Longlaville goufe mer gewuer, datt weder vu Lëtzebuerger Säit nach vu franséischer Säit Reklamatiounen erakomm sinn. Déi verantwortlech Politiker am Frankräich hunn dann och en „avis favorable" fir d'Exploitatioun vun dësem Uewe ginn. Och hei bleift den Dossier an eisem Ëmweltbüro op. Mer hunn eng Expertise iwwer dësen Dossier opstelle gelooss, an dat mat dem Objektiv, eventuell Ëmweltschied a Risiken op dem Lëtzebuerger Gebitt z'analyséieren. Och dës Etude fannt der bei eis am Ëmweltbüro.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat waren e puer Informatiounen iwwer Ëmwelt-Dossieren, wou mer och scho rezent hei am Gemengerot driwwer diskutéiert haten.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hate jo vum ProSud eng Convocatioun kritt fir den 26. Abrëll an eng Versammlung ze goen. Do geet et ëm Konventioune mat deem „Partenariat Fondation Bassin minier" an da ginn och Konventioune mat der Entente touristique du Sud gemaach an och Diskussioune gefouert an eventuell Approbatioune geholl. Et gëtt jo ëmmer e bësse vun eise Leit aus dem Syndicat oder dem Interesseveräi bemängelt, datt keen do mat erageholl gëtt. Wéi leeft dat do? Mer haten eis jo

aus enger Organisatioun erausgemellt, wann ech mech gutt kann erënneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass d'Entente tourisitque du Sud. Ech kann iech awer d'Informatioun ginn. Dat hei ass eng Comitéssëtzung vum ProSud – ech wosst um Ufank net genee, vu wat där géift schwätzen. Effektiv, d'„Fondation Bassin minier" huet jo och méi rezent Publikatiounen erausginn, wou se dann och gären eng finanziell a logistesch Hëllef vun dem ProSud erwaart hätten. Do soll eng Konventioun mat hinnen ënnerschriwwe ginn, wou iwwer déi Zesummenaarbecht diskutéiert gëtt an och festgehale gëtt, wat d'Participatioun vum ProSud – also déi 12 Gemengen, déi am ProSud sinn – un den Aktivitéite vun der „Fondation Bassin minier" ass.

Wat d'Entente touristique du Sud ugeet, esou ass jo d'Diskussioun amgaange fir déi an Zukunft opzeléisen an eng Kéier e regionalen Tourismusbüro ze maachen. Den Tourismusministère ass och do Demandeur. Do war och schonn déi eng oder aner Reunioun. Déi Entente touristique du Sud soll doranner iwwergoen.

Hei geet et awer elo just ëm den „Letz Go South", deen am Juli ass, a wou am ganze Süden alleguer déi kulturell Aktivitéite sollen zesummegedroe ginn a wou dann d'Entente touristique du Sud mat dem ProSud zesumme sollen eng Broschür erausginn. Déi leschte Kéier war déi Zesummenaarbecht net iwwer eng Konventioun gekläert, esou datt et duerno net ganz kloer war, wie wat soll maachen. A fir dës Kéier Kloerheet ze hunn, huet de Büro vum ProSud dës Kéier entscheet, dem Comité eng Konventioun virzeleeë wou ganz genee definéiert ass, wat d'Entente touristique du Sud doranner mécht a wat de ProSud iwwerhëlt. Dat war am Fong geholl d'Ursaach, firwat déi Konventioun elo op d'Dagesuerdnung gesat gouf.

Jeannot Linden (LSAP):

Meng Fro war jo, ob och ee vun eise Leit, déi ech virdru genannt hunn, an däer „Fondation Bassin minier" vertrueden ass. Well et gëtt jo awer vill geschafft hei uewen. Et sinn der vill, déi maache vill manner, an déi wëlle sech awer do ervirdoen. Mee datt mer awer wéinstens ee Vertrieder dodran hätten, dat war dat, wat ech gemengt hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir de Moment net mengen ech. Ech weess, datt de Buergermeeschter René Putzeys do dra war. Mee ech mengen net, datt hien elo nach do dran ass. Dat sinn och Leit, déi „en nom personnnel" do dra sinn, dat sinn net nëmmen Delegéierter aus der Péitenger Gemeng, déi do dra sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Neen, mee et kéint ee jo awer froen, well den Interesseveräin ass jo awer ganz staark doranner. Kéint ee si net eng Kéier froen, ob si net een hunn, deen interesséiert wier fir do matzeschaffen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech schwätzen emol mat dem Pierre Gramegna, de President vun der Fondation Bassin minier, wéi d'Méiglechkeete si fir do eranzekommen.

4.1.1.

Administration générale.

Commission scolaire: démission et nomination - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif iech proposéieren, déi dräi Saache mateneen ze stëmmen. Do sinn e puer Changementer um Niveau vun deenen eenzelne Kommissiounen agetrueden, an zwar an der Schoulkommissioun, der Loyers-kommissioun an och enger Rei vu berodende Kommissiounen, esou wéi der dat och op ärem Vademecum fonnt hutt.

Den Här Albert Muller huet a verschidde Kommissiounen demissionéiert. Den Här Alain Fil och. Seng Ursaach ass déi, datt hien erausplënnert aus der Gemeng an en da souwisou demissionéiere misst well hien net méi hei wunnt. Den Här Guy Brecht huet seng Demissioun eraginn, grad esou wéi d'Madame Christiane Pimenta. Wat méi wichteg ass, wie kënnt do an hir Plaz?

An der Schoulkommissioun soll d'Madame Chantal Baulisch épouse Brecht den Här Albert Muller ersetzen, an der Loyerskommissioun soll den Här Alain Fil ersat ginn duerch d'Madame Marie-Louise Berens épouse Bouché, an der Finanzkommissioun soll den Här Albert Muller duerch den Här Marc Stoffel ersat ginn, an der Bautekommissioun soll den Här Albert Muller duerch den Här Victor Filaferro ersat ginn, an der „Commission de surveillance de l'école de musique" soll den Här Albert Muller duerch den Här Jean Schmit ersat ginn, an der Sportkommissioun soll den Här Guy Brecht duerch den Här José Gomes ersat ginn. Wat d'Ëmweltkommissioun ugeet, esou soll den Här Alain Fil duerch den Här Marc Goergen ersat ginn, deen och do d'Presidentschaft soll iwwerhuelen. An an der Kommissioun vum Drëtten Alter soll d'Madame Christiane Pimenta duerch d'Madame Jeanne Hutmacher-Calmes ersat ginn. Dat sinn déi Virschléi, déi vun deenen eenzelne Parteien eragi goufen.

Démission de M. Albert Muller: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de Mme Chantal Baulisch, épouse Brecht, comme nouveau membre de la commission scolaire: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

4.1.2.

Administration générale.

Commission des loyers: démission et nomination - décisions.

Démission de M. Fil Alain: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de Mme Marie-Louise Berens, épouse Bouché, comme nouveau membre de la commission des loyers: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

4.1.3.

Administrations générale.

Commissions consultatives: démissions et nominations - décisions.

Démission de M. Albert Muller comme membre de la commission des finances: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de M. Marc Stoffel comme nouveau membre de la commission des finances: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Démission de M. Albert Muller comme membre de la commission des bâtisses: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de M. Victor Filaferro comme nouveau membre de la commission des bâtisses: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Démission de M. Albert Muller comme membre de la commission de surveillance de l'école de musique: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de M. Jean Schmit comme nouveau membre de la commission de surveillance de l'école de musique: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Démission de M. Guy Brecht comme membre de la commission des sports et des loisirs: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de M. José Barros Gomes comme nouveau membre de la commission des sports et des loisirs: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Démission de M. Alain Fil comme membre de la commission de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de M. Marc Goergen comme nouveau membre et nouveau président de la commission de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Démission de Mme Christiane Pimenta comme membre de la commission du 3e âge: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de Mme Jeanne Hutmacher-Calmes comme nouveau membre de la commission du 3e âge: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Démission de Mme Chantal Baulisch, épouse Brecht, comme membre neutre de la commission des relations publiques: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

4.2

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 9.264.686,27 € - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der gesitt, datt do eng Rei vu Recette festgehale goufen. Déi eng ginn nach op d'Joer 2009 zeréck, déi aner op d'Joer 2010. Am Total ass dat dann eng Zomm vun 9.264.686 Euro, wou besonnesch ee Punkt ervirzehiewen ass. Dat ass den „Remboursement du Syndicat de l'hôpital intercommunal Differdange-Pétange-Bascharage", dee mer am Budget virgesinn haten a wou mer 2.161.200 Euro erëmkruten, déi mer virdrun eng Kéier investéiert haten. Dat ass nach net alles, do kann nach e Solde kommen, deen awer sécherlech net méi esou héich, mee éischter méi kleng ass, wéi deen, deen elo als Recette virläit.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hu jo awer nach eng Kéier e Solde vun 2009 an der Dotatioun kritt. An zwar vun 2.136.000 Euro. Dee war jo och net virgesinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dach, et waren 1,7 Milliounen Euro virgesinn. Dat heescht, de Chiffer, dee mer méi erakréien, dee läit bei 420.000 Euro.

Romain Rosenfeld (CSV)

Wat fir e Prozentsaz maachen d'„avertissements taxés" aus?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat sinn eigentlech 75% vun e puer Zorte vun „avertissements taxés". Zum Beispill ass dat, wann elo ee säi Billjee net hëlt op der Maartplaz, da kréie mär dovunner 75%, mee vun aneren, déi eis Pecherten ausstellen, do kréie mär näischt. Et gëtt eng Rei Saachen, déi definéiert sinn an engem Règlement grand-ducal, vun deene mer eppes kréien, vun anere kréie mer näischt. Mee wou mer sécher eppes kréien, datt ass, wann ee kee Billjee bei enger Parkauer hëlt. Mee et misst een elo genee kucken, wat nach dorënner fält. Et ass net vill.

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Travaux de renouvellement au réseau de la rue de l'Indépendance à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*335.000,00 €*
Crédits approuvés:	*305.851,08 €*
Dépense effective:	*287.900,16 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Hei hu mer den Dekont vun der rue de l'Indépendance hei zu Péiteng, déi mer jo nei gemaach hu mat sämtlechen Infrastrukturen. Der gesidd och an den Erklärunge vum Dekont, datt op verschidde Positioune kleng Iwwerschneidungen oder Iwwerschreidunge sinn, ouni awer dee ganze Kredit ze beanspruchen. Dat war haaptsächlech well do méi Réseauen an de Trëttoire louchen an datt d'Breet vum Gruef doduerch huet misse méi breet gemaach ginn. D'Refektioun huet dann och e bësse méi deier kascht. D'Uschlëss mat der rue de l'Indépendance an der rue de la Chiers ware méi komplizéiert, wéi se dat um Ufank geduecht haten. Alles an allem awer ass et eng positiv Bilanz mat däer mer do ofschléissen. Mer bleiwen ënner dem Devis an ënner de Kreditter.

Approbation à l'unanimité.

4.4.

Administration générale.

Installation d'une chapelle pour la statue Ste Barbe au parc Godefroid à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*40.000,00 €*
Crédits approuvés:	*40.000,00 €*
Dépense effective:	*35.729,80 €*

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm déi Skulptur-Kapell, déi mer d'lescht Joer fir d'Bärbel opgeriicht hunn. Mer haten hei am Gemengerot am Oktober en Devis gestëmmt vun 40.000 Euro a mer haten och déi néideg Kreditter matgestëmmt. Mer hunn d'Aarbechte gemaach, an elo leien och déi effektiv Ausgabe vir. Se leie mat 35.729,80 Euro ënner däer Zomm, déi mer am Devis respektiv am Kredit stoen haten.

Albert Muller (LSAP):

Fir d'éischt muss ech soen, datt déi Kapell, wéi se do steet, mer ganz gutt vun der Architektur hir gefält. Si sprécht u wann een se gesäit, a se ass nach méi schéi ginn, wéi se um Plang ausgesinn huet, dee mer hei am Gemengerot leien haten. Positiv kann een och gesinn, datt den Dekont séier ofgeschloss ginn ass, well et ass net ëmmer, datt Dekonten esou séier ofgeschloss ginn nodeems d'Aarbechte fäerdeg sinn.

Allerdéngs fält mer op - an dat hunn ech och schonn e puer Mol bei ähnlechen Dekonten am Gemengerot ernimmt -, datt ëmmer nees d'Zomm vun der Adjukatioun hoergenee dee selwechten ass wéi dee vun dem „corps de métier". Dat fält op, dat ass en onheemlechen Zoufall, datt dat ëmmer deeselwechte Chiffer ass. Dat hu mer zum Beispill beim Dekont vu virdrun net gesinn. Dat si verschidde Chifferen. Da kann ee sech och mat e bësse Fantasie virstellen, datt déi Aarbechten och deementspriechend ofgerechent goufen. Och wat d'Quantitéiten, d'Quadratmeter, d'Kubikmeter an esou weider uginn. Hei fält mer ebe just op, datt et hoergenee ass. Dat ass esou en onheemlechen Zoufall, an der wësst jo och, datt ech a menger Carrière laang esou Saache gemaach hunn, wéi ech hei zu Péiteng geschafft hunn. An

d'Dekonte si bei mär ganz rar esou opgaangen. Ech muss mer op d'Zong bäisse fir net méi do hannendrun ze gesinn ewéi et wierklech ass. Mee ech géif mech awer freeën, fir an Zukunft e bësse méi Dekonten ze gesinn ewéi dee virdrun, also dee vun der rue de l'Indépendance, wou ee sech ka virstellen, datt déi Saache méi seriös ofgerechent gi sinn. Well hei ass et och esou, datt den Dekont esou séier gemaach gouf, well net vill Aarbecht do war. Ech huelen d'Zomm vun der Offer an déi vum Devis vum „corps de métier", an zack hunn ech den Dekont gemaach. Méi séier geet et net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, et ass en Ënnerscheed, wann een eng Soumissioun mécht an dann duerno ofrechent. Da kann een Differenzen hunn tëscht deem, wat een als Adjukatioun ginn huet. Et stellt een eventuell fest, datt et awer e puer Quadratmeter manner sinn, an da variéiert de Präis. Der gesidd jo, wat fir Zommen hei sinn. Ech huelen hei déi décksten Zomm fir d'Madame Florence Hoffmann, vun däer mer jo déi Skulptur maache gelooss hunn. Et gouf en Devis opgestallt vun der Madame, an dat iwwer 24.978 Euro. A si huet och genee op dee leschten Euro dat bezuelt krut, wat mer am Devis mat hir ausgemaach haten. Hei gouf keng Soumissioun gemaach, hei gouf och net nach eng Kéier nogemooss. Et war eng Skulptur, déi stoung do, an déi war esou bestallt ginn. An dofir ass de Präis och ganz exakt deeselwechten ewéi deen, dee mer mat hir ofgemaach haten.

Dat selwecht gëllt och fir déi Aarbechte vun der Beliichtung. Mer hu bei Luminart e Präis ugefrot fir déi Luuchten an d'Rei gesat ze kréien. Dee Präis war 4.689,75 Euro mat der TVA, a mer hunn och d'Rechnung kritt esou wéi dat och genee ofgemaach gouf. Dofir ass et sécherlech en Ënnerscheed tëscht dem Devis an dem endgültege Präis. Mee tëscht der Commande an dem Präis ass keen Ënnerscheed, an ech freeë mech och doriwwer, well mer net méi musse bezuele wéi mer ausgemaach haten. Hei maache mer e Präis aus mat enger Firma a mer kréien och eng Rechnung iwwer dee Präis, dee mer mat hinnen ausgehandelt hunn. Et ass net méi an net manner, an dat fannen ech perséinlech ganz gutt. An et ass esouguer wënschenswäert, datt dat ëmmer esou ass. Natierlech, bei gréissere Schantercher, wou duerno nach muss gemooss ginn, wou nach genee muss nogerechent ginn a wou de Präis op eng Schätzung vun der Gréisst vun enger Fläch gemaach gëtt, do ass dat net ëmmer méiglech. Mee ech hätt grad esou gär, wann dat ëmmer de Fall wier a wa mer ëmmer kéinten déi Rechnung kréien, déi mer och am Virfeld mateneen ausgemaach hunn.

Albert Muller (LSAP):

Do ginn ech iech Recht. Ech wier och frou, wann ech Buergermeeschter wier, wann et géif esou opgoe mat den Devisen a mat den Offeren, well da komme keng Iwwerraschunge vir. Awer trotzdeem, hei ass net deen éischten Dekont, deen esou präzis ofgerechent gëtt. Dofir wollt ech dat haut och nach eng Kéier bemierken. Et muss en onheemlechen Zoufall sinn, datt et genee esou opgeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech gesinn et net als Zoufall, mee als gutt organiséiert.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass wierklech ze begréissen, datt déi Aarbecht esou gutt gelongen ass an et presentéiert jo och wierklech gutt. Ech wëll net widderhuele wat scho gesot gouf. Mee wat ze begréissen ass, dat ass, datt direkt no deenen Aarbechten alles an d'Rei gesat an den Dekont gemaach gouf. Ech mengen, dat ass deen éischten Dekont, deen ech gesinn, deen an esou enger kuerzer Zäit hei iwwer d'Bühn gelaf ass. Et wier ze begréissen, wann déi aner och e wéineg kéinten nokommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech gesinn, den techneschen Service hëlt sech zu Häerz, wat de Gemengerot gefrot huet. A mär wäerten als Schäfferot och dohannert bleiwe fir datt dat och virun esou geet.

Approbation avec 14 voix, M. Rosenfeld ayant quitté la salle.

4.5.

Administration générale.

Autorisation d'ester en justice dans un litige en matière de construction - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei ass eppes méi Ausserge-wéinleches. Als Schäfferot proposéiere mer dem Gemengerot fir wéinst enger Konstruktioun op d'Geriicht ze goen a fir endlech déi Situatioun nees hirzestellen ewéi se miisst sinn. Firwat maache mer dat dës Kéier? Fir datt een esou e Schratt geet, mussen e puer Elementer am Fong um Dësch leien. Den éischte Fakt ass, datt Leit eppes gebaut hunn, wat net erlaabt ginn ass. Den zweete Fakt ass, datt Leit eppes gebaut hunn, wat net ze autoriséieren ass well et contraire zu eisem Bautereglement ass. Den drëtte Fakt ass, datt déi Konstruktioun – dee Bëtong, deen se do gemaach hunn – och Stéierunge fir déi direkt Nopere bedeit, well déi och Schied hunn déi doduerch entstane sinn. Mer hunn dacks versicht, mat dem Besëtzer ze verhandelen an ze kucken, wéi mer déi Problematik an d'Rei kréien esou datt mer eis nees an enger Situatioun erëmfonnt hätten, déi éischtens konform zu eisem Bautereglement wier an zweetens och keng Schied fir d'Nopere géif bedeiten. Dat ass fir de Moment op „taube Ohren" gestouss. Mer hu Bréiwer geschriwwen, déi net ewech geholl goufen, a mer hunn all Moossname geholl fir ze kucken, do iergendwéi virun ze kommen. Well mer quasi oder sécher an enger Sakgaass sinn a well och d'Noperen do Schied hunn, mengen ech, mer miissten och als Gemeng eis Responsabilitéit huelen an iwwer d'Geriicht kucken, ob een net ka Schrëtt ënnerhuele fir do nees déi Situatioun hiergestallt ze kréien, déi laut eisem Bautereglement konform ass an an Zukunft kengem méi ka schueden.

Carlo Gira (CSV):

Et ass gutt, datt mer esou Beispiller setzen, well et soll net Schoul maachen, datt op eemol jidderee mengt, e bräicht keng Autorisatioun méi an e kéint opriichte wat e wéilt.

Accord à l'unanimité.

4.6.

Administration générale.

Construction d'une résidence et d'une maison unifamiliale à Rodange (PAP) - approbation de la convention avec la société BATIGEST de Bertrange.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei gëtt iech elo d'Konventioun virgeluegt. Der wësst, de PAP hate mer hei scho guttgeheescht. Opgrond vun deem PAP muss jo dann nach eng Konventioun gemaach ginn, an däer festgehale gëtt, wéi den Aménagement vun deem Deel gemaach soll ginn, deen d'Gemeng eigentlech ofgetratt kritt vum Promoteur. Dat ass haaptsächlech fir d'Trëttoiren, d'Stroossen an och d'Gréngzonen. De Präis gëtt och do festgeluegt fir d'Uschlëss un d'Kanalisatioun. All déi Saache fannt der an der Konventioun. Ech muss awer op ee Punkt agoen, well deen nächste Punkt wäert och dozou Ulass ginn. Beim nächste Punkt hu mer eng nei Konventioun opgronn vun enger Interventioun vum Inneministère. Mer

hunn eigentlech ëmmer dat, wat mer vum Promoteur ofgetratt kréien, gratis kritt. Ëmsou méi, well dat alles Saache sinn, déi d'Gemeng Sue kaschten a kaum der Gemeng eppes bréngen. Et ass awer esou, datt d'Gesetz festsetzt, datt 25% gratis sinn, an alles wat doriwwer eraus geet, muss bezuelt ginn, an zwar zu engem reelle Präis, also zum Präis, wou de Promoteur den Terrain kaf huet. Dat géif bedeiten, datt mer zum Beispill an engem PAP, wou mer Stroosse kréien, miissten esou vill bezuelen ewéi de Promoteur bezuelt huet an duerno kann als Appartement oder Wunnfläch verkafen. D'Resultat muss dat sinn, datt een hanneno seet, mer wëllen net méi wéi 25%, et sief dann, mer kréien en Terrain, wou mer kënnen eng Schoul drop bauen a wou een iergendwéi nach eng Méiglechkeet huet, dat och am Intressi vun der Ëffentlechkeet ze exploitéieren. An deem heite Fall ass dat awer net de Fall, hei si Stroossen an eng Plaz, déi aus dem PAP ervirgeet an et ass eng Gréngzon. Mer hunn awer elo en Arrangement fonnt. Der gesidd, datt mär déi Gréngzon op Käschte vun der Gemeng aménagéieren, déi eis zur Verfügung steet, an dat als Konterpartie zu deem Deel, dee mer am Fong méi kréie vum Promoteur am Kader vun dësem PAP. Déi 3% géife mer dann esou honoréieren. Domat ass de Ministère averstanen. Et sti jo hei och keng Zommen dran, esou datt mer eis dat aménagéieren, ewéi mär dat och fir gutt fannen. Et sinn eis Leit, déi dat maachen.

Mee wa mer an Zukunft PAPe maachen, wou et iwwer 25% geet – do gi Präisser vun 10.000 oder 15.000 Euro den Ar genannt -, da miissten d'Gemenge jo déck Zommen an hire Budget setze fir déi Terrainen ze kréien, wann ech all déi déck PAPe kucken ewéi dee vun Tracol zu Rodange oder een deen amgaangen ass hei uewen zu Péiteng bei Eucosider. Dat heescht, mer mussen awer och kucken, ob de Ministère genee op deen Text do pocht a seet, datt se net méi averstane sinn, datt do aner Arrangementer getraff ginn ewéi déi, déi am Gesetz virgesi sinn, an och relativ péngelech kuckt. Da si mer an der Zukunft och forcéiert – wat d'PAPen ugeet -, déi Partie, déi mer ofgetruede kréien, och op déi 25% ze limitéieren. Et sief dann, mer kréichen deen Terrain fir eng Crèche dropzebauen. An do ass och eng Gemeng bereet, eppes ze bezuele fir esou en Terrain ze kréien.

Dofir komme mer och nach eng Kéier beim Punkt 4.7. op déi Konventioun zeréck, déi mer déi leschte Kéier am Gemengerot haten an déi aus däer Ursaach vum Ministère verworf gouf. Do war och een Ar méi un d'Gemeng gaangen ewéi dat, wat hir laut deenen 25% zoustoung. Do huele mer dann dee Volet vun der Pompel, déi mer maachen, dee Kanal, a soen datt dat dann d'Kompensatioun wier. An an deem Sënn brauch dann d'Gemeng och an deem PAP net méi ze bezuelen ewéi se dat och virhat. Et gëtt dann och esou an der Konventioun formuléiert, datt dat kompenséiere géif wat mer méi kréien ewéi déi 25%.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech wollt just allgemeng eng kleng Diskussioun do féieren. Bei all deene PAPen, déi mer maachen – sief dat méi klenger, sief dat méi grousser. Bei deenen engen ass et och méi berechtegt ewéi bei deenen aneren. Dat ass mat de Gréngzonen, déi mer do maachen. Ech fannen dat gutt an et soll och eppes gemaach ginn. Mee mer lueden eis selwer ëmmer méi Aarbecht op wéi mer kënne packen. Mer hunn iwwerall kleng Plazen. Wier et net éischter besser wann ee géif regruppéieren. Also datt ee méi e groussen Ensembel kritt. Ech gesinn net an, wéi ee bei dësem grouss Gréngzone mécht. Datt een elo e Schutz géintiwwer vun den Nopere mécht wéi dat soll sinn, Okay. Mee ech mengen, mer leeën eis do Aarbechten op, wou näischt gemaach gëtt – ech wëll hei elo keng nennen a wou misst opgeschafft ginn. Mer packen et eben net als Gemeng, an dat kascht jo och eng ganz Staang Suen. Soll ee sech et net dach anescht iwwerleeën.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär sinn awer och net iwwerall Demandeur. Mer sinn och mat engem PAP amgaangen an hu gefrot fir deen ze reduzéieren. Well all déi Ecken, déi si als Promoteur net brauchen, déi soll d'Gemeng iwwerhuelen. Et muss een awer och ganz kloer an dësem Dossier soen, datt déi „commission d'aménagement", déi sech deen Dossier ukuckt, natierlech och eng ganz Rei vu Remarquë mécht. An déi si ganz dacks mat Hibléck op eng besser Liewensqualitéit geriicht mat Gréngzonen, déi solle geschaf ginn. Fir an deem Fall eng Riddo ze maachen, wou déi Leit hannendru sinn, dat fannen ech eng gutt Saach. Mee et komme sécherlech och Saachen op, déi dozou féieren - wou net nëmmen d'Gemeng Demandeur ass, mee wou opgronn vun deene Verhandlungen, déi mat der „Commission de l'aménagement" geféiert ginn -, datt mer op eemol méi wéi 25% kréien. Ech huelen emol ganz einfach dee Fall duerno. Do muss ee Reeniwwerlafbecke gebaut ginn. Wie kritt deen? Ma d'Gemeng. Wien ënnerhält en a wie muss kucken, datt keen drafält? Dat ass d'Gemeng. An da musse mer och nach déck Sue bezuele fir déi Terrainen ze kréie wa mer iwwer 25% leien. Ech mengen, dat ass awer net ganz gënschteg fir d'Gemeng. Ech hunn dem Minister dat och an engem E-Mail geschriwwen. Bon, hie seet, datt d'Gesetz eben d'Gesetz ass, an datt hie verantwortlech ass de Respekt vum Gesetz ofzesécheren. Mee ech mengen, do miisst ee sech awer emol Gedanke maachen, ob een d'Gesetz do net miisst nobesseren an datt dat do eventuell net ënner däer doter Form bestoe bleiwe kann. Well mer riskéieren, datt mer dowéinst ëmmer méi Terraine mussen opkafen, déi mer guer net wëllen, déi eis kaschten, wou mer mussen ënnerhalen, Leit astellen an och nach deier dofir bezuelen. Dat kann et awer mam beschte Wëllen net sinn.

Norbert Pierre (LSAP)

Als Schlussfolgerung wollt ech nach dat hei soen. Esou Residenzen ewéi déi do gi jo vun engem Syndic, also vun de Besëtzer, gefouert. D'Gemeng kann domat chargéiert gi fir dat Ganzt eng Kéier an en Ensembel ze bréngen, mee ech mengen, datt den Ënnerhalt duerno duerch de Syndic geschéie soll. Dee soll vun deene Besëtzer mat gedroe ginn. Et ass jo am Fong geholl an hirem Intressi. Dat Ganzt ass jo vun deene Besëtzer, déi do wunnen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech géif soen, datt esou laang et am Besëtz vun de Copropriétairë bleift, esou laang musse si et och ënnerhalen. Dat ass och e bëssen déi Richtung, déi mer an deem nächste PAP ginn. Et muss een och kucken, a wéi fern een all déi Gréngzone muss an de Besëtz vun der Gemeng huelen. Wa se an eise Besëtz kënnt, da wäerte mär awer ëmmer verantwortlech bleiwen, well mer däerfen eis keng Illusioune maachen, datt e Copropriétaire op eisen Terrain schaffe geet.

Roland Breyer, Schäffen:

Et kann een heiansdo kucken, wéi déi Residenzen do entstinn. Wann et interessant ass, wann ee vun de Copropriétairen en „Nutznießer" ass, da brauche mär dat just e bëssen ze vernoléissegen, da kommen se scho reklaméieren. Da kënne mer och soen, mer maachen eng Konventioun, dat heescht, se kënnen et selwer huelen. Do si Plazen, wou mer dat hunn. Mee wa mer esou kleng Drecksecker hunn, dann ass dorunner keen interesséiert.

Jeannot Linden (LSAP):

Just eng kleng Bemierkung. Dat do wier jo e Fall fir de Syvicol. Et si jo net mär eleng als Gemeng, mee et sinn och nach aner Gemengen, wou een emol driwwer gelies huet a wou och dat mat deenen 25% virkomm ass a wou se dann hu misse bezuelen. Déi al 118 Gemengen – et sinn der jo elo manner – déi si jo praktesch alleguer betraff.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech kann iech soen, datt de Syvicol – wéi dat Gesetz hei gestëmmt gouf – en Avis ginn hat, an dee war sécherlech net favorabel bei deem Punkt. Mee ech géif och e waarmen Appel maachen un all déi Gemengepolitiker, déi an der Chamber sëtzen a sécher 2 Drëttel ausmaachen, datt se emol kucke sollen, datt d'Gemenge bei deem Punkt och zu hirem kommen. Ech kann iech soen, datt dem Syvicol säin Avis zu dësem Punkt net positiv war fir dat esou an däer Form ze maachen. D'Gesetz ass awer esou gestëmmt ginn. Mer mussen oppassen, well aus däer Erfahrung, déi mer elo gemaach hunn, musse mer léieren. Bei eis ass et esou, datt mer beim leschte PAP gefrot hunn, wéivill mer kréichen. A wéi et geheescht huet 24,88%, do hu mär gesot, et wier an der Rei. Dat ass d'Konklusioun.

Approbation à l'unanimité.

4.7.

Administration générale.

Construction d'un lotissement à cinq maisons unifamiliales à Rodange (PAP) - approbation de la convention avec la société ATRIUM PROMOTIONS de Mondercange.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi gesot, dat hei ass déi Konventioun, déi mer schonn eng Kéier hei duerchgeholl haten an déi och hei gestëmmt gouf, mee wou de Minister se refuséiert huet wéinst deem Passage, well mer do en Ar méi kréien ewéi eis zousteet. A mär miissten dat finanziell kompenséieren. Mer hunn awer elo, an dat hutt der jo gesinn, ee Paragraph derbäi gesat - „Cession conformément à l'article 34 de la loi du 19 juillet 2004" -, an do steet elo dran, datt als Kompensatioun vun deem, wat mer méi wéi 25% kréien, d'Gemeng sech géif um Kanaluschloss vun ënnen am Brouckerwee an och un dem Uschloss un d'Pompelstatioun, déi dann de Kanal an d'route de Longwy eroppompelt, bedeelegen. Dat stoung och schonn an enger Konventioun virdrun dran. Mee dës Kéier brénge mer dat dann am Zesummenhang mat dem Artikel 34 vum Gesetz vum 19. Abrëll 2004.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Taibi Angelo pour la location d'un logement communal à Lamadelaine - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den Här Angelo Taibi huet an enger vun eise Wunnengen an der Prince Henri Strooss gewunnt. Hie lieft alleng an hat do eng grouss Wunneng. Hien huet och scho méi laang gefrot, ob mer net e klenge Studio hätte fir him zur Verfügung ze stellen. Mer konnten dat elo maachen, well zu Rolleng eng Wunneng fräi ginn ass, esou datt den Här Taibi och gewëllt ass ze plënneren. Mer leeën iech dëse „contrat de bail" vir, an zwar geet dee vum 1. Mee 2010 un. Do géif den Här Taibi op Rolleng plënneren. Do ass de Loyer 379 Euro de Mount, fir d'Garage 40 Euro a fir d'Onkäschten all Mount 90 Euro. Ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen, esou datt den Här kann an eng vun eise Wunnenge plënneren.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. José Carlos Teixeira Bastos et Mme Alessandra Do Nascimento Bezerra pour la location d'un logement communal à Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hei ass ganz ideal fir déi Wunneng. Déi kréien dann e Bail virgeluegt, wou se kënne vum 1. Mee un eraplënneren. De Kontrakt ass fixéiert op 219 Euro Loyer de Mount, d'Garage steet och dra fir 40 Euro, an d'Käschte sinn do méi grouss, well et jo och méi eng grouss Wunneng ass, a belafe sech op 145 Euro de Mount. Ech wier och ganz frou, wann der deem kéint zoustëmmen, esou datt déi Famill dann och fir den 1. Mee kéint do eraplënneren.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Propriétés.

Avenant au contrat de bail de M. et Mme Prendi-Deda Florenc et Kloreta relatif à un logement communal à Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den Här Prendi huet eng aner Aarbecht kritt, esou datt mer säi Kontrakt mussen ëmänneren. Den Här Prendi huet bis elo ëmmer 159 Euro de Mount bezuelt. En huet awer elo eng aner Pei, esou datt dann de Loyer och ajustéiert gëtt, esou datt en an Zukunft 548 Euro de Mount muss bezuelen.

Guy Brecht (LSAP):

Däerf en dann iwwerhaapt nach do wunne mat däer Pei?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mär hunn der och hei zu Péiteng wunnen, déi en héije Loyer bezuelen. Wa mer dat natierlech géife kontrolléieren, da muss ech mer natierlech och eng Fro stellen.

Guy Brecht (LSAP):

Well dat do ass awer nawell eng zimlech grouss Hausse.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, et ass eng grouss Erhéijung. Mer kënnen dat jo nokucken.

Roger Klein (LSAP):

Déi Loyere si prozentual zum Akommes, mee et ass eng ganz séier Progressioun. An den 90er Joren, wéi dat Gesetz gestëmmt gouf, war dat och fir Leit geduecht mat engem relativ gudden Akommes ze découragéieren. Well do kann de Loyer an enger Sozialwunneng emol méi héich ginn ewéi de Loyer an enger Wunneng um fräie Maart.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, dat ass och esou. Ech weess, datt mer hei zu Péiteng an eiser Residenz an der Prince Jean Strooss eng Rei Leit haten, déi net ganz driwwer waren, wéi mär de Loyer ugepasst hunn. Mee natierlech ass et esou. Mär hunn hinnen awer och gesot, datt mer net do hannendru stoe kënnen. Wann d'Akommes an d'Luucht geet, da muss de Loyer och no uewe goen. Mer mussen do upassen. Wann net, da mussen se do erausplënneren.

Lily Gansen (LSAP):

Ech géif just soen, datt mer an Zukunft vill méi streng sollte virgoe mat deenen

Zäiten déi – ech hoffen dat net – op eis duerkommen. Da kréie mer ëmmer méi Leit, déi dat do brauchen, an déi et wierklech brauchen. An duerno muss gekuckt ginn. Wa Wunnengen eidel stinn an et braucht keen se, da kuckt ee vläicht e bëssen duerch d'Fanger, mee dat kann engem duerno op de Kapp zeréckfalen. Well dat gëtt och eng allgemeng Onzefriddenheet, well d'Onzefriddenheet wäert schonn ëm sech gräifen, an da brauch et nëmmen e klenge Fonken, dann hu mer et hei an der Gemeng. Dann ass kee méi eppes wäert, dann daacht kee méi eppes. Déi Geschichte kenne mer jo. Mee dofir géif ech insistéieren, datt mer do ganz strikt an Zukunft wieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen, wa mer eis eens sinn, da miisste mer hei am Gemengerot emol e Reglement huelen, wou mer deem dann zoustëmmen. Da musse mer eis alleguer eis Wunnengen ukucken, déi mer verlount hunn. Wa mer dee Wee wëlle goen, da kucke mer se no.

Lily Gansen (LSAP):

Ass et net esou, datt mer e Reglement iwwer déi Wunnengen hunn? Da géife mer einfach d'Entscheedung huelen, datt mer dat alles enger Revisioun ënnerleeën an eis dann och dorunner halen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann de Gemengerot dee Wee wëll goen, da kënne mer dat analyséieren.

Lily Gansen (LSAP):

Majo natierlech. Entweder heescht et an Zukunft, mär maachen eng Sozialpolitik oder net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kucken och nach no, wat mer op legaler Basis kënne maachen, well mer mussen eis jo un d'Gesetz halen. Mer musse kucken, wat mer nach kënne weider maache fir Problemer, déi eventuell do bestinn, aus der Welt ze schafen.

Approbation à l'unanimité.

6.

Ordre public et sécurité.

Acquisition d'un véhicule TLF2000 pour les besoins du Service d'Incendie et de Sauvetage - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do hutt der eng Délibératioun virleie fir en TLF2000 fir eis Pompjeeën ze kafen. Am Géigesaz zu all anere Gefierer, déi mer kafen a wou keng separat Délibératioun geholl gëtt, ass hei de Wonsch vum Inneministère komm wéi mer eng Subventioun vun 50% gefrot hunn. Dunn huet et geheescht, mer miissten dofir eng separat Délibératioun vum Gemengerot huelen. Dofir läit an dësem Fall elo déi Délibératioun hei vir. Et geet eis haaptsächlech dorëm fir duerno déi Formalitéite mam Inneministère – besonnesch awer déi 50% Subventioun – ze meeschteren.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Personnel.

Revalorisation du poste d'un salarié communal - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Duerch d'Gesetz vun 1994 sinn d'Betriber verflicht en „travailleur désigné" an hire Reien ze hunn. Deen ass haaptsächlech do fir no der Sécherheet op der Aarbechtsplaz ze kucken. Déi Leit, déi do désignéiert sinn, musse sech och enger ganzer Rei Coursen ënnerwerfen, wou se dann och déi noutwenneg Kenntnisser kréien. En huet och vill Entscheedungen op der Plaz ze huele fir einfach Accidenter ze vermeiden. An deem Sënn hate mer gemengt, dee Posten e bëssen ze revaloriséieren. Et war esou, datt mer een drop hate mat enger Geselleprüfung. Opgronn vun der Verantwortung, déi en awer dréit, wollte mer déi Carrière revaloriséieren an deem datt mer en an d'Carrière vum Chef d'équipe géife mat eranhuelen. Net onbedéngt an der Carrière vum Kontermeeschter, well do normalerweis d'Meeschterprüfung gefuerdert ass. Hei an der Carrière kéint e mat enger Geselleprüfung hikommen. Et ass just eng aner Carrière.

Wann der mat däer Iwwerleeung averstane wiert fir déi Saach ze revaloriséieren an deem och no baussen e bësse méi Gewiicht ze ginn, géife mer iech virschloen, dat vum 1. Mee un ze maachen an him d'Carrière vum Chef d'équipe zouzesécheren. Dernieft géif de Poste vum „Artisan CATP" mat engem Poste vum Chef d'équipe ersat ginn.

Norbert Pierre (LSAP)

Dat do ass jo elo op ee Mann zougeschnidde ewéi de Schäffe Breyer dat elo gesot huet. Mee dat erstreckt sech jo och op aner Leit, déi Viraarbechter ersetzen oder konstant do dra sinn. Dat heescht, datt och deenen hir Aarbecht revaloriséiert gëtt an datt si och géintiwwer vun hiren anere Mataarbechter, déi si solle kommandéieren, e bësse méi Gewiicht hunn. Oder ass dat hei just fir dee Fall?

Roland Breyer, Schäffen:

Mer halen eis kloer un eisen Organigramm engersäits an och un eise Kollektivvertrag anersäits. De Kollektivvertrag regelt déi Saach, wann een de Chef d'équipe muss ersetzen. Da kritt en deem seng Punkten, e kritt deem seng Carrière déi Zäit, wou en dat mécht. Hei ass also nëmmen dee spezifesche Fall, well mer am Organigramm den „travailleur désigné" stoen hu mat der Qualifikatioun CATP, wou ëmmer CCM war. Well en awer relativ dacks an déi aner Servicer agräife muss wier et net schlecht, wann en och an der Hierarchie en Titel hätt. Dofir wollte mer e bei d'Chef d'équipe huele fir en e bësse méi erauszehiewen an och déi Carrière ze revaloriséieren. En huet Entscheedungen ze huelen, déi ouni Weideres miissten um Niveau vun engem Chef d'équipe geholl ginn.

Norbert Pierre (LSAP)

Dat hunn ech verstanen, datt dat esou soll sinn. Ech wollt just froen, ob dat och op aner Leit erweidert gëtt, déi an der Gemeng schaffen. Bon, se maachen net dat selwecht wéi hien, mee se maachen och iwwer Joere verantwortlech Aarbechten, awer se sinn an der Carrière vum Aarbechter. Se leeden awer déi ganzen Zäit Leit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do wëll ech just eppes dozou soen. Am Organigramm hu mer jo 5 Servicer, an déi Persounen déi leeden, dat ass e Kontermeeschter, wat jo nach eng Carrière uewendriwwer ass. Deem säi Ramplassang, wann de Kontermeeschter net do ass, dat ass dee Posten hei. Dat heescht, jiddereen, deen un der Spëtz vun enger Equipe steet, deen ass op d'mannst an deem Grad, wou elo deen „travailleur désigné" soll hikommen. An dofir war d'Iddi fir deen och op deen Niveau ze brénge wou déi aner schonn all sinn.

Norbert Pierre (LSAP)

Wann dat de Fall ass, dann ass dat kee Problem. A wat fir engem Grad ass deen dann?

Roland Breyer, Schäffen:

Siwen.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Personnel.

Ratification d'un contrat de travail.

Roland Breyer, Schäffen:

Et geet ëm e Kontrakt „à durée déterminée“ als Aide-éducatrice an eiser Maison Relais zu Rodange, wou mer d'Madame Chantal Stuckmann fir eng begrenzten Zäit agestallt hunn. Mer wollten de Gemengerot froen, fir eis dat ze ratifizéieren.

Lily Gansen (LSAP):

Firwat „à durée déterminée“?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hunn en „congé sans solde“, dee mer domatter wëllen opfänken.

Ratification à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat sinn déi traditionell Saachen, déi sech elo nach just op d'Musekschoul beschränken. Dat ass, wann ee krank gemellt ass an der Musekschoul, da gëtt en ersat. Hei sinn och zwee Kontrakter, wou mer fir eng kuerz Zäit e Ramplassang hu misse siche fir en aneren ze ersetzen.

Ratification à l'unanimité.

8.2.

Enseignement.

Convention de mise à la disposition temporaire de personnel socio-éducatif à durée indéterminée - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt eigentlech am Enseignement de groussen Deel vun de Leit bei de Stat eriwwer gewiesselt ass. D'Gemeng huet eigentlech kee Personal méi, dat Schoul hält. Et bleiwen awer nach e puer Ausnamen. Engersäits war et d'Madame Leisch, déi mer elo op den 1. Oktober 2010 demissionéiert hunn. Op däer aner Säit sinn et awer och nach déi Éducatricen an Éducateuren an dem Précoce, déi mär am Statut vum Gemengebeamten agestallt hunn. Déi sinn am Moment nach bei der Gemeng, an do kréie mer natierlech och 2 Drëttel vun de Käschte vum Stat erëm. Op däer aner Säit hu mer och nach den Här Henri Kleren, deem säi Kontrakt nach net gekläert ass an deen och nach net iwwerholl ginn ass vum Stat fir déi hallef Tâche, déi en och nach an der Grondschoul schafft. Hie schafft jo déi aner Halschent an der Musekschoul. Och hei miisste mer eigentlech vum Stat d'Käschten erëm kréien zu deem Taux, dee virgesinn ass. A schlussendlech sinn et eis Schwammmeeschteren, déi fir de Moment – an zanter 20 Joer – de Schwammunterrecht halen. An och fir déi miisste mer d'Käschten erëm kréie vum Stat.

An dofir musse mer eng Konventioun maachen. Bei de Punkten 8.2. an 8.3. hutt der déi Konventioun betreffend déi Leit virleien. Déi hu mer als Schäfferot ënnerschriwwen. Mer mussen se elo hei unhuelen an dann un de Ministère eraschécken, fir datt mer dann och d'Käschte fir dëst Schouljoer kënnen zeréck kréien.

John Polfer (CSV):

Ech wollt just eppes zu de Schwammmeeschtere froen. Déi behale mär jo nach. Mee wien hält dann eise Kanner an Zukunft de Schwamm-unterrecht, d'Schwammmeeschteren oder d'Schoulmeeschteren, déi jo zwou Stonne méi solle schaffen. Do zirkuléiere jo Gerüchter, wéi wann dat d'Schoulpersonal miisst maachen. Ech ka mer dat awer schlecht virstellen, datt een, dee Franséisch a Rechne gëtt, och nach Schwamme soll ginn. Ass dat e Gerücht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also a priori soll de ganzen Enseignement vun de Schoul-meeschtere gehale ginn. Mer wëssen awer, datt mer fir de Moment – och am Schoulunterrecht – nach Leit hunn, déi no dem ale Régime fueren an déi net autoriséiert sinn, de Schwammunter-recht ze halen. Mee déi nei Schoul-meeschteren hunn eng Ausbildung, an dat schonn zanter enger Rei Joeren, fir och de Schwammunterrecht ze halen. An a priori ass et esou, datt si d'Schwammen a grad esou och d'Turne sollen halen. Mer wëssen awer, an d'Erfahrung aus de leschte Joeren huet eis dat gewisen, datt grad an deem dote Beräich déi do Coursen ofgi ginn am Kader vun der Décharge, déi d'Schoulmeeschteren zegutt hunn. Déi Course ginn da vu Chargéë gehalen. Am Turne ginn dat Chargéen, déi mer agestallt hate fir dat ze maachen, an déi och an der Tëschenzäit vum Ministère iwwerholl goufen an och all déi, déi am Turnkader ersetzen an déi Stonnen halen déi vum Ministère iwwerholl ginn. Am Schwamme war d'Situatioun anescht. Do war et zanter 20 Joer d'Traditioun, datt mär eise Schwamm-meeschteren et iwwerlooss hu fir kënnen dat ze maachen. Aner Gemengen hunn och do Chargéen agestallt. Mär sinn eng vun deene rare Gemengen, déi de Schwammunterrecht vun de Schwammmeeschteren hale loossen. Et muss een och soen, datt et eng ganz Rei Gemenge gëtt, déi iwwerhaapt kee Schwammen hunn. Dat heescht, do gëtt deen Deel vum Programm guer net gemaach well keng Schwämm do ass an och well deen Unterrecht net ka garantéiert ginn.

Mär sinn op deen dote Wee gaangen. Wann natierlech – an dat ass d'Tendenz, déi de Ministère huet – lues a lues mee sécher all Personal, wat am Grondschoulunterrecht ass, vum Stat iwwerholl gëtt, dann hu mer e puer Problemer. Dat sinn haaptsächlech déi Problemer, déi ënner dem Statut vum Gemengebeamte bei eis lafen. Dat sinn engersäits eis „éducatrices diplômées“, déi am Précoce schaffen, an anersäits eis Schwammmeeschteren, déi Gemengebeamte sinn, a wou ee muss e Spezialgesetz maache fir déi ze iwwerhuelen. Bei den Éducatricë wäert et manner schwéier ginn. A bei de Schwammmeeschtere wäerten et och Leit ginn, déi eriwwerwiessele bei d'Chargéen oder bei d'Ugestellte vum Ministère, wat sécherlech bei der Pei vum Schwammmeeschter wäert en negativen Impakt hunn. Wa kee vun de Schwammmeeschteren dat wéilt maachen, de Ministère awer dorop wéilt halen, datt hätte mer op eemol 4 Schwammmeeschteren hei zu Péiteng zevill. Well fir eng Surveillance beim Basseng ze maachen, do sinn 10 der zevill. Da sinn et der héchstens 6 oder 7, déi mer brauchen. Well déi aner ginn opgefaangen duerch d'Coursen oder d'Klassen, déi se betreien.

Dat do ass sécherlech eng Diskussioun, déi an deenen nächste Méint nach eng Kéier mam Ministère muss gefouert ginn. Mer musse kucke wat dobäi erauskënnt. Op jiddwer Fall wier et fir d'Gemeng schlecht, wa gesot géif ginn, datt d'Schwammmeeschtere vun haut op muer de Schwammunterrecht net méi géifen halen. Dat géif bedeiten, datt mer Personal zevill hätten a Personal miisste bezuelen, wou mer d'Käschten net méi vum Stat erëmkréichen. Op däer aner Säit miisste mer awer dem Stat Sue gi fir aner Leit ze engagéiere fir dee Schwammcours ze halen. Och wann et nëmmen een Drëttel vun de Peien ass. Ech géif soen, dat do wier de Knackpunkt. Déi aner Léisung vun den „éducateurs(-trices) diplômé(e)s“ wäerte mer wahrscheinlech geléist kréien, an

do wier och nach d'Méiglechkeet – wann déi Problematik sech iergendwéi géif stellen -, datt mer déi géifen an eise Maison Relaisen astellen. Mer si jo amgaang, eng nei Maison Relais ze schafen. Mer brauchen nach an eiser Gemeng „éducateurs(-trices) diplômé(e)s", an do géif et nach sécherlech Méiglechkeete gi fir déi ze beschäftegen. Mee bei de Schwammmeeschtere kréie mer e Problem. Dofir muss een ofwaarden, wat dobäi erauskënnt. Fir dëst Joer ass op alle Fall déi Konventioun mam Ministère ënnerschriwwe fir zesummen ze kucken, datt mär déi Suen erëm kréie fir déi Leit, déi do déi Schwammcoursen halen, esou wéi dat fréier och war.

John Polfer (CSV):

Ech mengen, hiren Diplom, deen d'Schwammmeeschteren hunn ass jo och vum Stat unerkannt, vum Sportministère. Mee elo kann op eng Kéier jidderee soen, datt, well e Schoulmeeschter ass, en och ka Schwammcoursen halen. Bon, där sot mer elo, datt déi dat och elo musse léieren. Da kann een domat liewen.

Mee wa muer e Schoulmeeschter kënnt, dee mengt, datt een elo ufänkt mat Dauchen an der Schwämm. Wann en dat net geléiert huet, wéi soll en dat da maachen? Et gëtt a Lycéeë Leit, déi do Dauchen halen, mee ech hu se nach net gesinn. Dat ass e bësse meng Angscht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee et ass awer kloer, datt, wann haut e Schoulmeeschter – och scho virun zwee oder méi Joeren – seet oder gesot huet, e géif de Schwammunterrecht selwer halen, dann huet hien e selwer gehalen. Well hien ass laut dem Gesetz och berechtegt, dat ze maachen. Mee e muss awer de Brevet hunn. An deen hunn net all Schwammmeeschteren, déi scho méi laang Schoul halen. Well déi haten dee Brevet net fir d'Schwammen ze halen. Dat war och déi Zäit nach net esou verbreet, datt d'Primärschoulklasse schwamme gaange sinn. Haut sinn et der ëmmer méi, déi schwamme ginn. An haut ass dee Cours dann och am Kader vun der Formatioun vun de Schoulmeeschtere mat ofgedeckt. Mee wa muer e Schoulmeeschter seet, e géif gären d'Schwamme selwer halen an dofir d'Geschichtsstonn ofginn, da mécht en dat. Deen ass fräi fir dat ze entscheeden. Da géif ech déi zwee Punkten 8.2. an 8.3. zesummen zur Ofstëmmung ginn, well et ass genee dat selwecht. Et si just 2 Konventiounen, wat dat Ganzt regruppéiert.

Approbation à l'unanimité.

8.3.

Enseignement.

Convention de mise à la disposition temporaire de chargés de cours à durée indéterminée - approbation.

Approbation à l'unanimité.

8.4.

Enseignement.

Règlement d'occupation des postes pour les instituteurs (m/f) - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee Punkt huet och eng méi laang Viraarbecht gebraucht. Dat ass den Artikel 38 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Grondschoul. Doranner gouf festgehal, datt d'Gemeng en „règlement d'occupation des postes pour les instituteurs" miisst stëmmen, an e miisst och vum Minister guttgeheescht ginn. Mer hunn do déi néideg Viraarbecht zesumme mat de Schoulmeeschteren, mat de „comités d'écoles", mat hire Presidenten, mat dem Inspekter a mat der Schoulkommissioun gemaach. Den Text, deen do virläit huet de Moment de Konsens vun enger grousser Majoritéit vun de Schoulmeeschteren a vum Inspektorat fonnt. Dofir ginn ech dovunner aus, datt dat och indirekt fir den Éducatiounsministère gëllt. Dat ass dat, wat der als Reglement virleien hutt vun der Säit 91 bis op d'Säit 96 vun ärem Vade mecum. Et géif elo drëm goen, datt mer déi néideg Schrëtt kënnen huele fir déi nächst Schoulorganisatioun ze preparéieren a fir dat hei am Gemengerot ofzeseenen an och vum Minister guttzeheeschen. Déi Regelen, déi mer elo hei opsetzen, ginn och net wäit aus de Féiss am Verglach mat deem, wat mer schonn ëmmer haten.

Eng wichteg Ännerung ass, datt, wat de Spezialunterrecht ugeet, mer eng speziell Dispositioun hunn. Et muss een 4 Joer dra bleiwen, wann een eng Spezialklass wielt. Fréier huet een eng Nominatioun vum Minister krut fir an de Spezialunterrecht. A wann ee wollt erausgoen, dann huet een nees mussen demissionéiert gi vum Minister. Dës Kéier ass dat net méi esou well de Spezialunterrecht en integralen Deel vun der Grondschoul ass. An doduerch solle mer eis do selwer Regele ginn, datt, wann een de Appui, den Accueil hëlt, an een e Rescht behält dat Joer drop net nees ee mat enger méi héijer Senioritéit engem dee Poste kann ewech huelen. Op däer aner Säit huet een esou och eng gewësse Verflichtung fir eng gewësse Kontinuitéit anzehale wann een esou en Engagement ageet. Esou muss een och e puer Joer bleiwen, a mer hunn eis op 4 Joer geeenegt tëscht dem Inspektorat, de Schoulmeeschteren an der Gemeng. Dat ass no laangem Hin an Hier festgehale ginn. Mer hunn awer eng Dir opgelooss, fir datt een dat kann ännere mat der Zoustëmmung vum Gemengerot. Et muss een eng Demande stellen, an de Gemengerot muss dat selwer entscheeden. Et ass e bësse ähnlech wéi dat, wat mer elo virdrun haten. De Minister konnt jo och eng Demissioun vun engem Schoulmeeschter am Spezialunterrecht unhuelen. Mer haten dat jo och schonn hei am Haus. Et ass also eng relativ Kontinuitéit an deem Reglement. Et ass just mat deenen neien Dispositiounen opgesat ginn.

Wéi gesot, ech kann nach eng Kéier behaapten, datt et e Konsens ass an datt deen een oder aneren net ganz zefridden ass. Der hutt jo och e Bréif fonnt, wou een eng Remarque gemaach huet, déi awer net zeréckbehale gouf. Dat hei huet de Konsens fonnt bei all den „comités d'écoles", bei dem ganz groussen Deel vun de Schoulmeeschteren, beim Inspektorat, an och mär als Gemeng kënne mat deem System liewen. Dat léisst eis eis Schoulorganisatioun an den nächste Joeren an enger gewësser Ausgeglachenheet organiséieren.

Accord à l'unanimité.

8.5.

Enseignement.

Bilan financier des Classes de Neige 2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, mer ware mat enger grousser Zuel vu Leit op Mariazell. Dat war vum 21. bis zum 30. Januar 2010. Do sollten eigentlech 201 Schüler matgoen. Et sinn der schlussendlech 174 matgaangen. Am ganzen hutt der Ausgabe vun 121.312 Euro. Dat gläicht deem, wat mer eigentlech als Budget opgestallt haten. 34.600 Euro gi vun den Elteren iwwerholl, an 86.000 Euro ass dee Punkt, deen d'Gemeng iwwerhëlt. Well mer eng Avance vun 45.000 Euro bezuelt hunn, bleift elo nach e Rescht vun 41.712 Euro, deen no dëser Délibératioun iwwerwise soll ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wéi der wësst, sinn ech kee ganz grousse Frënd vun de Schnéiklassen. Ech wollt awer froen – well et awer

relativ deier ass, an ech mer virstelle kann, datt dat och ëmmer méi deier gëtt -, ob mer eis net scho Gedanke gemaach hu fir Alternativen ze fannen an amplaz vu Schnéiklassen en anere Genre vu Schoulvakanze mat de Schoulen ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech kann iech soen, datt mer amgaang sinn, Alternativen ze sichen. Donieft hu mer jo och schonn Naturklassen, déi jo am Budget virgesi sinn. Am Kader vum Budget gi jo och schonn zanter Joere Klassen hei zu Lëtzebuerg respektiv op d'belsch Küst e puer Deeg fort. Dat sinn awer Klasse vum 1. bis d'5. Schouljoer. Och do ass den Undrang net ganz grouss. Et sinn eng hallef Dose Klasse vun 78 oder – wann ech dat 6. Schouljoer ewech rechnen – vun 68 Klassen. Dat heescht, et si just 10% vun de Schoulmeeschteren, déi dovunner Gebrauch maachen. Wann dat sech natierlech géif entwéckelen, da kéint een driwwer diskutéiere fir dat anert ewech ze loossen. Mee fir de Moment ass nach ëmmer – mer wäerten och dat Gespréich dës Woch nach eng Kéier mat de Membere vun de Schnéiklasse féieren – d'Demande vum Léierpersonal an och den Intressi an de Klassen do fir do matzegoen. Ech mierken net, datt vun däer do Säit eng Reduktioun ze erwaarden ass. Bon, ech gesinn eis als Schäffen- a Gemengerot awer schlecht dës Saach blockéiere wann d'Elteren an d'Léierpersonal dat do wëllen am Kader vun hirer Schoulorganisatioun maachen. Mär féiere regelméisseg Gespréicher doriwwer, mer maachen och Bilanzen doriwwer, mee et geet net dorauser ervir, datt do iergendwéi dat soll oder miisst an eng aner Richtung goen. Am Géigendeel, déi aner Saachen, déi mer ubidden, ginn net an deem Mooss an Usproch geholl.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat ass jo normal bei enger Diskussioun mat enger Associatioun, déi „Association Classes de Neige de la Commune de Pétange" heescht. Ech ka mer net virstellen, datt eng Associatioun, déi esou en Numm dréit, géint Schnéiklassen ass. Soss géif se net esou heeschen. Op däer aner Säit ass näischt aneschters do. Fir déi Kanner an deem Alter an an deem Schouljoer gëtt et nëmmen d'Schnéiklassen, an dofir gëtt et déi Associatioun. Wa mär géifen eppes aneschters ubidden amplaz vun de Schnéiklassen, da géifen se och enzwousch anescht higoen. D'Stad Lëtzebuerg huet et no laangen Diskussioune fäerdegbruecht fir hir Schnéiklassen duerch eng Alternativ ze ersetzen. Ech fannen, datt et fir Kanner an deem Alter aner Saache ginn, déi net wäit ewech sinn a wou een zum Beispill an Däitschland kann higoen. Do sinn d'Kanner sënnvoll beschäftegt fir hiren Alter. Ech mengen, dat kann een net vergläiche mat deenen Alternativen, déi mer am 1. an am 2. Zyklus hu fir déi Kanner, déi méi jonk sinn, a wou mer an d'Éislek fueren. Ech mengen, dat soll ee bäibehalen. Mee fir déi Kanner, déi elo an d'Schnéiklasse ginn, do sollt een eppes aneschters proposéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass kloer, datt mer net eleng mat der „Association Classes de Neige de la Commune de Pétange" diskutéieren. Mär diskutéieren haaptsächlech mat de Schoulmeeschteren, déi jo och an däer Associatioun vertruede sinn, doriwwer wat opportun ass. Et verhënnert awer näischt datt, wann déi zur Konklusioun kéimen, datt ee keng Schnéiklasse mee Naturklasse sollt maachen, da wier déi Asbl och séier ëmbenannt. Da géif se net méi „Association Classes de Neige de la Commune de Pétange" mee „Association Classes de Nature de la Commune de Pétange" heeschen. Ech mengen net, datt den Numm vun der Associatioun den Ausschlag gëtt op dat, wat mer maachen. Déi Diskussioun, déi mer mat de Schoulmeeschtere féieren ass déi, ob mer an dëser Richtung weiderfueren, ob si der Meenung sinn, datt mer de Kanner dat sollen ubidden oder ob mer sollen eppes aneschters ubidden. Also vun der Gemeng hirer Säit aus wier de finanzielle Punkt dee selwechten, et wier nach vläicht méi gënschteg wa mer eppes anescht géife maachen. Wat se maachen, dat sollen awer haaptsächlech d'Schoulmeeschtere respektiv d'„comités d'écoles" virschloen.

Op däer aner Säit ass dann déi Associatioun do, déi dat begleet an deen néidegen administrativen Encadrement mécht. Mee ech mengen, et wäert näischt drun änneren ob dat elo Schnéi- oder Naturklassen heescht. Et muss een awer oppassen, datt et vum Léierpersonal a vun de Kanner gedroe gëtt. Well wa mer elo eppes aféieren als Gemengerot wat déi aner net wëllen, da geet dat ganz séier schief. Mer si jo awer vun der Mataarbecht vun de Schoulmeeschteren a vun all deeene Moniteuren a Monitricen, déi matginn, ofhängeg, datt dat do klappt. Mer hate jo schonn eng Kéier virun 10 Joer eng Ëmfro bei den Eltere gemaach, an déi war zu 80% oder 85% fir d'Bäibehale vun de Schnéiklassen. Mer kënnen och nach eng Kéier esou eppes maachen. Mee ech warnen awer virdrun, eppes als Gemeng ze maachen, wat déi aner guer net wëllen. Dat geet mat Sécherheet schief.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech mengen, an däer Diskussioun ass een Haaptacteur vergiess ginn. Där sot, d'Léierpersonal wier den Haaptacteur.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An d'Kanner mat den Elteren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well een Haaptacteur sinn d'Elteren. An ech weess aus sécherer Quell bei der Zesummesetzung vum Statsbudget, datt d'Zuel vun den „élèves nécessiteux" landeswäit enorm an d'Luucht gaangen ass am Verglach mat der Zesummestellung vum leschte Statsbudget. An ech ka mer virstellen, datt dat och hei zu Péiteng de Fall ass. Et ginn der ëmmer méi, a wa se mussen an d'Schnéivakanz goen, da brauchen se e Schikostüm an Dëst an Dat. Wa se géifen an iergend eng Ëmweltvakanz an Däitschland goen, da brauchen se nëmmen eng Koppel kuerz Boxen an e puer T-Shirten. Vill Eltere kënne sech wierklech – dat ass elo kee Geck – esou extra Kleeder fir d'Schivakanz leeschten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass ganz kloer, an do ass och eng Léisung do. D'Associatioun vun de Schnéiklassen ass gutt organiséiert. Si hunn eng ganz Rei Schikostümer, déi se deene Kanner zur Verfügung stelle kënnen. Dat eenzegt, wat dës Leit musse maachen ass, datt se se botze loossen ier se se zeréckbréngen. Dat heescht, dee Käschtepunkt ass an der Rei. A wann et wierklech e Schüler ass dee guer net net ka goen, dann ass och ofgemaach, datt do dee finanziellen Deel iwwerholl gëtt vun der Gemeng. Der hutt och um Bilan gesinn, datt een esou e Fall do war, an datt deen déi Participatioun nëmmen zu engem Deel muss bezuelen.

Dat ass awer egal wou mer higinn, well dat ass sécherlech e Problem well mer ëmmer méi däer Kanner wäerte kréien, déi sech dat net kënne leeschten. Do si mär jo als Gemeng do, a mer hu jo och nach den Office social. A wann et net den Office social ass, dann hu mer relativ einfach Strukture fir dat do ze behiewen. Mee dat huet awer elo näischt mat de Schnéi- oder Naturklassen ze doen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat huet direkt näischt domatter ze doen. Mee däer wësst och, datt do nach e gewëssen Houfert vun de Leit besteet. Et gi ganz vill Leit, déi net wëllen dorop zeréckgräifen an déi sech

wierklech schumme fir dorop zeréck ze gräifen.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt froen, ob déi Verantwortlech vun de Schnéiklassen net gesot kréien, wéi héich déi Enveloppe ass, déi si zur Verfügung gestallt kréie fir dat do ze organiséieren an iwwer d'Bühn ze zéien. Oder ëmgedréint, ob se gesot kréien, datt se eng gewëssen Enveloppe net iwwerschreide kënnen. Well ech mengen, déi Enveloppe gëtt Joer fir Joer iwwerschratt, an et wier jo sécherlech och par analogie zu deem, wat virdru vun der Kapell gesot ginn ass, gutt fir de Buergermeeschter fir ze wëssen, datt déi Enveloppe net iwwerschratt gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also wat kloer ass, dat ass, datt mär hei am Gemengerot mussen den Devis stëmmen. Hei si mer an der Enveloppe vum Devis, dee mer gestëmmt hunn. Deen ass dëst Joer sécherlech méi héich wéi d'lescht Joer, ebe well méi Kanner matgaange sinn. Mer hunn och viru kuerzem d'Zuel vun den Nuechten dohanne reduzéiert. Virdrun hu mer 10 mol do geschlof, elo sinn et der nach 9. Mär behalen dat schonn am Aen. De Gemengerot huet och d'Recht fir, wann dee Punkt hei zur Diskussioun kënnt, am Kader vum Budget, dee gestëmmt gëtt, ze soen, datt en dat gäre reduzéiert hätt. Ech muss awer soen, datt mer einfach duerch d'Kannerzuel, déi dëst Joer wesentlech méi héich war wéi d'lescht Joer, méi héich leien. Dat nächst Joer wäert d'Kannerzuel awer nees erof goen. Mer hunn an deenen nächsten 4 oder 5 Joer Fluktuatiounen dran. Dat heescht, dat hei ass reng net op de Käschtepunkt pro Nuecht oder d'Loune vun de Schi bezunn, mee reng op déi global Enveloppe, déi bedéngt ass duerch eng méi héich Kannerzuel. Dofir hu mer jo mussen e fënnefte Bus mathuelen, an dat huet effektiv extra Käschte bruecht. Pro Kapp ass et awer net méi deier ginn ewéi déi Joere virdrun.

Lily Gansen (LSAP):

Jo, lo ass dat eng ganz Diskussioun ginn iwwer d'Schnéiklassen. Meng Meenung ass jo bekannt. Ech si ganz dacks averstane mam Här Becker. Mee hei ass hien dergéint an ech sinn derfir, an ech bleiwen och derfir. Ech soen och firwat. Wann een och hei héiert, da ginn et vu Joer zu Joer méi „élèves nécessiteux", dat beäntwert schonn e groussen Deel vun der Fro, well déi Kanner kéinte bestëmmt ouni esou eng Initiativ ni Schi gesinn. Dat ass sonnekloer. Dofir ass dat fir mech enorm wichteg. Jidderee ka seng Meenung hunn. An dat mat de Schikostümer, do wëll ech just soen, datt se eng waarm Box brauchen, déi se och heiheem kënnen undoen, an en Anorak. Déi Schigeschichte mat deene sophistikéierte Kostümer, dat ass totale Quatsch an et wiisst an de Käpp vu villen Elteren a weider glat net.

Wann d'Gemeng aner Aktivitéiten ubidd – an do sinn ech net dem Här Becker senger Meenung -, do sinn ech der Meenung, datt dat net esou gutt opgeholl gëtt. Well ech kommen aus enger Organisatioun, wou ech aus Sachkenntnis eraus ka schwätzen. Wa mär eng Schivakanz ubidden, dann ass déi laang voll an déi aner kommen emol nach net a Fro dofir. Et muss een d'Realitéite gesinn. Engem seng eegen Ideologie huet näischt doranner verluer.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mär léieren de Kanner Ëmwelterzéiung an der Schoul an da gi mer mat hinne Schi fueren. Se sollen eng Kéier am Summer mat de Kanner kucke goen, wann do d'Bullislawinen de Bierg erofgelaf komme wou mär mat de Kanner Schi fuere ginn.

Lily Gansen (LSAP):

Här Becker, ech hunn iech schwätze gelooss, da kéint där mech och schwätze loossen. Neen, da musst der och alles ofsoen, wat Meeschterschafte sinn. Ech sinn der Meenung, an ech kucken och nëmmen duerno, datt vill Kanner eppes solle gebuede kréien, wat se am Liewe soss net kéinte gebuede kréien. Mee dat war awer guer net meng Fro. Ech war ganz erstaunt, wéi ech gesinn hunn, datt mer en Dokter mat haten. Ech kontestéieren dat guer net wann en Dokter matgeet. Mee ech sinn do erstaunt iwwer déi 4.000 Euro Käschten. Op der Plaz selwer zu Mariazell miisst jo en Dokter sinn. Mär gi jo och bei déi Organisatiounen an d'Schwäiz, mee mer huelen awer keen Dokter mat. Net datt ech dat iwwerflësseg fannen, well alles wat zur Sécherheet vun de Kanner bäidréit ass och gutt. Mee et ass fir mech wierklech eng horrent Zomm. Op enger aner Plaz steet och nach en Auto. Do hunn ech geduecht, datt se och nach en Auto bräichte fir hin an hier ze fuere wann e Kand eppes huet, an dowéinst wier den Dokter matkomm.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bis elo, also an deene leschten 20 Joer, ass ëmmer en Dokter matgefuer. Deen Dokter huet dat ëmmer gratis gemaach, wat jo net eng Selbstverständlechkeet war. Elo huet deen Dokter aus familiäre Grënn net kënne matgoen, a mär waren awer der Meenung – an dat war och am Budget virgesinn -, datt et wichteg wier fir en Dokter op der Plaz ze hu wann ee mat 200 Kanner fortfiert. Dat war och d'Demande vun der Associatioun an de Schoulmeeschteren, datt si een dobäi hätten. An am ganze Budget mécht dat do elo net esou vill aus. Sécherlech, et kann een higoen a soen, datt och dohannen Doktere sinn. Mee ob déi prett stinn, dat ass eng aner Fro. Well dohannen ass awer all Owend eng méi lass, wéi ech mer dat och erkläre gelooss hunn. Deen een huet den Hals wéi, deen aneren huet do e Bobo, an do ass et wichteg, datt en Dokter op der Plaz ass. Ech ka mech u Fäll erënneren, wou keen Dokter matgaangen ass, an dat war net esou gutt ausgaangen. An dofir mengen ech, datt an deem ganze Budget vun 121.000 Euro dat do en onwesentleche Faktor ass, deen awer wichteg ass, datt do eng gewëssen Assurance fir d'Elteren do ass a fir datt si wëssen, datt eng medezinesch Betreiung derbäi ass.

Lily Gansen (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech sinn absolut averstane mat ären Ausféierungen. Ech sinn och un éischter Plaz fir d'Sécherheet vun de Kanner. Mee déi Zomm erféiert mech awer. 10 Deeg, 4.000 Euro, dat ass net näischt. Ouni datt ech déi Zomm do wëll kontestéieren, kënnt se mer awer komesch vir. Mee et ass mer méi komesch virkomm, datt do keen Dokter op der Plaz wier. Mär ginn och op Bregenz a Salzburg, an iwwerall ass en Dokter. Dofir hunn ech mech gefrot, ob zu Mariazell keen ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et sinn Hausdokteren do, mee déi kriss de awer net op d'Plaz. Wann do owes um 6 Auer d'Kanner an der Rei sti fir bei den Dokter ze goen, dann hutt der keen Dokter op der Plaz. Bon, et ass eng Fro, déi ee sech ka stellen. Ech sinn éischter dofir, datt en Dokter matgeet.

Lily Gansen (LSAP):

Owes wann se an der Rei stinn, dat kenne mer och. 30 oder 40, engersäits hunn se wéi, anersäits hätten se just gären eng Bonbon fir ze suckelen. Looss mer elo mol déi Saachen huele wéi se sinn. A wann een se e bëssen tréischt, dann ass dat an der Rei. Mee a schwéiere Fäll muss een natierlech en Dokter hunn. Dat huet mech e bësse gestéiert, datt do kee soll sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt iech just nach op eppes opmierksam maachen. Op der Säit 101, do steet den Total vun den Ausgabe mat 121.312 Euro, an

dorënner 34.600 Euro, an dann huelen ech un, datt déi 100 Euro nach derbäi kommen. Da géif et ënnen 86.612 Euro an net 86.712 Euro ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei hu si eis eraginn. Da kréie si 100 Euro manner. 41.712 Euro kréien se iwwerwisen, da mussen se mat deenen aneren 100 Euro eens ginn.

Wat heescht deen „accompte non remboursé". Mer klären dat do. Da kréien se déi 100 Euro manner oder se kréien se déi aner Kéier manner iwwerwisen. Mee ech hunn dat net esou verstanen. Ech hunn dat esou verstanen ewéi wa si Akkonte bezuelt hätten, déi se net erëm kruten, well et sinn eng Rei Kanner a leschter Minutt net matgaangen.

Ech géif och nach eppes gäre bäifüge wat de Bus ugeet. Dat war eng Problematik, déi mer dëst Joer haten an déi dat anert Joer net méi wäert virkommen. Well mer esou vill Kanner haten, waren se an zwee Haiser opgedeelt. A fir net ëmmer mat deem grousse Bus tëscht deenen zwee Haiser hin an hier ze fueren, ass dee klenge Bus mat dorower gaangen. Wa mer dat anert Joer zu net esou vill Kanner sinn, da wäert dat do och net de Fall sinn.

Accord avec 14 voix contre 1 voix (Déi Gréng).

8.6.

Enseignement.

Aménagement d'une salle de classe à l'Ecole 'Am Park' à Pétange - approbation du devis et vote d'un crédit spécial.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo allgemeng bekannt bei eis an der Gemeng, datt et eis ëmmer u Schoulklasse feelt. An der Park-Schoul hate mer nach ee Sall uewenop, deen net renovéiert gouf wéi mer do alles erneiert hunn, esou datt mer elo geduecht hunn, datt mer deen och elo géifen aménagéieren. D'Demandë sinn och komm, datt mer Schoulsäll brauchen. Mer hu geduecht, mer géifen dann och dee Sall elo esou aménagéieren ewéi déi aner an der Park-Schoul. Et ass uewen um leschte Stack. Déi géing dann och geholl gi fir – si schreiwen dat esou -: „...une nouvelle classe sera nécessaire au personnel enseignant de l'école". Duerno muss een da kucken, fir wat fir Zwecker dee genotzt gëtt, well och deen Här, dee Musek gëtt, waart op e Sall.

E geschatenen Devis hutt dir virleien. Deen ass zimlech detailléiert. Mer kommen am ganzen op eng Zomm vun 60.000 Euro. Wann der domatter averstane sidd fir dësen Devis ze stëmmen, da kéinte mer och eventuell schonn an der grousser Vakanz dee Sall aménagéieren.

Albert Muller (LSAP):

Ech ka mer net hëllefen, mee all Joer stellt den Här Buergermeeschter dem Conseil hei e Budget vir, dee mat vill Fachwëssen opgestallt gëtt, deen zimlech detailléiert ass a wou och all Facette beliicht ginn. Wat dann dobäi erauskënnt ass e Budget, deen am Gläichgewiicht ass a wou och all Mënsch frou ass an en deement-spriechend zoustëmmt oder sech enthält. Mee mer si frou, datt de Budget opgeet an datt en am Gläichgewiicht ass.

An dann op eng Kéier am Laf vum Joer gëtt et nees banal. Virdru sinn technesch all Mëttele gebraucht gi fir dee Budget ze presentéieren, esou datt jiddereen „wow" seet, datt de Buergermeeschter eppes vun de Finanze kennt an de richtege Mann op der richteger Plaz ass. A jiddereen ass frou. Mee am Laf vum Joer gëtt et da banal, an dat kënnt ëmmer nees e Saz an den Délibératiounen erëm, dee mer och kennen an dee mär als Beamten – oder als fréiere Beamten – immens praktesch fannen, an zwar „... cette dépense supplémentaire pourra être assumée par les fonds disponibles." Op eng Kéier ass de Budget net méi am Gläichgewiicht. Da si Fongen do, déi et erlaben, Aarbechten auszeféieren, déi vergiess goufen oder déi schlecht geplangt waren oder déi ganz einfach aus aner opportunistesche Grënn gemaach ginn. Dann heescht et hei, mer hunn awer nach Sue genuch fir dëst oder dat ze maachen. Ech muss soen, datt ech als Beamten och frou war fir op dee Saz zeréckzegräifen, awer haut, wou ech op dëser Säit vum Dësch sëtzen, gëtt et mer ze denken. Ech kann net op däer enger Säit e Budget presentéieren, deen am Gläichgewiicht ass a wou all Mënsch zefridden ass, an da gëtt am Laf vum Joer op esou dehnbar Formulatiounen zeréckgegraff. Dofir wëll ech dat och emol eng Kéier kritiséieren. Dat kënnt och nach eemol an enger Délibératioun méi spéit vir, wou mer iwwer dee Chalet schwätzen, dee vum CIGL soll gebaut ginn. Et ass dat, wat ech mat menger Interventioun wëll kritiséieren.

Et kënnt nach eppes derbäi. Am Laf vum Joer ginn esou Kreditter wéi déi hei zousätzlech gestëmmt. Anerer ginn net gebraucht. A wann den Dekont virgestallt gëtt, da reiwe mer eis alleguer d'Hänn – virun allem eise Schäfferot, dee seet, mer hunn nees eng Kéier esou vill konnten aspueren. Wat jo net esou realistesch ass. Dofir nach eng Kéier, meng Interventioun zu deem Malaise fir ëmmer dorop zeréckzegräifen an ze soen, datt d'Finanzen et erlaben esou Aarbechten ze maachen. Mee et soll versicht ginn am Virfeld sämtlech méiglech Schantercher an Ausgaben ze erfaassen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bon, ech mengen dat ass eng finanztechnesch Fro, op déi ech ganz gäre géif äntwerten. Ech sinn net een, dee ganz gären an d'Vergaangenheet zevill wulle geet, mee ech muss feststellen, datt an deene leschte Joeren déi Kreditter, déi nogestëmmt hu misse ginn, sech an engem ganz bescheidenen a ganz enke Kader beweegt hunn, an datt dat net mat deem ze vergläichen ass mat deem, wat mer vläicht viru méi laange Joere kannt hunn.

Datt mer dat ganz ewech géif kréien, do däerf ee sech natierlech kenger Illusioun higinn. Et kommen ëmmer Saachen a leschter Minutt, déi een net am Viraus gesäit an déi nach net prett si wann de Budget virgestallt gëtt. Da gëtt gekuckt, ob een dat nach ka maachen oder net. Dat muss awer an engem ganz enke Kader bleiwen. An datt dat net nëmmen einfach e Sproch ass, wat do steet, wëll ech dann hei och mat Zuelen ënnerleeën.

Dee leschte Budget huet sech net am Gläichgewiicht ofgewéckelt, mee beim leschte Budget war e Boni vun 456.533,21 Euro festgehalen. Bis elo sinn zwee zousätzlech Kreditter gestëmmt ginn, Spezialkreditter, déi eigentlech am urspréngleche Budget net virgesi waren. Dat eent war d'„construction d'un nouvel auvent" an dem Neiwiss-Gebai. Dat war den 25. Januar, an do hate mer de Budget nach net do. Mer hunn do an der leschter Minutt gesot, mer géifen och déi Schutzdiecher maachen. Am urspréng-lechen Devis, dee mer festgehalen haten an op dee mer eis baséiert hu fir de Budget opzestellen, waren déi net virgesinn. An den 25. Januar huet de Gemengerot eestëmmeg guttgeheescht fir déi och ze erneieren. An dofir ass dann och deen zousätzleche Kredit gestëmmt ginn.

Hei ass elo deen zweete Kredit. Mer hate fir de Moment nach Disponibilitéi-ten am Budget. Et ass eng Ufro komm am Kader vun der Schoulorganisatioun 2010/2011 fir nach e Klassesall – esou

wéi d'Madame Conter dat scho gesot huet – ze schafen. Mer hunn analyséiert, ob mer d'Mëttelen hätten. Mer haten d'Mëttele mat deenen 456.533,21 Euro minus 230.000 Euro. Et waren dee Moment also nach ronn 226.000 Euro do. Elo ginn 60.000 Euro do ewech geholl fir déi Aarbecht hei ze realiséieren, esou datt mer nach 166.000 Euro disponibel hunn. Ech kann iech awer elo scho verge-wësseren, datt, wa mer elo den definitiven Dekont vun 2009 maachen, d'Réserve vun der Gemeng wesentlech méi héich wäert leie wéi dat, wat hei steet. Mer kënnen do ouni Weideres soen, datt mer all dat gedeckt kréien, wat bis um Enn vum Joer nach eventuell kéint komme vun zousätzlechen Ausgaben.

Nach eng Kéier gesot, dat ass keen einfache Sproch. Dat ass ganz kloer. Mat deenen 456.000 Euro, déi mer um Enn vum Joer beim Budget als Réserve haten, kënnen déi zwou Saachen, déi hei am Gemengerot virgestallt goufen – dat hei ass jo déi zweet Saach -, ofgedeckt ginn.

Albert Muller (LSAP):

Mer wëssen et jo, an däer hutt et jo selwer gesot, dat ass den Daach vun dem neie Keelenzenter, dee jo soll opgeriicht ginn. Et kommen och nach aner Ausgaben op eis duer. An den Délibératioune stinn déi jo, an dee Kredit geet duer fir mat den Aarbechten unzefänken. Et seet eis jo automatesch tëscht Klameren, datt do nach en zousätzlechen Devis kënnt an datt nach iergendwann nogestëmmt gëtt. Et si kleng Zommen, ech sinn och averstane mat iech. Mee ech hunn och einfach e bëssen dovunner profitéiert fir drop hinzeweisen, datt een awer soll – och wann een e Budget mat esou vill Léift an esou vill Detailer virstellt -, versichen, esou Saache mat eranzekréien. Hei mat de Schoulmeeschteren, dat ass ganz speziell. Dat weess ee vun Ufank un, datt do iergendwann déi Säll, déi nach fräi stinn, aménagéiert musse ginn, esou datt dat net einfach elo vun haut op muer geschitt ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech weess zwar net, wat den Här Muller domatter mengt, datt elo grad an deem heite Fall nach e Kredit muss nogestëmmt ginn. Hei si mer jo awer ganz explizit. Et geet jo och elo schliisslech nëmmen ëm ee Klassesall. Wa mer elo mat deene Berechnungen hei op 60.000 Euro kommen, da kann ech mer net virstellen, datt mer fir deen ee Sall net nach eng Kéier e gréissere Kredit miissten nostëmmen. Et steet jo alles hei dra wat mer brauchen.

Albert Muller (LSAP):

Jo, ech hunn e bësse schnell geschoss. Ech hunn an deem heiten Dossier nach eng Délibératioun gesi wou dra steet, datt déi Kreditter duergi fir mat den Aarbechten unzefänken. Ech denken, datt mer am Laf vum Moien nach dorop kommen, da kënne mer jo nach eng Kéier drop zeréck kommen. Mee hei ass et richteg, do hutt der Recht.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hu virun enger kuerzer Zäit Säll uewenop aménagéiert. Waren dann do keng Demandë vum Léierpersonal do fir deen heite Sall och ze kréien. Wéi kënnt et, datt se elo op eemol froen, fir dat doten nozemaachen? Dee Sall war jo do, et ass jo net esou, datt dee Sall net do war. Mee datt elo op eemol esou eng Demande kënnt fir dat och ze kréien, fannen ech verwonnerlech.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech kann iech soen, datt deemols, wéi dee Projet gemaach gouf, deen ee Volet – deen do – realiséiert gouf. An do war an Aussiicht gestallt ginn, datt een eventuell kéint an enger zweeter Phas Aarbechte maachen, wou een nach méi wéi ee Sall op deem Eck do kéint ausbauen. Da miisst een awer de ganzen Daach ausbauen. Dat ass awer an dëser Phas nach net noutwenneg an net méiglech, an dofir si se elo schonn eng gewëssen Zäit amgaang fir ze soen, datt do e Raum besteet, deen an engem gréissere Projet geplangt war, an zwar fir dee ganzen Eck nei ze maachen. Mee dee Raum do steet awer fräi, an do kann een dee mat relativ bescheidene Mëttelen an d'Rei setzen, esou datt et e Sall ass, vun deem mer kënne profitéieren. Grad well e schonn disponibel ass. Et si just keng héich Fënsteren do.

D'Iddi war – dir schwätzt déi jo och un – eng éischt Etapp ze maachen. 2004 ass déi ganz Park-Schoul opgaangen. En zweete Volet, wou och nach Aarbechte vun engem gréisseren Ausmooss gemaach solle ginn, deen ass de Moment nach net realiséiert ginn. An et gesäit och net aus, wéi wa mer déi géifen an deenen nächste Joere maachen, esou datt et elo gutt wier, wa mer deen dote Sall géife maachen. Et verhënnert awer net, datt mer spéiderhin dann och weider ausbaue kënne wann een dat wëll maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Do steet jo „cette nouvelle salle sera nécessaire au personnel enseignant", ech hunn dat och esou als Konferenzsall gesinn. Ass dat och esou geduecht oder ass et als Klassesall geduecht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, et ass als Klassesall geduecht. Se hunn e Konferenzsall um éischte Stack.

Jeannot Linden (LSAP):

Well et esou ausgedréckt ass hat ech geduecht, datt si selwer e Bedierfnes do hätte fir e Raum ze kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Deemols, wéi 2004 alles nei gemaach ginn ass, krute si och e ganz neie Konferenzsall um éischte Stack ageriicht. An dat mat ganz neie Miwwelen. Also, déi brauche mer wierklech net ze delogéieren.

Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.

Prévisions sociales.

Convention de collaboration avec la Fondation Kannerschlass de Sanem - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat do hate mer jo éinescht ganz kuerz ugeschnidden. Mer leeën iech hei eng Konventioun mat der Stëftung Kanner-schlass zur Ofstëmmung vir. Et geet haaptsächlech dorëm fir méi enk mat der Eltereschoul zesummen ze schaffen.

Zweetens géif d'Stëftung Kannerschlass eis am Laf vum Joer 4 Aktivitéite proposéieren, déi mer awer kënnen an d'Luucht setze wa mer wëllen. Wann d'Bedierfnes do ass, da kënne mer och méi dacks vun hinne Gebrauch maachen. Finanziell kascht all Interventioun vun hinnen 150 Euro. An d'Konventioun géing 3 Joer lafen.

Haaptsächlech, mengen ech, wéilte mer gewëssen Objektiver domat erreechen. An zwar d'Eltere vun de Kanner, déi hei bei eis an der Schoul sinn, informéieren a sensibiliséieren. Dat gëlt grad esou gutt fir déi, déi am Précoce, der Spillschoul oder am Primärunterrecht sinn. Do soll d'Bewosstsinn ugesprach gi fir verschidde Comportementer ze changéieren, fir en Diskussiounsaus-tausch ze halen, fir och d'Integratioun vun de Kanner an hire Familje besser ze verwalten. Si kënnen hir Konferenzen zesumme mat dem Léierpersonal a mat den Educateuren an den Opfangstrukturen, an de Schoulen an och an de Jugendhaiser halen. Ech fannen dat och ganz

wichteg. An dofir wier ech och ganz frou, wann der déi heite Konventioun géift stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

9.2.

Prévisions sociales.

Construction d'un chalet pour l'épicerie solidaire par le Centre d'Initiative et de Gestion Locale de Pétange (CIGL) - approbation du devis et du plan.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer schonn hei am Gemengerot d'Pläng an den Devis vum „Jardin solidaire" virleien haten an dat ass jo och gestëmmt ginn. Am Kader vun deem Projet ass och eng „Epicerie solidaire" virgesi gewiescht. Déi war och schonn am Plang mat agezeechent. Zu deem Zäitpunkt – wéi mer vum „Jardin solidaire" geschwat hunn - ware mer amgaang ze kucken, a wéi fern mer en Devis zesummestelle kéinte vun dëser „Epicerie solidaire". Deen Devis war zu däer Zäit nach net fäerdeg. Dëse Projet gëtt och iwwer 2 Joer realiséiert, do fänke mer eréischt an der Mëtt vum Joer un, d'Aarbechte vum Gaart sinn amgaang. Déi wäerten dann dat anert Joer am Fréijoer fäerdeg sinn. An da kënne mer do 100-prozenteg funktionéieren. Mer hunn elo an der Tëschenzäit en Devis virleien. Et ass ëmmer Rieds gaange vun 80.000 Euro. Elo hu mer den detailléierten Devis virleien, deen op d'Gemeng zoukënnt. Dat sinn 76.651 Euro, vun deenen de CIGL och eng Deel - wat d'Formatioun ugeet – iwwerhuele wäert. Deen Devis steet wéi gesot haut zur Ofstëmmung. Mer hunn am Budget – an dat ass fir dem Här Muller seng Fro och schonn an deem Kontext ze beäntweren – 40.000 Euro virgesinn, well d'Aarbechten iwwer 2 Joer ginn. De Rescht kënnt dann an de Budget 2011 stoen, wou och d'Aarbechten da realiséiert ginn.

Eng Informatioun, déi ech iech an dësem Kontext wëll soen, dat ass, datt mer virgesinn haten, den „Jardin solidaire" mat Reewaasser ze approvisionéieren, wat mer vum Daach vun der Schwämm géifen huelen. Dat war och am Kader vun der Commodo-Prozedur vum Ministère esou an däer Richtung gefrot ginn. Mer stellen awer elo fest, datt den Zénkbelag vum Dag elo e Problem duerstellt, an datt do Bedenken ugeklonge gi vun de respektive Ministère wat d'Waasser ugeet, besonnesch wann et laang Zäit net gereent hätt an dat Waasser da gebraucht géif ginn. An dat wier net grad onbedéngt gutt fir ee Gaart ze netzen, wou ee Saachen eraushëlt. Deen Dossier ass fir de Moment a Fro gestallt. Et huet jo kee Wäert, datt mer esou eng deier Anlag opriichten an duerno feststellen, datt mer se net kënne benotzen. Mer sinn amgaang, no däer Saach ze kucken. Dat just als Informatioun am Kader vun dësem Projet, dee jo schonn hei am Gemengerot gestëmmt gouf.

Albert Muller (LSAP):

Ech denken, an der éischter Rei vun der Délibératioun wou steet „..revu sa décision" vum 18. Dezember 2009 „au terme de laquelle l'administration communale de Pétange a approuvé la convention" ass e Feeler. Et ass net eng Gemengeverwaltung, mee de Conseil communal.

Effektiv kommen ech nach eng Kéier op déi Remarquen zeréck, déi ech gemaach hunn. Dat stëmmt schonn, an ech gesinn, datt hei dee Saz steet, wou d'Madame mech virdru gefrot huet, an zwar „jugé suffisant pour démarrer les travaux en cours de l'exercice". Do kënnte mer nach domatter rechnen, datt deen een oder aneren zousätzleche Kredit nach op eis duerkënnt. Mee déi „Epicerie solidaire", ass dat esou geduecht, datt Leit, déi sech net esou gutt stinn, ënner bestëmmte Konditioune kéinten do akafe goen. Esou wéi och elo e Geschäft zu Esch oder soss nach am Land opgemaach ginn. Wann dat net esou wier, da sollt een och drun denke fir deene Leit esou eng Méiglechkeet ze ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat déi „Epicerie solidaire" ugeet, esou ass se e bëssen anescht wéi déi „Epicerie sociale" zu Esch oder zu Déifferdeng. Déi ass ganz reservéiert fir déi Leit, déi sech net esou gutt stinn. An do muss och d'Assistante sociale déi Leit op der Basis vun engem Dossier dohinner schécken. Dat gëtt iwwer den Office social definéiert. Déi hei Epicerie soll fir jiddereen op sinn. Et soll och en Austausch ginn an dëser „Epicerie solidaire", wou een nëmmen déi Produkter, déi aus deem Gaart an an deem Bongert kommen, kritt. Et ass esou konzipéiert, datt – an do ginn ech iech Recht – een, dee manner bemëttelt ass a finanziell Problemer huet, dat zu engem bessere Präis kritt, wann en e Stempel op senger Memberskaart huet, deen en am Office social kritt huet. Mee mär alleguer kënne grad esou gutt dohinner akafe goen ewéi dee Mann oder déi Fra. Dat ass den Ënnerscheed tëscht der „Epicerie solidaire" an der „Epicerie sociale". Do soll och en Austausch gemaach ginn. Et kënne Kachcoursen organiséiert ginn, eng gewëssen Dynamik soll entstoe fir mat Naturproduiten, mat Lëtzebuerger Produkten eppes kachen. Dat ass e bëssen d'Iddi vun deem Ganzen. Mee et ass net ausschliisslech reservéiert fir déi Leit, déi vum Office social dohinner geschéckt ginn, esou wéi bei der „Epicerie sociale".

Albert Muller (LSAP):

Dat wier am Fong schued, mee et kéint een awer kucken, ob esou eppes net méiglech wier. Virun allem – wat der och ganz gutt gesot hutt – ass et gutt, datt een op biologesch Produkter kann zeréckgräifen, well mer wësse jo alleguerten datt, wa mer wëlle biologesch liewen, mer och e gewëssene Supplément musse bezuelen op deene Produkten. Hei wier et jo awer net esou, datt mer miisste mat Gewënn schaffen. Hei kéint een deene Leit jo awer vläicht eng Prioritéit ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv, mer hunn och schonn am Schäfferot driwwer diskutéiert fir nach eng „Epicerie sociale" zu Péiteng derbäi ze kréien. Mee mer sinn awer nach net esou wäit. Hei ass awer de Gedanke méi deen, datt een net nëmmen eng gewëssen Zort vu Leit eraléisst, déi Problemer hunn, mee datt een do jidderengem eng Chance gëtt fir op däer Plaz deen Austausch ze maachen an esou d'Leit och nees e bësse méi zesummen ze kréien. Et ass och e bëssen e soziale Volet, deen doranner besteet.

Roger Klein (LSAP):

Ech mengen, mer waren eis schonn an enger viregter Sëtzung eens, datt dat e sympathesche Projet ass, dee mer ënnerstëtze sollen. An elo wou mer d'Detailer virleien hunn – haaptsächlech den „explicatif projet" -, muss ee soen, an dat ass virsiichteg ausgedréckt, datt et eng originell Beschreiwung ass. Hei gëtt zeréck gegraff op den Tao mat Ying a Yang de Péitenger Wand an deene verschiddene Saisonen ze leeden. Da wëll ech just hoffen, datt de Péitenger Wand och dee Prinzip verstoe wäert. An och wa mer de Prinzip vum Tao uwennen – ech kommen dann zeréck op d'Säit 114 -, och mat deem Prinzip kënne mer eis keng Luucht kafen, héchstens d'Beliichtung oder Luuchten, esou datt een am Devis vläicht „lumière" miisst duerch „éclairage" oder „luminaire" ersetzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Très bien, da maache mer déi Korrektur do. Ech géif soen, mer géifen dann déi Délibératioun zur Ofstëmmung stellen. An der Délibératioun géife mer dann l'„administration communale" an der

éischter Zeil duerch „conseil communal“ ersetzen, esou datt dat och konform ass. Wat den Devis ubelaangt – den Devis gouf zwar vum CIGL opgestallt -, do kënne mer dann och déi kleng Modifikatioun derbäi maachen.

Approbation à l'unanimité.

10.

Cultes.

Allocation d'un subside à la Fabrique d'Eglise de Pétange pour la restauration de l'orgue - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer 30.000 Euro am Budget stoen hate fir eis un däer Restauratioun ze bedeelegen, déi no bei 92.000 Euro wäert kaschten. Déi Restauratioun ass amgaang a wäert och an nächster Zukunft ofgeschloss ginn. Well et sech ëm e Subsid handelt, wäerte mer dat dann elo hei am Gemengerot mat enger separater Délibératioun ofstëmme loossen. Et geet hei ëm 30.000 Euro. Dat läit an däer Linn, wat mer och viru Joeren eng Kéier gemaach haten, wéi mer der Rollenger Kierch e Subsid ginn hate fir hir Uergel an d'Rei ze setzen.

Guy Brecht (LSAP):

Wann ech deen Devis esou kucken, déi di „Manufacture d'orgues“ do eraginn huet, da beleeft sech deen op 91.655 Euro. Bon, ech weess net, wat eng Uergel kascht, mee ech weess net, ob een dofir net schonn eng nei kritt. Mee et sief dann. Ech verstinn zwar net ganz vill dovunner, mee do sinn zimlech vill Aarbechten, déi e bëssen anenee lafen. Mat deene Päifen do an esou weider. A wat mech och e bësse stéiert, dat ass d'TVA, dat si bal 12.000 Euro bei deem Ganzen.

An dann och nach e Punkt, deen ech wëll ernimmen. D'Kierchefabrik schreift, dat géif onheemlech an hire Budget schloen. Mee mär hunn nach ni eppes op den Dësch geluegt kritt. Mer wësse guer net, wéi grouss hire Räichtum ass. Et wier och emol eng Kéier interessant fir dat gewuer ze gi wann et effektiv esou héich an hire Budget aschléit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also wat de Budget ubelaangt, deen hate mer schonn hei um Dësch a mer hunn dee schonn zimlech staark diskutéiert, well mer eis jo no der aktueller Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg nach mussen um Defizit vun hire lafenden Ausgabe bedeelegen. An de leschte Joeren huet dat sech verbessert, well sech de President dat zu Häerz geholl huet wat hei gesot gouf, an zwar, datt se sollen aspueren an net ëmmer erëm op d'Gemeng komme fir den Defizit ze decken. Also hir Mëttele si ganz schwaach, a se sinn net an der Lag fir esou Aarbechte wéi déi hei, déi awer zum Patrimoine vun der Gemeng gehéieren, ze finanzéieren. Wann déi Uergel net funktionéiert, da steet dat eis als Gemeng och net gutt zu Gesiicht. Mer hunn dee Patrimoine do stoen, also d'Kierch mat enger Uergel, an dofir sinn ech awer der Meenung, datt déi Zomm, déi mer hei ginn – et ass jo nëmmen een Drëttel, de Rescht musse si jo awer opbréngen iwwer en Appel un d'Leit, fir datt déi sech dru bedeelegen, a jiddereen heibannen däerf och do eng Hand mat upaken – läit an deem, wat mer och zu Rolleng gemaach hunn. Jiddereen ass wëllkomm fir datt en Deel vun dem Defizit, deen se mussen decken, iwwer dee Wee kann ofgedeckt ginn. D'Gebai gehéiert eis, an ech mengen, datt et eng wichteg Saach ze si schéngt, datt déi Uergel an d'Rei gesat gëtt. Et gi jo och Méiglechkeete fir deen een oder anere Concert mat däer Uergel ze spillen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn zwar deemols gesot kritt, datt deen Defizit, dee mer jo laut staatlecher Gesetzgebung hu missen decken, näischt mat der Kierchefabrik ze doen hätt an datt dat eppes anescht wier. Den Defizit, dee se an der Kierch hätten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Kierchefabrik ass deen, deen d'Finanze vun der Kierch verwalt.

Guy Brecht (LSAP):

Dat si jo och déi, déi di Lännereien hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Genau.

Accord avec 8 voix (CSV, DP) contre 1 voix (Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Mer hunn net dergéint gestëmmt, well jo eng Uergel awer och heiansdo eng kulturell Aufgab huet.

11.

Transports et communications.

Règlements d'urgence de la circulation routière - confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn 2 Reglementer, déi de Schäfferot geholl huet, an déi et gëlt, als „règlement d'urgence“ guttzeheeschen. Dat eent ass d'Affaire vun der „migration des batraciens“, déi den 26. Mäerz ugefaangen huet. A wa mer och zu Rolleng nach keng besser Situatioun hunn, esou ass et zu Péiteng dach e wéineg besser ginn op der Athuser Strooss, wou jo Tunnelle gebaut goufen.

Hei zu Rolleng hu mer nach déi selwecht Situatioun, an do maache mer et wéi all Joer. Vun owes 8 respektiv 9 Auer an der Summerzäit bis moies 7 Auer ass de Verkéier ënnerbonne fir op d'Weieren zou ze fueren. Mer hoffen, datt dat och wéi déi Joere virdru respektéiert gëtt. Vläicht fanne mer och fir do eng Kéier eng Léisung, esou datt mer och do kënne mat Tunnelle schaffen an datt d'Fräschen an d'Mouken dee richtege Wee trëppelen. Da brauche mer och dat Reglement net méi ze huelen.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech wollt just an deem Kader do soen, datt d'Strooss déi vun der Millen eropgeet, béidsäiteg befuerbar ass. Dat ass kriminell. Wanns de do an der Halschent bass an et kënnt ee vun uewen erof, dann hänks de do.

Camille Bosseler (CSV):

Do ass e Schëld mat engem rouden an engem schwaarze Feil. Dat heescht, wann een als éischten do engagéiert ass, da muss deen anere waarden.

Norbert Pierre (LSAP)

Also da muss een deen awer och nach gesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Also an eisem Reglement hu mer stoen: „la circulation se fera en sens unique en direction de la rue de la Montagne“.

Norbert Pierre (LSAP)

Da miisst dat Schëld ewech kommen, well dat gehéiert guer net dohinner.

Roland Breyer, Schäffen:

Da kucke mer dat no.

Camille Bosseler (CSV):

Wann d'Barrière zou ass, da sinn se komm, an et war verbuede fir erof ze fueren. A se kruten net gedréint do, well just virun der Barrière kann een net dréine fir zeréck ze fueren. Dofir hunn se op gelooss.

Roland Breyer, Schäffen:

Här Bosseler, komm mer halen eis un eist Reglement, datt de Verkéier am sens unique geet, an zwar vun ënnen no uewen. Dat hei ass an der

Verkéierskommissioun diskutéiert ginn, an et ass och dat, wat ech virleien hunn a wat mer solle stëmmen. An zwar wéi gesot „la circulation se fera en sens unique dans le chemin rural en direction de la rue de la Montagne“. Vun ënnen no uewen.

Camille Bosseler (CSV):

Da muss e Schëld erop stoe kommen, datt et verbueden ass fir erof ze fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Wa mer d'Reglement elo gestëmmt hunn, da wäert dat och dohinner stoe kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif mengen, mer géifen dat Reglement emol stëmmen an da géife mer och kucken, ob mer d'Schëlter och esou do stoen hunn ewéi d'Reglement dat ausweist.

Gilbert Welter, Schäffen:

Vun uewen erof däerfs de fueren am sens unique.

Roland Breyer, Schäffen:

Dann ass dat Reglement, dat mer hei virleien hunn, falsch. Mer telefonéiere séier an den techneschen Service an da setze mer dat hei nach e Moment aus.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer klameren dëse Punkt vun der Dagesuerdnung ee Moment aus.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat zweet Reglement betrëfft d'avenue de la Gare, wou mer ugefaangen hu mat schaffen. Do sollen dann all Méiglechkeeten dra sinn. Entweder komplett zou, mat sens unique oder mat roude Luuchten. Dat betrëfft déi Stroossen alleguer, déi dovunner betraff sinn. Also net eleng d'rue de la Gare, mee och d'rue du Chemin de fer, de Parvis fir op d'Gare ze fueren, d'rue de la Liberté, d'rue de l'Hôtel de ville. Muar den Owend hu mer eng Opklärungsversammlung fir d'Awunner, fir hinne graff ze erkläre wéi d'Aarbechte lafen. Se sinn elo amgaange lénks opzerappe fir do d'Réseaue laanscht d'Apdikt bis erop op d'Gare nei ze leeën. Dat gesäit gutt aus, d'Uschlëss vun den Haiser si schonn deelweis amgaange gemaach ze ginn. Do ass de Creos esou gutt wéi Sudgaz, d'Antenne a mär alleguer, déi do bedeelegt sinn. Dat geet normal virun. Et huet just en Nodeel fir déi, déi op däer Säit eng Garage hunn, well déi kommen elo eng kuerz Zäit net eran. Esou séier wéi d'Réseaue leien, gëtt awer zougetippt, esou datt e provisoreschen Iwwergang méiglech ass. Dat schéngt mer an enger Woch scho méiglech ze sinn, also datt mer da scho kënnen zoumaachen. Déi aner hunn all en Iwwergang kritt fir eranzekommen. D'Apdikt huet der 2 kritt. Et sinn och Prouflächer gemaach ginn am Hibléck op déi nächst Aarbechten, déi solle geschéien

Mer maachen dann déi lénks Säit provisoresch zou a ginn dann an dee rietsen Trëttoir. Da gëtt et bësse méi problematesch, well mer do d'Post hunn, déi do erafiert. Mer hunn do och méi Residenzen. Déi wäerten hiren Auto dann eng Zäit laang net kënnen erasetzen. Do kucke mer, fir Alternativen unzebidden. A wa mer déi riets Säit fäerdeg hunn, da fänke mer an der Mëtt un opzerappen. Mer maachen am Fong geholl 3 Mol déiselwecht Aarbecht fir datt d'Zirkulatioun vun de Leit nach ëmmer méiglech bleift. Anerwäerts géif een einfach alles beienee leeën an der Strooss. Aus Respekt fir déi, déi do wunnen, an och duerch déi Contrainten, déi mer hunn – Dokteren, Restauranten, d'Post – hale mer ëmmer eng Méiglechkeet op fir eranzefueren. Et war net méiglech fir an d'Reglement ze schreiwen, datt een owes do ka parken. Mee mer hunn awer mat der Police geschwat, esou datt een owes, wa keng Aarbechte gemaach ginn, ouni Weideres kann erafueren an och do parken. Et kritt keen e Protokoll gemaach. Dat heescht, wann ee gären an e Restaurant geet e Samschdeg an e Sonndeg, da kann een do parken. Et muss ee just an der Mëtt fräi loosse fir wann d'Pompjeeën eng Kéier miissten erop fueren. Mer wollten dat ee Moment an d'Reglement setzen, mee et ass komplizéiert fir dat auszedrécke well jo och d'Säiten emol changéiere kënnen. Mer soen am Fong geholl, datt et méiglech ass op däer Säit ze parken, wou net geschafft gëtt. Dat sinn déi Saachen, déi mer de Moment hei ofstëmmen. Also e Reglement, dat flexibel ass a Funktioun vun den Aarbechten, an och vun de Perspektiven, wéi laang et wäert daueren. Dat Ganzt, bis mer also komplett fäerdeg sinn – mat der rue du Chemin de fer derbäi -, wäert awer bis zum „congé collectif“ dat anert Joer daueren.

Norbert Pierre (LSAP)

Wann ech elo vu Péiteng kommen an a Richtung Rodange fueren oder vu Rodange kommen, da kommen ech bis bei d'avenue de la Gare, an dann ass et eriwwer. Wier et net ubruecht fir bei der rue des Romains unzezeechnen, datt een do muss eropfuere fir bei den CFL-Parking ze kommen?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat heescht also, eng Pré-Signalisatioun. Dat kann ee maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Den Här Breyer huet jo geschwat dovunner fir dat owes op ze loossen. Ech fannen dat keng gutt Léisung. Dat gëtt Geknaatschs, dat gëtt Kaméidi, da ka Gestreids ginn. Well ech war kucken. De Gruef op der lénker Säit ass jo bal bis uewenaus op. Eent muss ee soen, d'Entreprise huet gutt geschafft. An och d'Uschlëss, wou se schonn amgaang sinn ze maachen. Mee ech fannen et net glécklech, well et gëtt enk an et gëtt menger Meenung no Sträit.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer maachen och keng Reklamm dofir. Dofir sti jo och d'Schëlter do, datt et verbueden ass do ze parken. Mee ech wëll et awer just hei soen. Also d'Awunner däerfen do erafueren. An och wann een an e Restaurant geet, dann huet ee jo eng Ursaach. Also et kritt ee kee Protokoll gemaach. Mee mer maache keng Reklamm dofir, der hutt Recht.

Albert Muller (LSAP):

Däerfen déi Leit, déi an der rue de l'Hôtel de ville wunnen, erop fuere fir dann an hir Garagen ze kommen?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass denkbar.

Albert Muller (LSAP):

Gi se do net gestrooft?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, der hutt jo en C2. Wann dir sot, datt der do wunnt an der e Grond hutt fir dohinner ze fueren, dann ass dat an der Rei. An et geet jo och praktesch nëmmen owes wann de Schantjen zou ass, well am Daach zirkuléiere jo awer zimlech déck Maschinnen do. An dat géif ech dann och net recommandéieren. Dat hu mer just opgelooss, datt een och vun uewen erakomme kann – esou zum Beispill fir d'Post -, an dat a Funktioun vun den Aarbechten. Mee wann een als Awunner derduerch wëll fueren, dann huet een eng Ursaach.

Albert Muller (LSAP):

Well et si vill Leit, déi di kleng Impasse eriwwer an d'rue de l'Hôtel de ville fueren. An da fueren se hannerzech erop. Dat ass awer net esou gutt wéi wann een elo vu vir era kann hei erop fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi kleng Impasse an dann hannerzech. Bon. D'Réimerstrooss ass jo och nach ëmmer op. Also wa mer muer den Owend op déi dote Fro mussen äntwerten, da recommandéiere mer fir

deen Ëmwee ze maachen. Dat ass ëmmer dat Sécherst.

Albert Muller (LSAP):

Ech hunn nach eng Fro zu deem Reglement, dat nach zeréckgestallt gouf. Et ass jo esou, datt ech dem Här Filaferro seng Plaz kritt hunn. Ech wëll awer net onbedéngt seng Roll spillen. An trotzdeem sinn ech vill zu Fouss ënnerwee – och an der Natur -, an ech gesinn, datt uechter d'Land vill Ustrengunge gemaach gi fir d'Fräschen a Richtung vun engem Tunnel ze leeden a se dann esou op déi aner Säit ze kréien. Ech géif de Schäfferot wäermstens invitéieren, esou e Rouer an d'Strooss ze leeën an ze kucken, datt d'Fräschen ouni Gefor iwwer d'Strooss do kënne goen. Et ass sécherlech net vill Opwand, dovunner konnt ech mech iwwerzeegen, wann ech am Land ënnerwee sinn. Et ass also keng halsbriecheresch Aarbecht.

Roland Breyer, Schäffen:

Et muss ee kucken. Dat ass sécherlech eng Alternativ. Mee wann ech awer kucken, wéi laang déi Aarbechten op der Athuser Strooss gedauert hunn, dat war dann e gréisseren Opwand. Well déi lafen net op de Rouer zou, déi musse jo am Fréijoer eidel gemaach ginn, da mussen se dohinner geleet ginn. An da muss een an der grousser Peripherie kucken, wéi déi Migratioun ass, well se trëppele jo net einfach op dee Rouer zou. Do muss ee se praktesch opfänke mat Netzer an esou weider. Et ass net onbedéngt einfach.

Elo kënnt de Chef vun de Reglementer. D'Fro war, wéi mer während der Migratiounszäit op deem Wee bei der Rollenger Millen, deen erop an d'rue de la Montagne féiert, fueren?

Fernand Wegener, Beamte vum teschnesche Service:

Mer fueren erop, vun der rue du Vieux Moulin an d'rue de la Montagne.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat war awer d'lescht Joer net esou gewiescht. Do war et ëmgedréint, well soss bräichte mer et net an d'Reglement ze schreiwen. Well et war nach ëmmer esou. Déi Strooss ass op fir erop ze fueren. Da brauche mer kee Reglement fir déi Strooss ze maachen. Uewe kritt een net gedréint. An dofir gouf gesot – dat war d'lescht an d'virlescht Joer esou -, et dierft ee vun uewen erof fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat ass dann de Sënn dovunner fir do ze dréinen?

Gilbert Welter, Schäffen:

Ma jo, wann een deen normale Wee géif erop fuere wéi et elo virgesinn ass a wann ee wéilt bei d'Weiere fueren, dann ass do zou. Da muss een duerch d'ganz Duerf fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Mee da muss een erof fueren. Kommen dann déi meescht Leit aus der rue de la Montagne? Ech géif jo awer mengen, déi meescht Leit kommen iwwer d'rue du Vieux Moulin era wann se bei de Weier wëlle fueren.

Fir mech ass et ganz logesch. Wann ee vun ënnen eragefuer kënnt a gesäit, datt do zou ass, ma da soll en erop fueren an e soll iwwer d'Duerf fueren. An déi meescht komme jo vun ënnen erop gefuer, mengen ech. Also soll d'Richtung vun ënnen no uewe sinn. Wa mer se alleguer duerch d'Duerf leeden, esou datt se duerch d'rue de la Montagne fuere fir bis bei de Weier ze kommen an dann d'Kéier musse maache fir zeréck ze fueren, dann hu mer jo net vill erreecht. Vu wou kommen déi meeschte Leit? Déi kommen dach sécherlech net iwwer d'Duerf eran?

Gilbert Welter, Schäffen:

De Verkéier ännert jo och am Dag, an net nëmmen nuets am Reglement. Mer hu jo awer net dra stoen, datt dat nëmme vun owes 8 Auer bis moies gëlt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär proposéieren also, datt mer vun ënnen no uewe fueren an datt et nuets verbueden ass, do eran ze fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass logesch. Firwat solls de owes ëmdréinen an duerch d'Duerf fueren. Fir net däerfen dohinner ze fueren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An ech géif soen, d'Wanderung vun de Fräschen ass jo och scho quasi eriwwer. Da géife mer déi zwee Punkten do zur Ofstëmmung ginn.

Confirmation à l'unanimité.

12.1.

Vie associative.

Groupe d'Amitié Luxembourg-Albanie - statuts.

Il en est pris acte.

12.2.

Vie associative.

KC Amis de la Porte de Lamadelaine - statuts.

Il en est pris acte.

13.

Questions des conseillers communaux.

Roger Klein (LSAP):

Watfir Reglementatiounen ënnerleien an eiser Gemeng d'Liichtreklammen (enseignes lumineuses) am allgemengen an déi vun iwwer engem Quadratmeter am besonneschen? Wéi gëtt d'Respektéiere vun dëse Bestëmmunge kontrolléiert a wéi reagéiert d'Gemeng op eventuell Verstéiss?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Ministère de la culture, Sites et monuments, mécht eemol d'Joer en Inventaire vun alle Reklammen an eisem Land. A bei all deene Reklammen, déi net conforme sinn, ginn d'Propriétairen ugeschriwwe fir datt se sech sollen dem Reglement upassen. A wann dann doropper näischt ënnerholl gëtt, da mécht de Ministère eng Plainte géint déi Leit.

D'Gemeng kann eng Autorisatioun gi bei Reklammen ënner 1,5 m2. Wann et iwwer déi Dimensioun geet, da gëtt d'Gemeng en Avis of an de Ministère hëlt d'Décisioun. An a 95% vun de Fäll sinn d'Reklammen iwwer déi 1,5 m2.

Wa mir awer elo eng Reklamm gesinn, déi net ugefrot ginn ass, oder wou e Problem ass, da schreiwe mir de Propriétaire un. A wa keng Reaktioun kënnt, da gi mir dat un de Ministère weider, deen dann och nach eng Kéier déi Leit uschreift. A wa se dann nach ëmmer net drop reagéieren, mécht de Ministère eng Plainte.

Dat ass de Prinzip, wéi et fonctionnéiert. Am Prinzip ass d'Gemeng ganz wéineg implizéiert, à moins datt se en Avis gëtt. D'Gemeng huet deemno ganz wéineg Méiglechkeete fir eng Décisioun an deem Beräich ze huelen.

Roger Klein (LSAP):

Dat heescht, ech kann dovunner ausgoen, datt bei all deene Reklammen, déi a Fro kommen, d'Gemeng hiren Avis ginn huet?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat stëmmt, an d'Gemeng huet esouguer op Plazen en negativen Avis ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Zu Rolleng war sengerzäit d'Plaz virun der Kierch an och kuerz Stécker vun der

rue de la Gare an der Groussgaass mat Formstäng ugeluegt ginn. Dat sollt drop hiweisen, datt ee sech an engem berouegte Beräich am Duerf géing befannen an anersäits sollt d'Kierchplaz och zur Schéinheet vum Duerfkär bäidroen. Elo stelle mer fest, datt, genee wéi virum Stadhaus zu Péiteng, d'Formstäng lues a lues lass ginn a sech verréckelen. D'Resultat dovunner: Wa Persouneween oder méi schwéier Gefierer doriwwer fueren, entsteet e Geräisch dat sech bis an d'Wunnhaiser vun den Urainer iwwerdréit. Dozou meng Fro:

Wat gedenkt de Schäfferot vu Mooss-namen ze ergräifen, fir déi fir d'Urainer lästeg Situatioun ze behiewen, a wann, wéini kéint dat sinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Et gesäit een erëm eng Kéier, datt alles, wat Pavé ass, net gëeegent ass fir eis Uertschaften a fir den Trafik deen doduerch geet. Och wann et sollt en Duerfkär sinn, ass awer vill Trafik duerch den TICE oder aner déck Gefierer. An et ass normal, datt de Belag sech beweegt. Mir hunn awer zu Rolleng eng aner Technik wéi hei zu Péiteng an der Haaptstrooss. Zu Péiteng gouf de Pavé 'agesand' an zu Rolleng gouf en aneschters verluegt.

Mir hunn och scho mat enger spezialiséierter Firma geschwat fir ze kucke wat ze maachen ass. Et ass virgesinn, datt wahrscheinlech an der Päischtvakanz groussflächeg déi Steng erausgeholl a nei verluegt ginn.

Et wäert awer net ausbleiwen, datt dat periodesch muss duerno gekuckt ginn. Et muss een déi Saache fleegen.

Et ass och haaptsächlech duerch d'Gelenkbusse vum TICE, wou déi Steng lass ginn.

Da sinn ech och elo nach gewuer ginn, datt vum Stat aus gréisser Aarbechten an de Stroossen ausgefouert ginn. Dat ass haaptsächlech um Contournement, wou plazeweis de Belag erneiert gëtt. Déi Aarbechte solle viraussiichtlech iwwer d'Nuecht gemaach ginn.

Albert Muller (LSAP):

Zanter dem 1. Januar 2010 fiert de Bus 215 vun der Linn RTGR iwwer Bascharage, Hautcharage a Schuller bis op de Kierchbierg. Dat ass eng wonnerbar Saach fir déi Leit, déi um Kierchbierg oder an der Stad eppes ze dinn hunn. Ech selwer hunn de Bus schonn e puermol benotzt fir an de Reha-Zenter ze fueren. Leider ass dem Bus säin Terminus beim Spidol um Kierchbierg, an dofir muss een de Rescht bis bei de Reha-Zenter zu Fouss maachen. Et ass awer net weider schlëmm, deemno wéi d'Wieder ass. Soss gëtt et awer schonn emol gären eng naass Geschicht.

Onglécklecherweis ass den Départ vum Bus zu Bascharage op der Biff. An et muss ee sech als Bierger vun der Gemeng Péiteng bis op Lénger oder bis op d'Biff mam Auto déplacéieren, wann ee wëll mam 215 bis op de Kierchbierg fueren. Ech kennen op mannst nach 2 Rodanger an 1 Péitenger, déi och mam 215 an de Reha-Zenter fueren. Deemno mäin Appel un de Schäfferot, fir sech dofir staark ze maachen, fir datt dee Bus an Zukunft och op der Fonderie fortfiert, an deementspriechend och gläichzäiteg en Deel vun eiser Gemeng mat ofdeckt.

De Konfort, deen doduerch fir déi Péitenger Leit entsteet, ass net vun der Hand ze weisen. Wann de Bus nääämlech iwwer de Clopp, d'Rodanger Gare, d'Péitenger Maartplaz, Bascharage, an esou weider, fiert, da kann een an engem Saz - an dat wëll ech ënnersträichen - an ouni ëmzesteigen, bis op de Kierchbierg fueren. Dat wier dach derwäert fir sech mat alle Mëttele fir en Départ vum RGTR op der Fonderie anzesetzen.

Um finanzielle Plang kéint een dann och nach en Deel vun de Käschte vun der Linn 14 optimiséieren.

Do maachen ech elo eng Klamer, wann der erlaabt. Am Bilan vun der CSV vun 2000 bis 2005 gëtt déi Linn och erwäänt, an do gëtt mat vollem Stolz an och zurecht drop higewisen, datt de Bus elo an Zukunft all hallef Stonn fiert.

Wann een awer géif erreechen, datt den 215 géif vun der Fonderie fortfueren, da kéint een och nach erreechen, datt dee Bus all 10 bis 20 Minutte géif fueren. Doduerch géif een dee Service, deen am Moment ugebuede gëtt, optimiséiert ginn.

Och d'Käschte vun engem Taxi, wann ee wëll an de Reha-Zenter fueren, kéint een aspueren. An éierlech Här Buergermeeschter, Madame an dir Häre aus dem Schäfferot, och eis Ëmwelt géif iech Merci soe wann e bësse manner Ofgasen op si lassgelooss ginn.

Nach e klengen Detail zum Schluss. Den Terminus vum Bus miisst beim Reha-Zenter sinn, wou souwisou all déi aner Bussen op hiren nächsten Asaz waarden.

Ech si gäre bereet fir matzehëllefen, deen neie Fahrplang auszeschaffen, well ech e jo vun der Praxis aus kennen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn Äert Uleies weiderginn un de Ministère des transports, an dat mat eiser Ënnerstëtzung. Mir hu gesot, datt mer frou wiere wann dat dote kéint realiséiert ginn. D'Décisiounskraaft läit natierlech net bei eis, déi läit beim Ministère. Mir hunn dem Häer Weicherding dat zoukomme gelooss a mer waarden op seng Äntwert.

Op jiddwer Fall ënnerstëtze mir dës Demande, a wann dat ka gemaach ginn, da wiere mer natierlech glécklech doriwwer, datt eng weider Verbindung entstoe géif op eng Plaz wou Leit ganz oft net kënne mat hiren eegene Mëttele kënnen dohinner kommen.

Wat d'Linn 14 ubelaangt, esou muss een oppassen, wann een déi elo géif zum Deel ëmänneren. Déi huet nach eng ganz Rei aner Fonctiounen. An déi muss een awer genee analyséieren. Mä näischt verhënnert, datt nieft der Linn 14 dat doten nach géif lafen.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt - an ech gebrauchen elo e Wuert wat an der lescht esou oft gebraucht gëtt - dat hei als "Piste" opzeechnen a weise wat eventuell déi Linn kéint interessant maache wa se géif opgefouert ginn. Ech denken do och nach zum Beispill un e Wonsch vun der DP, wou se an hirem Walprogramm gesot hunn, datt se sech géife fir eng zweet Gare op däer Streck asetzen. Dat wier domatter - géif ech soen - erreecht, well da bräicht ee keng zweet Gare méi. Well d'Leit kéinten dann direkt vun der Fonderie aus mat deem Bus fueren.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträiche wat immens virdeelhaft ass fir sämtlech Leit déi matfueren. Dat ass, datt se net méi brauchen ëmzesteigen. Well fréier ass dee Bus bis op Centre Aldringer gefuer. Do war den Terminus. An iergendwa muss e gescheite Mënsch am Ministère des transports erausfonnt hunn, datt et interessant wier wann de Bus géif weiderfuere bis op de Kierchbierg. Also muss e Besoin dofir do gewiescht sinn.

Ech sinn och frou iwwer déi Äntwerten, déi ech elo kritt hunn an hoffen, datt dat esou an d'Rei geet.

Séance publique du 17 mai 2010

Durée de la séance: *9.00 à 11.25 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (début: 09.00 heures)

1. Enseignement musical: démissions volontaires de deux chargés de cours (m/f) de l'école de musique - informations.

Séance publique (début: 09.15 heures)

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale:
   - 3.1. Commission de l'environnement: démission et nomination - décisions.
   - 3.2. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2009 - décisions.
   - 3.3. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2009 - poursuites, autorisation globale d'ester en justice - décision.
   - 3.4. Titres de recettes - approbation.
   - 3.5. Bouclage du réseau de l'eau potable du « Schwaarze Wee » à Pétange - approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire.
   - 3.6. Assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie - approbation du devis actualisé, du mémoire technique et des plans.
   - 3.7. Mise à jour du plan d'aménagement général: prorogation du délai - décision.
4. Propriétés:
   - 4.1. Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » à l'administration communale - approbation du compromis.
   - 4.2. Cession d'une place sise à Rodange, lieu-dit « chemin de Brouck » à l'administration communale - approbation du compromis.
   - 4.3. Cession d'une place sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » à M. DE ARAUJO ANTUNES et Mme CERQUEIRA LEITAO de Pétange - approbation de l'acte.
   - 4.4. Cession de terrains sis à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » au Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat - approbation de l'acte.
5. Enseignement: Projet d'organisation scolaire pour l'année 2010/2011 - décision.
6. Prévisions sociales: Centre de rencontres et d'information pour jeunes « Péitenger Jugendhaus » asbl - approbation de la convention pour l'exercice 2010.
7. Vie associative: « Les Amis du Chien Lamadelaine »: demande d'un subside spécial - décision.
8. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn iech matzedeelen, datt d'Ponts et Chaussées verschidden Aarbechten op de Statsstroossen hei zu Péiteng geplangt hunn. Et ass jo net schlecht, wann een dat am Viraus gewuer gëtt, an alleguerten déi, déi um Service 'sms2citizen' abonnéiert sinn, kréien dat och nach iwwer den Handy matgedeelt.

Freides owes a samschdes owes, den 11. an 12. Juni 2010, all kéiers tëscht 20 Auer an 6 Auer mueres, ass dat Stéck tëscht der Fontaine d'Olière-Strooss an der Grenz gespaart, dat heescht, laanscht Tankstatiounen. Do gëtt e ganz neie Belag gemaach.

Méindes an dënschdes, de 14. an de 15. Juni 2010 ass op der Athuser-Strooss hei zu Péiteng, vun de leschten Haiser u bis un d'rue du Stade, wou och de Belag nei gemaach gëtt.

Donneschdes a freides, de 17. an den 18. Juni ass nuets vun 20 Auer bis 6 Auer de Rond-point 'Porte de Lamadelaine' gespaart, well deen och nei gemaach gëtt.

Wann et sollt net duergoe mat der Zäit, zum Beispill bei schlechte Wieder-conditiounen, ass och nach ëmmer en zousätzlechen Dag mat ageplangt, wou eventuell déi Stroosse musse gespaart bleiwen.

Vum 27. bis den 29 Juni ass och während den Nuechten de Contourne-ment tëscht dem Rond-point 'Eglise' an dem Rond-point 'Biff' nei gemaach.

Dat sinn déi Aarbechten, déi vun de Ponts et Chaussées geplangt sinn, ausser et géif elo ganz schrecklech reenen. Well da kënnen déi Aarbechten net ausgefouert ginn a ginn op e spéideren Datum verluegt.

3.1.

Administration générale.

Commission de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme: démission et nomination - décisions

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hu vum Här Morth Luc matgedeelt krut, datt hien aus der Gemeng erausgeplënnert ass, an hien doduerch net méi an der Ëmweltkommissioun ka bleiwen. Dofir läit seng Demissioun haut vir. Mir hu vun der grénger Fraktioun och eng Propositioun virleie fir den Här Hengen David als neie Member vun hirer Partei an d'Kommissioun opzehuelen.

Démission de M. Luc Morth: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

Nomination de M. David Hengen, comme nouveau membre de la commission de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisme: les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

3.2.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2009 - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ëm dës Zäit, wa mer den 30. Abrëll ofgeschloss hunn, kucke mer wéi den 'Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2009' ass. Do, wou mir der Meenung sinn, datt mer mussen eng Poursuite maache fir déi Suen ze kréien, froe mer de Gemengerot, datt hien dem Schäfferot d'Méiglechkeet gëtt fir dat zesumme mam Receveur ze maachen.

Engersäits muss ee feststellen, datt mer - vun deene Rechnungen, déi un eis Bierger erausgaange sinn - vun deenen 4.679.068,10 Euro 97,8 % am Délai bezuelt kruten. Dat ass jo eigentlech e ganz groussen Deel, an et kann een dovunner ausgoen, datt dat och ganz positiv ass.

Entretemps, säit dem 30. Abrëll, huet nach deen een oder aneren, deen op der Lëscht steet déi iech virläit, och scho bezuelt. Et bleiwen awer op den 30. Abrëll 2010 nach 102.716,53 Euro ze bezuelen. An do proposéiert de Receveur eis eng Décharge vun 14.997,82 Euro ze ginn. D'Ursaache vun deenen Décharge kënnt der och am Dossier fannen. Dat ass ganz oft eng Faillite oder 'insolvable suivant huissier', 'pas déclaré à l'adresse de facturation', 'rayé d'office', 'adresse inconnue', 'placé sous tutelle', 'situation financière catastrophique suivant service de surendettement', 'contredit fondé par Justice de Paix'. Dat sinn d'Ursaachen, déi haaptsächlech vun eisem Receveur ugefouert ginn, fir déi Décharge vun 14.997,82 Euro ze proposéieren.

Alles an allem miisste mer vum Gemengerot aus eisem aktuelle Receveur - mat senger Équipe - Merci soe fir säin Engagement an datt hien déi Suen, déi d'Gemeng muss erakréien, och andréift. E Merci geet awer och u säi Virgänger, dem Camille Mentz, deen och nach seng Aufgab an dësem Exercice 2009 geholl huet.

Trotzdem bleiwen awer nach 102.716,53 Euro opstoen a wou musse versicht ginn déi eranzekréien. An dat féiert eis zum Punkt 3.3. vun der Dagesuerdnung, wou mer eis d'Méiglechkeete solle gi fir déi néideg Poursuiten ze maachen.

Accord à l'unanimité.

3.3.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2009 - poursuites, autorisation globale d'ester en justice - décision.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 4.085.070,27 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm d'Recetten, déi mer iech zum Vote stellen. Et sinn dat haaptsächlech nach Recetten aus dem Joer 2009, wou mer ënner anerem dee leschten Deel vum Subsid fir den Ausbau an d'Moderniséierung vum Stadhaus kréien (131.163,00 Euro). Domatter hu mer d'Subsiden alleguerte fir déi Annexe hei vum Stat kritt.

Mir hunn och nach e Solde aus dem Joer 2008 fir d'Fonctionnement vun der Maison relais an Héicht vun 274.384,33 Euro krut. Haut si mer 2010 a mer kréien dann elo de Solde vun 2008 iwwerwisen, wat relativ spéit ass a wou mir dat hu miisste virfinanzéieren.

Dësweidere kënnt der feststellen, datt e Solde vum Impôt commercial fir d'Joer 2009 an Héicht vun 2.922.796,44 Euro erakomm ass.

Wat d'Joer 2010 ubelaangt, esou ass deen déckste Betrag d'Part vum Stat un de Fraisë vun der Assistance publique mat 448.792,94 Euro. Déi Zomm gi mer och integral virun un den Office social.

Den Total vun de Recetten, déi mer iech hei zum Vote stellen, belafe sech op 4.085.070,27 Euro.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn eng allgemeng Fro dozou. An zwar wollt ech zu de Subside vum Stat froen, ob do nach Saachen ausstinn? No der Lag vun der Natioun, déi de Premier Jean-Claude Juncker eis gehalen huet, si jo verschidde Saachen an de Moratoire komm. Betrëfft dat eis och als Gemeng? Lafe mer net do d'Gefor, datt mer nach méi laang mussen op Subside waarde wéi virgesinn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et gi jo zwou Saachen. Dat eent ass jo d'Promesse. A wann eng Promesse vum Stat gemaach gouf, dann ass et esou, datt mer och déi Sue kréien. Dat zweet ass den Délai wéini mer se kréien. An dat ass sécherlech eng Saach, déi heiansdo ganz laang op sech waarde léisst, wann ee gesäit, datt mer de Solde fir den Ausbau vum Stadhaus elo eréischt kréien obwuel déi Annexe schonn 2005 ageweit ginn ass.

Et muss een awer och soen, datt - fir de Rescht ze kréien - och den Dekont vum Gemengerot muss guttgeheescht sinn an ageschéckt muss sinn. Ech weess awer net méi genee, wéini mer den Dekont vum Stadhaus hei am Gemengerot zum Vote virleien haten, mä dat ass vläicht e Joer hir. Do kann een also dovunner ausgoen, datt déi Zommen an engem normalen Délai erakomm sinn.

Et si sécherlech Ministèren, wou et méi séier geet wéi bei aneren. Ech stelle fest, datt mer um Niveau vun de Schoule relativ laang op eis Subside waarden. Mä dat war och scho virdrun de Fall. Well si liquidéieren am Fong déi Subsiden 'en fonction' vun hire finanziellen Disponibilitéiten. A wann déi um Enn vum Joer erschöpft sinn, da muss een op dat nächst Joer waarden.

Mä Fact ass, datt mer déi Suen eng Kéier kréien. Natierlech kann et en Tresoriesproblem gi wa mer eng Kéier esouvill Subsiden opstoen hunn. An ech kann iech soen, datt mer ongefëier 3 Milliounen Euro vun 2009 op 2010 reportéiert hunn, an déi musse mer dann natierlech nach eng Zäitche virfinanzéiere bis mer d'Suen op däer anerer Säit kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer opgefall, datt - mer hu jo virdru vun de Konten 2009 geschwat - mer och e Solde hunn dee jo net anzerechne war an dee méi héich louch wéi déi Suen, déi mer virgesinn haten. Ech mengen, et ware ronn 600.000 Euro am Impôt commercial an 800.000 Euro an der Dotation de l'Etat, oder ëmgedréint. Dat heescht am Ganzen 1,4 Milliounen, déi och dem ordinäre Budget zegutt komm sinn. Natierlech kann een net mat deene rechnen, well ee jo net weess op een iwwerhaapt e Solde kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass ganz richteg, an do hutt der jo och eng 'situation financière simulée' vun der Gemeng vum 12. Mee um Dësch leien. Do gesitt der, datt den Total vum Solde fir de Moment bei 2.271.590 Euro läit. An dee war wesentlech méi niddereg an ass grad duerch déi dote Geschichten an nei Berechnungen ëm déi Zomm eropgaangen.

Approbation à l'unanimité.

3.5.

Administration générale.

Bouclage du réseau de l'eau potable du « Schwaarze Wee » à Pétange - approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn hei eng Tëschebilanz vum Schwaarze Wee virleien, wou mer e Crédit supplémentaire brauchen. Mir hate virgesi fir dee Bouclage vun de Waasserleitungen am Schwaarze Wee mat 240.000 Euro ze realiséieren. Mir haten och déi néideg Kreditter gestëmmt. D'Dépense actuelle ass fir de Moment 233.000 Euro, mä viraussiichtlech wäerte mer, laut deene Rechnungen déi scho virleien, ronn 298.000 Euro brauchen.

D'Explicatiounen heifir sinn, datt - wou mer mat den Aarbechten ugefaangen hunn - ëmmer méi Demandeure komm si fir Saache mat an de Gruef ze leeën. Doduerch huet d'Tranchée miisste méi breet gemaach ginn. Et waren och vill méi Réseauen am Buedem dra wéi mer virgesinn haten. Mir haten do keng Situatioun 'as built' wéi mer se an anere Stroossen hunn. Mir hunn am Fong geholl e bësse miissten eng 'navigation à vue' maachen a feststellen, datt verschidde Saachen am Buedem louche wouvunner keen eppes wosst. Ëmsou méi et e Wee war, dee fréier der Eisebunn gehéiert huet.

Et hunn deementspriechend verschidde Kabele miisste verréckelt gi fir méi Uerdnung dran ze kréien. Dat war haaptsächlech bei den elektresche Kabelen a bei de Kabele vun der Post. De Blindage huet miisste méi verstäerkt ginn, well mer den Talus mussen halen. Dee war ganz geféierlech, a Luxcontrol huet eis gerode fir de System vum Blindage méi konsequent ze maachen. Och huet d'Locatioun vun de Panneauen, fir de Blindage ze maachen, méi deier kascht well de Chantier méi laang gedauert huet.

Da war och virgesinn, datt sech d'Antenn och géif mat draleeën. Déi war ganz am Ufank net virgesinn. Och ass festgestallt ginn, datt mer eng "sous-estimation du matériel pour la conduite d'eau" haten. Et waren net genuch Suen heifir reservéiert, well engersäits bis an d'Cité CFL och weider ugeschloss ginn ass an de Réseau erneiert ginn ass. Dat huet sech einfach op der Plaz erwisen.

Bei all deem feelen eis elo viraussiichtlech 58.270 Euro. Et muss een och dobäi soen, datt de Moment d'Aarbechten zwar ofgeschloss sinn, awer de Finissage nach net gemaach ass. Deen ass nach 'en réserve'. Et war en Tapis drop gemaach ginn, deen ënner schlechte klimatesche Conditioune gemaach ginn ass. An den Entrepreneur weess dat och, an hien huet déi Suen och nach net alleguerten ausbezuelt kritt. Hie wäert och nach eng Kéier en neien Teppech driwwer maachen, esou datt et méi riicht ass a keng Waasserpill méi do stoe bleiwen. Mir wäerten awer do ni eng ganz glat Strooss kréien, well de Coffrage net do ass. Et ass keng normal Strooss a si wäert awer e bësse bougéieren. Mä et ass awer besser ze maache wéi dat, wéi se de Moment ass. An dat weess och den Entrepreneur. A wann deen definitive Belag drop ass, an et ass zu eiser Satisfactioun gemaach, wäerte mer déi Suen eréischt ausbezuelen.

John Polfer (CSV):

Et war gesot ginn, datt de Schwaarze Wee och gemaach géif fir dee Bouclage vun de Waasserleitungen ze maachen, a fir datt esou d'Qualitéit vum Waasser an deene Stroosse besser géif ginn. Um Stausëi deelen se Stickeren aus mat der Opschrëft 'Ech drénke Waasser vum Krunn', mä e Samschdeg hätt ech kee Waasser vum Krunn an der Guillaume-Strooss gedronk. Well et war ganz brong. Ass de Problem dann elo awer nach net mat dësen Aarbechte behuewen?

Roland Breyer, Schäffen:

De Problem gëtt net alleng doduerch behuewen, datt elo de Bouclage gemaach ginn ass. D'Waasser circuléiert doduerch zwar besser, mä et muss een awer och kucken, watfir Waasserleitunge mer an der Guillaume-Strooss nach leien hunn. Wa mer do eng aal verraschte Gossleitung hunn, da gëtt et vun haut op muer net vill besser. Et gëtt mat der Zäit besser, well déi Leitung besser duerchgespullt gëtt. Mä déi Oflagerungen, déi fest an de Leitungen dra sinn, ginn net vun haut op muer ewech.

Albert Muller (LSAP):

Wann ech dat elo richteg héieren hunn, da stëmme mer elo haut en Zousazkredit. Et ass awer net domatter gedoen, well den Här Breyer huet sech an däer Saach ganz virsiichteg ausgedréckt, an et kéint een domatter rechnen, datt eventuell nach eng Kéier en zousätzleche Kredit nokënnt, wann d'Rechnung vum Entrepreneur - deen de Belag soll maachen - duerno méi héich ausfält wéi dat, wat elo virgesinn ass.

Wat ech awer nach wëll soen, ass, datt et bei dësem Dekont aneschters ass wéi bei verschiddenen Dekonten, déi mer soss hei am Gemengerot gestëmmt hunn. Et ass wahrscheinlech och doduerch well et sech hei ëm een 'décompte provisoire' handelt. Aner Dékonte waren dann 'décomptes définitifs', wou ech mech ëmmer erëm gewonnert hunn, datt bei deenen Dekonten alles d'selwecht war. Sief dat d'Montante vum Devis, d'Montante vun den Offeren an d'Montante vun de Rechnungen. Et huet mer ëmmer erëm ze denke ginn an et huet mer Suerge gemaach. Ech wëll elo net genee soe wat ech denken. Ech muss vläicht do virdrun eng Kéier mat mengem Affekot schwätzen, net datt ech duerno virgeworf kréich, ech géif hei Verleumdung bedreiwen. Awer et ass mer ëmmer erëm geäntwert ginn - op meng Interventioun hin - léiwer en Dekont, deen opgeet a wou keen 'crédit supplémentaire' muss gestëmmt gi wéi een Dekont, dee vläicht verschidde Montanten huet, awer trotzdem duerno opgeet a mer brauchen net am Gemengerot en neie Kredit ze stëmmen.

Hei, bei dësem Dekont, ass alles ganz aneschters, wéi dat, wat virdru bei aneren Dekonte war. Dofir ass et wahrscheinlech och en 'décompte provisoire' a keen 'décompte définitif'.

Et muss ee soen, datt mer bei dësem 'décompte provisoire' eng ganz Rei Explicatiounen an Detailer kritt hunn. Mir wësse praktesch bis zum Schluss wat geschitt ass an ëm wat et geet, firwat et op eng Kéier net duergaangen ass mat de Suen. Et muss een och soen, datt sech bei de Justificatiounen vill Méi gemaach ginn ass, fir datt mir als Gemengeréit och am Detail verstinn ëm wat et gaangen ass a firwat elo méi Sue gebraucht ginn. Do kann een nëmme positiv soen, datt dat doten en Dokument ass, wéi een se sech och an Zukunft bei aneren Dekonte géif wënschen.

Deen eenzege Wehrmutstropfen, deen ech elo hei feststellen, ass, datt am Gemengerot vum 12. 12.2008 e Kredit vun 240.000 Euro gestëmmt ginn ass. Jidderee war domatter averstanen, an da gëtt mat den Aarbechten ugefaangen an drop lassgeschafft. Iergendwa gëtt sech awer dann iwwerluet, datt et wahrscheinlech net wäert duergoen, well zousätzlech Aarbechten dobäikommen, esou wéi den Här Breyer et och gesot huet, well do verschidden aner Leit och wollten Aarbechte matmaachen.

Wann een also 240.000 Euro am Gemengerot stëmmt, dann ass dat jo och d'Zomm déi ee brauch fir déi Aarbechten ze realiséieren. Wann een dann awer während den Aarbechte mierkt, datt et mat deene Suen net duergeet, da wier et menger Meenung no ubruecht fir an de Gemengerot ze kommen an en Zousazkredit ze froen. Et soll een awer net waarde bis d'Rechnunge virleie fir dann eréischt an de Gemengerot ze kommen an ze soen, datt nach Sue gebraucht ginn. Well wat geschitt, wann de Gemengerot senger Liewe géif Neen dozou soen? Da stéinge mer op eng Kéier do mat Rechnungen, déi net kënne bezuelt ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hu mech vläicht virsiichteg ausgedréckt, well et een 'décompte provisoire' ass, a well een net bis op dee leschte Centime alles ka gesinn. Ech sinn awer iwwerzeegt dovunner, datt mer net nach en zweete Kredit mussen nostëmmen. Et ass eng Fairness gewiescht, datt dem Gemengerot e provisoreschen Dekont virgeluegt ginn ass. Et hätt een och alles kéinte fäerdeg maachen an duerno soen, datt eis esouvill Sue feelen. Mir hunn déi Suen nach net ausbezuelt, mä si si blockéiert. An dat ass jo och eng Garantie, déi schonn do ass.

Et kéint een och soen, datt de Chantier miisst gestoppt gi well mer um Maximum ukomm sinn. Dat géif awer eng Comptabilitéit mat sech bréngen, déi net ze realiséieren ass. An Dir wësst genee, datt een net vun Dag zu Dag ka soen, wou ee mat den Aarbechten drun ass, well mer d'Rechnunge vun de Sous-traitanten net ëmmer esou séier virleien hunn. Et kann een nëmmen op eemol feststellen, datt et mat de Suen net duergeet, an da komme mer domatter an de Gemengerot.

Ech sinn iwwerzeegt, datt hei eng propper an duerchsiichteg Aarbecht gemaach ginn ass. Mir hunn d'Aarbechten dee Moment gestoppt wou et méiglech war. Mir wëssen, datt nach en Tapis muss gemaach ginn, deen net bezuelt gëtt, an deen am Präis mat dran ass, an deen nach muss exekutéiert ginn. Mir wëssen, datt mer nach Suen an der Reserve leien hunn. Mir hunn awer heimatter dem Gemengerot Asiicht ginn an de 'Stand der Dinge' a sinn iwwerzeegt, datt de Gemengerot och versteet, datt een net kann 'au jour le jour' einfach d'Aarbechte stoppen an d'Lach opstoe loosse bis mer en Zousazkredit gestëmmt hunn.

Et ass net ze maachen, datt een op den Dag genee ka chiffréiere wéivill Suen engem feelen. A scho guer net bei engem Chantier wéi deen heiten, wou mer an enger Strooss schaffe wou iwwerhaapt keng Infrastrukture bekannt waren. Egal wien an däer Strooss geschafft huet, huet ni Pläng déposéiert. Esou datt et schwéier war, fir hei ze schaffen. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt eisen Ingénieur, dee sech ëm dëse Chantier bekëmmert huet, ganz gutt a gewëssenhaft Aarbecht hei geleescht huet an datt hien dem Gemengerot och näischt wëll verstoppen. Dofir wëll hien och bei dësem provisoreschen Dekont d'Kaarten op den Dësch leeën a froen, datt de Gemengerot Verständnis soll hu fir déi Suen nozestëmmen.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begréissen, datt de Schwaarze Wee elo endlech an d'Rei gestallt gëtt. Ech wollt just froen, ob - wann elo alles schéin an d'Rei gesat ginn ass - et net méiglech wier, fir eng oder zwou Bänken dohinner ze setzen, fir datt déi eeler Leit, déi roueg dohinner trëppele ginn, aus dem Verkéier eraus, sech och emol eng Kéier kënne setzen.

Dann hätt ech och nach en Appel un eise Schäfferot. Et war jo ëmmer eng Hondstoilette do. Wann en Areal doruechter wier, da sollen d'Leit fir d'éischt mat hiren Hënn dohinner goen an net de Wee dreckeg maachen. De Wee soll propper bleiwen, fir datt d'Leit och propper kënnen do trëppelen. Dat selwecht hätt ech och gär bei de Spillplazen, wou eis Kanner spillen. Wann ee gesäit, datt Leit - obwuel

Schëlder do stinn - awer mat den Hënn dohinner gi wou d'Kanner spillen, an d'Kanner duerno am Dreck wullen. Et soll awer esouvill Verständnis opbruecht an déi Saache respektéiert ginn, am Intressi vun eise Kanner.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass awer eng aner Problematik, op déi ech awer och kuerz wëll agoen. Mir sinn am gaangen en neit 'règlement général de la police' fäerdeg ze maachen. Am éischte Semester vun dësem Joer wäerte mer dem Gemengerot dat och nach presentéieren. An do geet et och ëm d'Propretéit. Mir wäerten och do Aktioune maachen, wat d'Hënn an aner Saachen ugeet. Well de Knätschgummi ass grad esou eng Plo wéi den Hondsdreck. An do solle mer kucke watfir Aktioune mer kënnen do geziilt maachen. Bei den Hënn ass eng Alternativ, datt een Hondstoiletten oder Hondsweeër aménagéiert, wou d'Leit - wa se am Zentrum wunnen - kënne mat hirem Hond higoen. Mir mussen eis dann awer och bewosst sinn, datt mer déi musse propper halen. Wann een an der Gewan wunnt, dann ass dat net esou problematesch well een do aner Méiglechkeeten huet.

Hei hu mir - wat de Wee ubelaangt - eise Leit gesot, datt - wann en elo definitiv an der Rei ass - e soll all Dag gebotzt ginn. Well et ass e Wee, dee relativ vill vun de Leit benotzt gëtt.

Wat d'Bänken ubelaangt, esou hat ech och schonn emol déi Iddi. Mä sot mer, wou mer solle setzen, Här Bosseler? All kéiers wann ech gesot hunn, datt eng Bänk géif dohinner gesat ginn, da waren d'Leit déi do wunnen dogéint, datt se soll bei hiert Haus kommen. Sot mer wou d'Bänke sollen hikommen a bréngt mer den Accord vun de Leit, an da kucke mer fir dat ze maachen.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt froen, ob ech dem Här Breyer kann op seng Interventioun äntweren. Ech hat virdrun d'Méiglechkeet net kritt.

Ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt näischt hei soll verstoppt ginn. Ech sinn och positiv iwwerrascht iwwer déi vill Detailer, déi mer kritt hunn. Ech hätt meng Interventioun net gemaach, wann ech net eraushéieren hätt, bei ären Explicatiounen, datt eventuell nach en zweeten 'crédit supplémentaire' op eis géif duerkommen. Mä dir hutt jo elo formell zougesot, datt alles mat virgesinn ass an datt näischt méi op eis duerkënnt.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech sinn iwwerzeegt, datt näischt méi op eis zoukënnt. Ech sinn och iwwerzeegt, datt mer net bis op dee leschten Centime alles brauchen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir sollt net esou pessimistesch sinn, Här Muller.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt eng Fro zum 'Avis technique - stabilité talus'. Do steet, datt huet miissten en anere Blindage gemaach ginn. An de Bureau d'étude kritt dann erëm e Supplément vun 2.600 Euro. Dat ass jo awer einfach. Den Entrepreneur schafft do, et si Leit vun eis dobäi an et gëtt festgestallt, datt den Talus net an der Rei ass. Da kënnt de Bureau de contrôle, an da seet deen, datt se 2.600 Euro kréien, well si feststellen, datt den Talus net fest wier. Dat si mer awer komesch Tricken.

Roland Breyer, Schäffen:

Wa mer dee richtege Wee gaange wieren, dann hätte mer Prouflächer gemaach, mir hätten de Grundlabor Trier geholl. Mer hätten deenen 2.000 Euro gi fir en Devis, an deem si eis gesot hätte wat dohinner miisst kommen. Hei ass dat net gemaach ginn. Während den Aarbechten huet de Bureau gesot, datt et geféierlech wier an et entsprécht net méi den ITM-Mesüren. Dee Bureau mécht eng zousätzlech Aarbecht an e gëtt dofir remuneréiert.

Ënner dem Strech weess een awer net wat am Bëllegste gi wier.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, mä si hunn awer guer keng Aarbecht. Et sinn déi ronderëm, déi schaffen, a si stellen da genau fest - esou wéi mir et och géife feststellen - datt den Talus géif rëtschen an et miisst en anere Blindage gemaach ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Si mussen awer berechne wat dohinner muss kommen. Si hu jo awer eng nei Berechnung vum 'matériel de blindage' gemaach. Op dat elo 2.000 Euro wäert ass, kann ech net jugéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass eng aner Saach. Ech wollt nëmmen déi Fro stelle well se jo awer domatter séier einfacht Geld verdéngen.

Accord à l'unanimité.

3.6.

Administration générale.

Assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie - approbation du devis actualisé, du mémoire technique et des plans.

Roland Breyer, Schäffen:

Do kéime mer op en Dauerbrenner, dee geschwë Gebuertsdag feiert. Ech mengen, et si geschwënn 15 Joer hir, datt mer fir d'éischt dovunner geschwat hunn. Et geet hei ëm alles, wat vun der Fonderie op d'Grenz zougeet. Et ass jo gewosst, datt dat de Moment net un d'Kläranlag ugeschloss ass. Den Historique geet do e bëssen zeréck. Ech gi ganz kuerz nëmmen drop an. 1997 hate mer fir d'éischt hei en Devis iwwer 31,2 Millioune Frang fir den Aménagement vun der Kräizung Fontaine d'Olière a Lonkecher Strooss. Do goufen d'Infrastrukturen och nei gemaach. Nodréiglech sollten dann och Rodange-Frontière a Rodange-Fonderie un d'Kläranlag ugeschloss ginn. Do war 1999 en Devis vun 167 Millioune Frang gemaach ginn. E Subsid iwwer 102 Millioune Frang war och scho versprach ginn. Dat waren 75% deemools.

2002 ass d'Commodo-Incommodo-Prozedur ugaangen iwwer dee ganze Grand Bis, an do ass da festgestallt ginn, datt dee verseucht war an datt do déi Aarbechten net esou séier kéinte geschéien. Do ass eng éischt Etapp festgehale gi fir elo 6 an 7 ze maache vun 192.200 Euro.

An 2003 hu mer da gekuckt – well mer mussen dat jo awer eng Kéier uschléissen – wat et géif kaschten, wa mer dat elo géife realiséieren. Do war en Devis gemaach gi vun 5,507 Milliounen Euro. Dat sinn 220 Millioune Frang. Nëmme fir ze soen. Deemools hat den „Fonds de gestion de l'eau" och gesot, si géifen näischt bäiginn, well dat am Fong geholl Infrastrukturaarbechte wieren, déi och noutwenneg wiere fir déi industriell Zon, an datt déi am Fong iwwer de Wiertschaftsministère géife goen an net iwwer si. Deen Devis ass 2006 nees aktualiséiert ginn op 5,85 Milliounen Euro. Den 6 an 7 ware schonn erausgeholl gi well se schonn ëmgesat goufen.

Haut hu mer en neien Devis virleie vun 2,79 Milliounen Euro. Dat ass manner wéi déi 5,85 Milliounen Euro, iwwer déi mer 2006 Rieds haten. Et ass awer nëmmen e Stéck vun deem Ganzen. Mer maachen elo nach net alles. Mer hunn elo entscheet, datt mer net ofwaarde kënne bis mer den Accord hu vum Ëmweltministère wat de Grand Bis ugeet, also wat déi Verschmotzung an déi Moossnamen ugeet. Wa mer esou laang ofwaarden, dann ass den Zuch fort. Mer wëssen, datt mer bis 2015 mussen alles an der Rei hu wat

d'Waasser an d'Ofwaasser ubelaangt, datt mer d'Kor musse propper hunn. A wa mer nach iergendwéi gäre Subside vum „Fonds de gestion de l'eau" hätten, da musse mer elo direkt reagéieren, well soss sinn déi och fort. Dofir hu mer elo en Devis gemaach, deen net alles betrëfft, mee wou mer nëmme vun deem Deel schwätzen, dee vum Brouckerwee bis un d'Fontaine d'Olière geet. All déi Leit an déi Lotissementer, déi do um Wee leien oder „en perspective" sinn, goufen do mat agerechent. Ech schwätzen do vun 2.550 „Einheitsgleichwerte", wéi dat am Ofwaasser-Jargon genannt gëtt. Dat si keng 2.550 Leit, mee gewësse Betriber gi mat engem méi héije Quotient gerechent, an déi sollen elo un eng Pompelstatioun - déi soll um Site net wäit vun der Catalyst Recovery ewech gebaut ginn – ugeschloss ginn. An dat soll mat enger Drockleitung bis op d'Héicht vum Brouckerwee eropgedréckt ginn, an da soll et weidergoen an déi Leitung, déi op d'Kläranlag zou geet.

Dee Moment hätte mer schonn de gréissten Deel vun eise Leit do dran. Mer hätten se net all. Alles wat Grand Bis ass an op d'Grenz lass geet, dat wier dee Moment nach net dran. Dat misst an enger zweeter Phas gemaach gi wann da Kloerheet am Grand Bis besteet zu deem wat gemaach däerf ginn a wou dat gemaach däerf ginn. Do kënnt nach eng Etapp hannendrun. Et muss och nach eng zweet Pompelstatioun dohinner gemaach ginn, déi dann eropdréckt op déi hei an da weider. Et gëtt och e Reeniwwerlafbasseng gebaut, deen dat soll reguléieren. Dee geet dann ënner der CFL erduerch op déi aner Säit, do wou fréier de Schantje Marino war. Do géife mer dann och nees eng Kéier a Richtung Kor weiderfueren. Dat Ganzt ass en Devis, deen opgebaut ginn ass mat ganz vill Technik, an do erhoffe mer eis, datt mer do e Subsid vum „Fonds de gestion de l'eau" kréien, well dat jo awer Assainissement ass. Mee mer kënnen net méi mat deenen Zomme rechnen ewéi fréier. Deemools ware mer op 90%, mee déi Zäite sinn eriwwer. Mer wäerte maximal vu 75% kënnen dreemen, d'Realitéit wäert awer éischter tëscht 50 an 75% leien. Mee et ass wichteg, datt mer esou séier wéi méiglech op de Wee gi fir eppes anzereechen. Dofir géif ech iech bieden, dat hei esou laang wéi der wëllt ze kommentéieren an et ze stëmmen, fir datt mer kënne weider un däer Saach schaffen.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech hu bei deem ganze Projet prinzipiell emol eppes ze soen. An der Ebauche steet „dans le cadre du raccordement de Rodange-Bas à la station d'épuration". Bon, ech mengen, esou wäit ech weess ass Rodange-Bas Nidderréideng. Dat steet op all Landkaart, an dat ass net d'Fonderie. Dat gëllt och fir d'Pompelstatioun an de Reeniwwerlafbasseng Rodange-Bas vun Schroeder an Associés. Ech hätt gären, datt déi Denominatioun vun däer Plaz richteg geschriwwe gëtt. Net datt do Rodange-Bas steet, well dat ass net Nidderréideng. Et miisst een hinnen dat och soen, an et miisst dann och esou aus der Délibératioun erauskommen.

Roland Breyer, Schäffen:

Si verwiesselen dat mat dem „Bassin inférieur de la Chiers". Et miisst een dat effektiv änneren.

Norbert Pierre (LSAP)

Da solle si hir Pläng änneren, well dat ass menger Meenung no net konform. Déi Plaz heescht net Rodange-Bas, dat ass d'Fonderie. Op den Délibératioune virdrun, déi och am Dossier sinn, do steet néierens Rodange-Bas, mee do steet iwwerall Rodange-Fonderie dran. Et ass just elo op deem neien Dokument eppes erfonnt ginn, esou datt d'Fonderie op eemol Rodange-Bas heescht.

Roland Breyer, Schäffen:

1997 gëtt geschwat vun engem Projet um „point bas". Et si Leit, déi sech sécher net auskennen. Mee mer mussen do awer kucken, datt mer keng Schwieregkeete kréien an datt net op eemol alles muss nei gemaach ginn. Ech sinn direkt averstane mat iech, datt do eng Verwiesselung virläit. Si schwätze vum déifste Punkt an da maache si op eemol hei Rodange-Bas draus.

Norbert Pierre (LSAP)

Eng Kéier steet am 3.1. do „Kanalstauraum Pumpstation Rodange-Bas", an da steet am 3.2. „Regenüberlaufbecken Pumpstation Fonderie Rodange". Also ech mengen, et miisst ee sech awer eens sinn, wou mer sinn. Et dierft jo am Fong geholl kee Problem si fir dat ze rektifizéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Neen. Net datt mer do Dokumenter hu mat Rodange-Bas an een an der Stad op eemol Rodange-Fonderie gesäit a mengt, dat wier eppes anescht. Mer musse kucken, datt mer dat einfach kënne kloer stellen.

Norbert Pierre (LSAP)

De Bureau d'études huet jo de Feeler gemaach, da miissten déi dat jo och ännere kënnen. Et ass jo nach näischt fort an d'Stad an deemno nach net ze spéit fir et ze änneren.

Op däer aner Säit begréissen ech, datt mer endlech ukomme fir déi Projeten do ze maachen. Den Här Breyer huet just virdru gesot, wéi laang mer schonn amgaang si fir datt dat iwwerhaapt ugeet. Dat eenzegt, wat ech lamentabel fannen, dat ass déi Geschicht vum Grand Bis an datt bis haut näischt geschitt ass. Ech mengen, mär kréie gesot, déi Terraine wiere verseucht. Ech froe mech, mat wat. Soss ass do geméint a gesat ginn, dat ware Felder. Et ass jo hei e fréiere Bauer heibannen, an dee weess jo genee, wat do gelaf ass. Bon, elo op eemol sinn déi Terraine verseucht.

Wann ech dann déi aner Säit huelen, also an der Belsch, da hunn déi elo e ganz neie Zoning do aménagéiert, wou se 2 Meter opgefëllt an egal wat dohinner gehäit hunn, an do geet et riicht virun. Se hunn elo Stroossen dra gezunn. Déi fuere weider, mee bei eis ass dat onméiglech. Dat ass eppes, wat ech net verstinn. An ech verstinn dat och net vun eisem Ëmweltministère, datt mer higehale ginn. Et mengt ee bal, et wier gewollt, datt näischt hei geschitt. Ech mengen, mer hunn eng Bréck do stoe mat Frankräich – déi zougetippt ass a wou Gras drop wiisst. Dat si jo am Fong geholl fir d'Fonderie a fir eis Gemeng Ressourcen, Steierrecetten, déi mer net kréien, well dat Ganzt net fiabiliséiert ginn. Ech mengen, do miisst een elo méi drop setze fir datt mer dee Projet kënnen ufänken.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech mengen, de Buergermeeschter äntwert och nach drop. Also fir d'Problematik vum Grand Bis unzeschwätzen, do läit eng Studie vir vun engem Ëmweltbüro, déi seet, datt eng Verseuchung do ass. Et ginn zwou Léisungen, eng „soft" an eng haart. Wat schro ass, dat ass, datt den Ëmweltministère sech einfach net richteg ausdréckt, watfir eng Léisung si gären hätten. Effektiv, wann een déi aner Säit d'Belsch an d'Fransouse gesäit, do schéngen aner Gesetzer ze sinn ewéi hei. Oder mär sinn d'Musterschüler vun Europa. Hei geet et einfach net virun. Et waren och eng ganz Rei Entrevuen do, wou den Ëmweltschäffen an de Buergermeeschter och dobäi waren, a wou een dann och vläicht eng Perspektiv elo gesäit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zu deem Punkt kann ech dëst soen. Mer waren dauernd am Gespréich mat dem Wiertschafts- an dem Ëmweltminister. Ech hat och – dat war an der

Period virdrun – versicht, déi zwee Ministeren un een Dësch ze kréie fir dann endlech Neel mat Käpp ze maachen. An ech hat och gemengt, well jo déi zwee Ministere vun däer selwechter Faarf waren, datt dat kee Problem wier. Et ass mer awer refuséiert ginn, an ech hunn ëmmer nëmme mat engem dierfe schwätzen. A wann ech mam Wiertschaftsminister geschwat hunn, dann huet dee gesot, datt se dat onbedéngt gären hätten. A wann ech mat dem Ëmweltminister geschwat hunn, dann ass gesot ginn, do wiere Problemer well dat verseucht wier.

An der Tëschenzäit huet d'Regierung gewiesselt, a mer hunn direkt mat deem neien Ëmweltminister, dem Marco Schranck, Récksprooch geholl. Et ass do erauskomm, datt et nëmmen eng „soft" Léisung ka ginn – dat ass och mat dem Wiertschaftsminister ofgeschwat ginn -, déi vun enger Millioun Euro. Wann et déi deier Léisung gëtt, da kënne mer de Projet vergiessen. Also gëtt elo an déi Richtung geschafft fir kënnen déi méi einfach Léisung duerchzesetzen. Dat bedéngt awer – menge leschten Informatiounen no -, datt de PAP, deen eng groussflächeg Grénganlag am Kader vun dësem Projet virgesinn huet, muss op deem Punkt adaptéiert ginn, well déi Léisung bedeit och méi versigelen. An da musse mer eis Obligatioun, déi mer am PAP stoen haten, an zwar, datt mer esou vill wéi méiglech Grénglächen do dran hunn, ëmänneren.

Mir bleiwen awer drun, an ech kann iech och vergewësseren, datt mer all gudden Dag do derhannert sinn. Eis Büroe sinn ëmmer amgaang drun ze schaffe mat der neier Léisung. An ech hoffen, datt mer bis um Enn vum Joer endlech d'Enn vum Tunnel gesinn an dann déi prozedural Problemer fäerdeg kréien. Ech ginn iech komplett Recht wann der sot, datt et niewendrun an der Belsch virugeet. Ech weess net, watfir Regelen déi hunn, ob déi net déi selwecht europäesch Direktiven hunn ewéi mir oder ob déi d'Chance hunn, datt d'Verseuchung just op der Grenz bei eis ophält an dohannert näischt méi ass. Dat ass och alles méiglech, ech kann dat net novollzéien. Mee ob alle Fall stelle mer fest, datt ronderëm iwwerall geschafft gëtt a Méiglech-keeten do sinn. Mee wa mär hei op eisem Territoire eppes wëlle maachen, da ginn et Schwieregkeeten. Wann et keng Verseuchung ass, da sinn et Flëntermais, déi fléien. Mee ob alle Fall hu mer ëmmer Schwieregkeeten, wou mer dann och mussen Etüde maache fir duerno ze kucken. Dat ass d'Situatioun, an ech weess net, ob mer eis dee Spaass an eiser wiertschaftlecher Situatioun nach laang kënnen erlaben. Ech hunn näischt géint d'Ëmwelt, mee et muss een awer alles mat engem gewëssene Verstand kucken. Dat ass eis Positioun. Leider Gottes si mer net alleng Meeschter do. Do ass den Accord vum Ëmweltministère nout-wenneg. An esou mer deen net vun him kréien an esou laang en net mat däer Léisung, déi mär op den Dësch leeën, zefridden ass, komme mer an deem Dossier net virun. Mer sinn elo 10 Joer amgaangen dorunner ze schaffen, a mer hoffen, datt et net nach 2 oder 3 Joer ginn. Well soss d'Leit als Gemengeresponsabel och dann d'Flemm hunn. Et muss ee jo wëssen, datt deen Terrain, vun deem mär hei schwätzen, e Statsterrain ass, deen och am „Plan sectoriel des zones économiques" virgesinn ass. De Wiertschaftsminister gëtt eis ëmmer nees ze verstoen, datt hie ganz dorunner interesséiert ass, well et ee vun deene gréisste Siten hei am Süden ass, dee fir de Moment am „Plan sectoriel" virgesinn ass.

Ech versti just net, wéi dat am Kader vun der Regierung leeft, datt, wann deen ee Minister et onbedéngt gären hätt, mer net virukommen. Wann d'Regierung der Meenung ass, datt dat do soll geschéien, an den „Plan sectoriel" ass jo net vun enger eenzelner Persoun, mee en ass jo vun der Regierung ofgeseent, da miisst jo op all Niveau gezunn a geschafft gi fir datt dat och realiséiert ka ginn. Dat schéngt awer fir de Moment net esou ze goen. No deene leschte Gespréicher, déi mer mat dem Ëmweltminister haten – de Gilbert Welter, d'Raymonde Conter an och eis Ingenieure waren och mat dohinner gaangen – hu mer gekuckt, wéi mer dann elo endlech aus deem Tunnel erauskommen. Mer hunn awer elo do e Partner mam Marco Schanck, deen onbedéngt eng Hand mat upake wëll fir datt mer endlech déi Zone kënnen an der Péitenger Gemeng realiséieren.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech begréissen dat, wat der do gesot hutt an och, datt am Kader vum Grand Bis dee PAP soll geännert ginn. An zwar deen, deen deemools eng gewësse Madame virugedriwwen huet. Eng Industriezon ass kee Bësch oder eng Plaz, wou Crèchen a Schoule virgesi ginn. Dat war hirverbrannt. Et ass gutt, datt do endlech Neel mat Käpp gemaach ginn. Also datt et als Industrieterrain ausgewise gëtt. Wat d'Versigelung ugeet, dräi Véirels vun der Fläch gëtt versigelt. Wat ass dann do nach ze veränneren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss awer soen, datt mer de PAP hei am Gemengerot gestëmmt hunn. Dir hutt en och matgestëmmt. Loosse mer eis hei net hanner den Architekte verstoppen.

Norbert Pierre (LSAP)

Dat ass méiglech, datt ech dee matgestëmmt hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass elo scho villes beliicht ginn. Ech wëll just dozou soen, datt et ze begréissen ass, datt mer engersäits Virreider si mat all deene Saache wat de Kanal ugeet. Well et kascht eis jo deier, mer geheie jo vill Suen doranner. An trotzdem ass dat jo wichteg. D'Ofwaasser gëtt eis wahrscheinlech mat sämtleche Projete méi deier wéi d'Waasser selwer. Well et ass vill do ze maachen, a wann ee proppert Waasser wëll erëmginn, da musse vill Anlagen ageriicht ginn. Wann een awer am Ausland gesäit, wat fir Katastrofe geschéien, da si mer awer gefeit virun esou Saachen, esou datt mer net iwwerrascht dovunner géife ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, dir hutt Recht. Den Ofwaasserpräis ass elo scho méi héich ewéi de Gestehungspräis vum Waasser, an dat wäert och esou weidergoen. Hei ginn 2,7 Milliounen agesat, an et wäerten der nach eng Kéier esou vill derbäi kommen, wa mer de Grand Bis uschléissen. Dann hu mer eng Zomm vun 6 Milliounen Euro, déi mer do wäerten an de Buedem leeën. Dat ass eppes, wat d'Leit guer net gesinn. A wa mer och nach Subside kréien, da wäerte mer duerno tëscht 3 a 4 Milliounen Euro derbäi leeën. A wann een dat einfach nees eng Kéier zeréck verdeelt iwwer d'Kubikmeter, da geet et erëm eng Kéier 0,40 Euro an d'Luucht. Dat sinn einfach d'Realitéiten, an déi muss een am A behalen.

Jeannot Linden (LSAP):

Am Fong geholl ass de Virschlag fir deen Entwässerungskonzept an 3 Phasen agedeelt. Wat elo d'Exekutioun ugeet, do hu mer jo eng Kéier d'Pompelstatioun. Déi gëtt jo gebaut. An dann ass jo deen Iwwerdrockrouer bis rietserhand, wou et erageet. Dann ass jo deen anere Problem wa geschafft gëtt. A wéi fern gëtt Techwood oder déi Firma niewendrun do gestéiert. Well wann ech jo kucken, da geet et jo duerch deenen hir Entréeën.

Roland Breyer, Schäffen:

Si gi weider net gestéiert. Dat si Saachen, déi ganz séier geschéien. Et ass nach net ganz konkret mat hinne geschwat ginn, mee et war haaptsächlech dovunner geschwat gi fir déi aner Säit iwwer den Terrain vum Marino ze fueren. Dat ass méi schro bis mer do emol den Uschloss fannen. Do hu mer nach keen Arrangement. Do musse mer e bësse méi verhandelen, mee mer fannen do awer och eng Léisung. Mee mat deenen aneren ass scho geschwat gi fir e Passage ze kréien, an dat ass och kee Problem. Duerno gëtt d'Drockleitung dann eropgedréckt op de Brouckerwee zou. Dat dierft och kee grousse Problem sinn. D'Statioun gëtt fir d'éischt gebaut.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi ass et da mam Rouer, dee bei de Marino erofgeet? Ass deen an enger aner Phas virgesinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, deen ass hei mat dran, well mer fueren ënner der Eisebunn erduerch, an da komme mer déi aner Säit beim Marino eraus.

Jeannot Linden (LSAP):

Et geet jo dann iwwer deem säin Terrain.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer brauchen do nëmmen en „droit de passage". Mer musse just hannert him e klengen Ouvrage bauen, mee mer ginn awer eens.

Jeannot Linden (LSAP):

Well ech gesinn, datt et, laut dem Plang, do och eng Pompelstatioun gëtt. Déi ass awer méi kleng.

Approbation à l'unanimité.

3.7.

Administration générale.

Mise à jour du plan d'aménagement général: prorogation du délai - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass e Punkt, dee ganz sécher op der Dagesuerdnung vun engem ganze Koup Gemenge steet. De PAG sollt laut dem Gesetz vum 19. Juli 2004 bis den 8. August 2010 ofgeschloss ginn. Wann deen net ofgeschloss wier, da géif automatesch alles an d'Grénge-zon verfalen. Et waren awer e ganze Koup Ursaachen do firwat mer dee PAG de Moment nach net zur Ofstëmmung gestallt hunn. An dat, obwuel mer schonn zimlech wäit fort si mat eise Viraarbechten an och quasi prett si fir kënnen zur Ofstëmmung ze kommen.

Et ass esou, datt de Projet de loi 6023 am Lafen ass fir d'Zertifikatioun ze maache wat d'Ausschaffe vun de PAGen ubelaangt. An déi sollte mer ofwaarden. Dat war eis och gerode ginn. Des Weidere waren d'Cahiers de chargen an och d'Guidë fir déi néideg Démarchen ze ënnerhuele fir d'Étuden am Zesummenhang mat der Ëmwelt eréischt viru kuerzem do, esou datt mer och do net konnten déi noutwenneg Aarbechte maachen. Mer sinn awer elo amgaang déi Aarbechten ze maachen am Kader vun eisem PAG.

Op däer aner Säit soll een awer och déi ganz Strategie vum Développement vun de Gemengen, de „Plan sectoriel" - wat den Transport, de Logement an d'Wiertschaftszonen ubelaangt – eigentlech mat berücksichtege fir déi Strategie ze definéieren. Och déi sinn eréischt an der Elaboratioun. Se sinn nach net prett, se sinn nach net definitiv do, esou datt een eigentlech misst alleguer déi Punkten ofwaarde fir kënnen de PAG definitiv an d'Prozedur ze ginn. Mer sinn awer elo net grad fäerdeg, esou datt mer riskéieren, den 8. August 2010 negativ Auswierkungen op eise PAG ze kréien. Et gëtt awer eng Méiglechkeet am Artikel 108 vum Gesetz vum 19. Juli 2004 fir d'Frist ëm ee Joer opzeschiben. Dofir brauche mer awer eng Entscheedung vum Gemengerot, déi vum Minister muss approuvéiert ginn. An de Minister huet eis och virgeschloen, déi Prozedur ze maachen an der Hoffnung, datt bis dohinner déi nei Gesetzgebung do ass, esou datt mer dann an deem Joer déi néideg Dispositiounen huele fir eise PAG op d'Schinn ze setzen. Ech géif iech da proposéieren, wat de Punkt 3.7. virgesäit fir déi Prorogatioun ze stëmmen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn dat duerchgelies. Op der Säit 182 steet awer „pour une durée maximale d'un an par une délibération motivée du conseil communal et ce avant la date du 15 mai". Elo si mer zwar 2 oder 3 Deeg hannendrun. Stéiert dat se net?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten dat gefrot well mer eréischt haut Gemengerot hunn, awer dat wier kee Problem.

Jeannot Linden (LSAP):

Och déi Saach, zu däer der elo d'Erklärunge ginn hutt si gutt. All Gemeng huet jo hir spezifesch Schwieregkeeten, an déi si jo och am Syvicol – wou jo all déi Gemengen dra sinn – e bëssen zur Diskussioun komm. An dat fir ze kucken, datt do Ännerungen an deene verschiddene Phasen, déi jo vun der Regierung beschloss goufen, virgeholl ginn. Jiddwer Gemeng huet en aneren Opbau, ass anescht wéi eis Gemeng. Do mussen och menger Meenung no d'Entscheedungen, déi do getraff ginn, deenen esou zegutt kommen ewéi se leien.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit «rue du Clopp» à l'administration communale - approbation du compromis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm e Stéck Terrain vun 33 Zentiar mat der Kadasternummer 900/7328. Bei deene klenge Moosse mécht dat sech jo ëmmer gratis, an dat geet jo dann ëmmer an d'„voirie publique" eran.

Jeannot Linden (LSAP):

Wa mer de Plang 186 kucken, dann hu mer do déi Kadasternummer 900/7328. Do ass vir als e klengt Stéckelchen agezeechent. Mee wéi ass et mam 7327, well dat jo och mat drop agezeechent ass?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass och virgesinn, mee et ass en anere Propriétaire.

Jeannot Linden (LSAP):

Elo kënnt jo just dat klengt Stéck vum 7328 a Fro?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, just nëmmen dat.

Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

4.2.

Propriétés.

Cession d'une place sise à Rodange, lieu-dit «chemin de Brouck» à l'administration communale - approbation du compromis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do geet et och ëm en Terrain, deen am Brouckerwee zu Rodange läit. En huet d'Kadasternummer 736/7553 an

der Sektioun C an huet 62 Zentiar. Well jo ëmmer wann de Präis festgeluegt gëtt fir déi dote Saachen ze regulariséieren, a mer op engem Präis vun 750 Euro den Ar sinn, komme mer dann op eng Zomm vun 465 Euro. Déi musse mär bezuelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer just opgefall, datt ënner dem Compromis keng Ënnerschrëft vun iech drop ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

En ass awer do.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat mech e bësse stéiert, dat ass, datt de Plang feelt. Bei deenen aneren hu mer een derbäi, hei hu mer elo keen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also am Dossier läit en. Mer hunn e vläicht net kopéiert.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech weess et net sécher, mee ech mengen, e war awer net dran. Wann ech mech gutt erënneren ass et en eenzelt Blat. Ech hu kee Problem fir dat ze stëmmen, mee ech wollt just drop opmierksam maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass an der Rei, mee de Plang sollt awer dra sinn.

Roger Klein (LSAP):

Jo, ech hu just eng kleng Remarque zum 4.2.. Do steet beim zweetleschte Punkt „Les frais de l'acte sont à charge du promoteur." Dat miisst sinn „à charge de la commune" oder „à charge de l'acquéreur".

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, dat miisst „à charge de l'acquéreur" sinn.

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Propriétés.

Cession d'une place sise à Rodange, lieu-dit «rue du Clopp» à M. DE ARAUJO ANTUNES et Mme CERQUEIRA LEITAO de Pétange - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Kadasternummer 339/7283 mat enger Gréisst vun 2 Zentiar. Dat geet och gratis, esou wéi et bei esou klenge Moossen ëmmer de Fall ass.

Approbation à l'unanimité.

4.4.

Propriétés.

Cession de terrains sis à Rodange, pour le Développement du Logement et de l'Habitat - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm méi eng grouss Saach. Déi Terraine leien zu Rodange an der Sektioun C an der rue du Clopp. D'Kadasternummer ass 339/7351. Dat ass eng Plaz, déi de Moment vun der Co-Propriétéit besat ass an eng Gréisst vun 21 Ar an 45 Zentiar huet. Da geet et nach ëm d'Kadasternummer 331/7281 mat enger Gréisst vun 5 Ar an 10 Zentiar. Dat ass den Terrain, dee geholl gouf fir d'Wunnenge vum „Fonds de Logement" a fir d'Schafe vun enger „salle appropriée pour l'éducation précoce". Do hu mer zwou verschidde Situatiounen. An zwar soll op deem Terrain 331/7281 e Parking bleiwen, deen dann och vum „Fonds de Logement" soll aménagéiert ginn, wat de Moment jo scho leeft.

Approbation à l'unanimité.

5.

Enseignement.

Projet d'organisation scolaire pour l'année 2010/2011 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et drëm fir e puer Informatiounen ze ginn. Mer wëssen, datt mer d'nächst Joer wäerten 1.778 Schüler an deene 4 Zykle vun der Grondschoul hunn. Dat sinn der 29 manner wéi d'lescht Joer, wou et der nach 1.807 waren. Mer hunn och fir dat nächst Joer - an dat ass dëst Joer nei gewiescht - vun dem Ministère de l'Education nationale am Fong e Kontingent vu Stonne kritt. Dat waren 3.121 Stonne plus nach déi Stonne vum Moralunterrecht, déi eigentlech net doranner verankert sinn. Dat heescht pro Klass, déi besteet, huet ee vum Zyklus 2 bis Zyklus 4 nach 2 Stonnen zegutt. Déi komme bei déi 3.121 Stonnen derbäi.

Mer hunn déi Kéier fir d'alleréischt net méi vun engem „Comité de cogestion" Virschléi krut mee vun den dräi Schoulkomiteeën, déi awer och vum Inspekter an och vun der Schoul-kommissioun guttgeheescht goufen. Déi Propositioune vun deenen 3 Schoul-komiteeë respektéieren och dee Kontingent, deen eis da jo vum Ministère virgeschriwwe gouf. Dee gesäit esou aus: Engersäits hu mer de Précoce separat gefouert well mer do jo a Gruppe fueren. Do sinn zu Rodange 2 Gruppe mat maximal 40 Kanner, zu Rolleng och 2 Gruppe mat maximal 40 Kanner, an zu Péiteng 4 Gruppe mat maximal 80 Kanner. Et wäerten dann 160 Kanner am Précoce ageschriwwe sinn. Mer hunn déi Zuel nach net ganz erreecht, mee mer wäerten awer net wäit dovunner ewech sinn.

An den Zyklen 1 bis 4 – ouni de Précoce – gesäit et esou aus, datt mer zu Rodange 607 Kanner hunn, déi a 37 Klassen ginn. Dat ass en Duerchschnëtt vun 16,41 Kanner pro Klass. Dat ass eng Klass manner wéi dat Joer virdrun. Mer hunn awer dernieft och nach 1 Babbelcours fir de Sproochenunterrecht um Niveau vum Préscolaire ze garantéieren. A mer hunn och nach 6,5 Appui-Coursen an den Zyklen 2 bis 4.

Zu Rolleng sinn et 263 Kanner, déi a 16 Klasse ginn. Dat ass en Duerchschnëtt vun 16,44 Kanner pro Klass. Do hu mer och en halwe Babbelcours am éischten Zyklus, also am fréie Préscolaire, a mer hunn 3 Appui-Coursen an den Zyklen 2 bis 4.

An da schlussendlech zu Péiteng. Do hu mer 748 Kanner, déi a 46 Klasse ginn. Den Duerchschnëtt läit do bei 16,26 Kanner. Dat ass och e Minus vun enger Klass géintiwwer dem leschte Joer. Ech hat vergiess ze soen, datt et zu Rolleng beim Status quo bleift. Dobäi kommen awer zu Péiteng 2 Babbelcoursen am éischten Zyklus esou wéi 10 Appui-Coursen an den Zyklen 2 bis 4.

Dobäi kommen am Total och nach 2 Accueil-Klassen fir déi Kanner, déi nei an d'Land kommen, ze betreien. Déi sinn awer a Funktioun vun de Bedierf-nesser, wahrscheinlech awer zu Rodange an zu Péiteng. Eng Léier-persoun ass awer och fräigestallt, an déi schafft an der Naturschoul zu Lasauvage.

Interessant a wichteg ass et och, datt mer an den Zyklen 2 bis 4 an deene ganze Klassen nëmme 45 Kanner méi hunn, déi de Zyklus an 3 Joer maachen. Dat mécht 2,5% vun alle Schoulkanner, déi an deenen Zyklen ageschriwwe sinn. Dat ass sécherlech eng wesentlech Verbesserung am Verglach zu deem, wat mer an deene leschte Joeren um Niveau vun eise Schoulen an der Gemeng kannt hunn. Nieft de Précoce-Gruppen hu mer 99 Klassen an den Zyklen 1 bis 4, plus, wéi gesot, fir Appui, Accueil, Babbelcoursen an d'Naturschoul nach 26 zousätzlech Léierpersounen, déi do intervenéieren. Dat heescht, datt mer am ganzen 125 Léierpersounen hunn, déi an den

Zyklen 1 bis 4 sinn. Dobäi kommen nach 4 Léierpersounen an och 4 Éducatricen derbäi fir de Précoce, esou datt mer am ganzen – wann ee kuckt, wee Klassen huet a wien d'Spezialbetreiung huet – op 133 Leit kommen, déi an der Schoul intervenéieren.

Wann dat esou vum Gemengerot gestëmmt ass – d'Léierpersounen hunn déi definitiv Klassenopdeelung scho gemaach -, da wäerte mer déi aner Posten op der éischter a spéiderhin op der zweeter Lëscht ausschreiwen. Spéitstens am Juli wäerte mer eis Léierpersounen, déi eis Klasse betreien an och déi aner Course assuréieren, kënnen hei am Gemengerot virleeën.

Carlo Gira (CSV):

Ech hu just eng Detailfro. Der hutt gesot, datt mer 1 Léierpersoun hunn, déi détachéiert ass fir d'Naturschoul. Mer hu jo elo och deen neie Gaart vum CIGL. Leeft dat ënner den Titulairen oder ass deen och dofir verantwortlech?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten eng Reunioun mat de Schoulkomiteeën, wou hien och derbäi war. Och vum CIGL ginn et Offerte fir Aktivitéiten an deem Solidaritéitsgaart. Mee selbstverständlech bedeelegt hie sech och un deem Programm, deen do leeft. Mee et ass net exklusiv, et kënnen och Interventiounen an deem Solidaritéitsgaart geschéien ouni datt dës Léierpersoun derbäi ass.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn eng Fro iwwer d'Schoulkommissioun op der Säit 212. Ech hunn och schonn am Virfeld mam Här Buergermeeschter geschwat. Do hunn ech gesinn, datt nach e puer Leit net do waren. War do effektiv eppes schief gelaf mat den Invitatiounen? Wësst der an der Tëschenzäit méi?

Meng zweet Fro geet iwwer d'Zesummesetzung vun dëse Leit. Do war jo fir d'éischt gesot ginn, den Här Paschtouer wier net méi do derbäi. Hei gesinn ech awer, datt en „représentant de l'instruction religieuse et morale" derbäi ass. Wéi ass dat geschitt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt ech, keng Konklusioun kann zéie wat déi lescht Schoulkommissioun ugeet, wou d'Leit net alleguer do waren. An zwar well ech nach net konnt mat jidderengem schwätzen. Tatsaach ass awer, datt sech Leit entschëllegt haten, anerer sech awer guer net gemellt hunn. Mee dat ass nach net 100-prozenteg gekläert.

D'Zesummesetzung vun der Schoulkommissioun läit jo fest opgronn vum Gesetz vum 6. Februar 2009. Dobäi kënnt awer, datt mär och d'Zesummesetzung hei am Gemengerot festgehalen hunn. Do hu mer gesot, datt nieft dem President – wat jo de Buergermeeschter ass – nach 6 Leit, déi vun de Parteien désignéiert sinn a wou och all Fraktioun vertrueden ass, déi 3 Presidente vun de Schoulkomiteeën an 3 Vertrieder vun der Elterevertriedung vun deenen 3 Sektiounen – also 1 pro Sektioun – mat dran ass. Dobäi kënnt awer, datt de Vertrieder vum Reliounsunterrecht vun Zäit zu Zäit mat invitéiert gëtt, wa si betraff ass, an dann och ka mat un enger Sëtzung vun der Schoulkommissioun deelhuelen. Dat gesäit d'Gesetz esou vir. A well et hei ëm d'Organisatioun vun der Schoul gaangen ass a si jo och betraff ass, gouf si och invitéiert. Mee och si huet sech entschëllegt.

Guy Brecht (LSAP):

Mee et ass awer net esou, datt déi vu vir eran derbäi ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, mär invitéiere si.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.

Prévisions sociales.

Centre de rencontres et d'information pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» asbl - approbation de la convention pour l'exercice 2010.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass e Punkt, deen all Joer hei gestëmmt muss ginn. An zwar geet et ëm d'Konventioun fir den Exercice 2010 vun eisem Jugendhaus. Et ass eng Konventioun, déi mer ëmmer mat dem Familljen- an Integratiounsministère ofschléissen. Mer deelen eis och d'Zomm vum Budget. An zwar ass do am ganzen um Budgetsartikel eng Zomm vun 146.000 Euro fir eis Gemeng. Déi aner Halschent gëtt vum Ministère gedroen. Domatter kënne mer am Jugendhaus Kanner tëscht 12 an 26 Joer opfänken, déi dann do kënnen hir Zäit verbréngen. Op d'mannst 3 Mol an der Woch. Si sollen och vun Éducateure betreit ginn. Däer hu mer jo de Moment 3 plus eng hallef Tâche. Wann der de Budget kuckt, do gesidd der, datt déi gréissten Zomm vun deem ganze Budget natierlech op d'Charge vum Personal fällt. Déi aner Charge belafe sech op d'Fonctionnementskäschten, an zwar op déi generell Käschten an déi Käschte fir d'Aktivitéiten, well se jo vill Begéignungen hunn. Ech géif iech bieden, dës Zomm ze stëmmen, fir datt mer kënne mat eisem Jugendhaus zu Péiteng an zu Rodange weiderfueren. Well ech mengen, datt et fir eis Kanner oder Jugendlech hei bei eis an der Gemeng eng gutt Saach ass, datt se eng gewëssen Zäit kënnen am Jugendhaus verbrénge wou se dann och betreit ginn a wou se u gewëssen Aktivitéiten deelhuelen.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.

Vie associative.

«Les Amis du Chien Lamadelaine»: demande d'un subside spécial - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et geet dorëm, datt Ënnerhaltsaarbechten um Dressurterrain gemaach goufen. Dobäi gouf en neien Zonk opgestallt, et gouf ë.a. eng nei elektresch Tafel, e Boiler an eng Heizung installéiert. Si hunn och verschidde Reparaturen um Daach gemaach an de Chalet ganz nei ugestrach. Déi Aarbechte si méi deier gi wéi et virgesi war, well wéi se bis ugefaangen haten, do huet och nach d'Elektresch musse gemaach ginn, wat net direkt virgesi war. Si hunn am ganze Rechnungen - wat reng d'Material ugeet an ouni d'Aarbechtsstonne - vun 5.243,68 €. Där hutt déi Rechnungen och bäileien. Si froen fir eng Participatioun ze kréien. Mer wollten hinne virschloe fir hir Käschten deelweis ze decken, an dat an enger Héicht vun 3.300 €. Dëse Betrag ass prozentual ugepasst un aner Subventiounen, déi mer schonn am Kader vun esou Operatioune gemaach hunn. Mer hunn 52.000 € am Budget 2010 stoen, esou datt dat kee Problem wier. Da géif ech iech froen, ob der domatter averstane wiert fir déi 3.300 € ze iwwerhuele fir d'Ënnerhaltaarbechten, déi si um Terrain zu Rolleng gemaach hunn.

Norbert Pierre (LSAP)

Mär si jo nach ëmmer Propriétaire vun deem Terrain zu Rolleng? Gehéiert dat hei eis och?

Gilbert Welter, Schäffen:

Jo, dat gehéiert eis.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.

Questions des conseillers communaux.

Albert Muller (LSAP):

Meng éischt Fro betrëfft d'Stau-Problematik um Rond-point 'Porte de Lamadelaine'.

"Bautenminister verspricht Lösung". Dës Informatioun stoung am Wort vum 14. Mee 2009, a si gouf esouguer vum Här Buergermeeschter am selwechten Artikel confirméiert. Elo, praktesch ee Joer no dëser Ausso, wollt ech emol froe wéi et dann elo mat dëser Léisung ausgesäit, an ob scho konkret Fakten um Dësch leien?

Wann dat ieren nach net sollt de Fall sinn, da géif ech gäre wëssen, ob de Schäfferot nach ëmmer déi Iddi vum Bauteminister ënnerstëtzt fir op dëser Plaz eng "Unterführung" ze bauen?

Dat ass op alle Fall eng vun deene Méiglechkeeten, déi den Här Breyer op Grond vun der Ufro vum Här Pierre an der Gemengerotssëtzung vum 26. Januar 2009 envisagéiert huet.

Datt hei eppes geschéie muss, an zwar schnell, do si mer eis alleguerten eens. Ech ginn emol dovunner aus. Well d'Densitéit vum Verkéier huet op dëser Plaz, also um Rond-point Porte de Lamadelaine, net ofgeholl mä éischter zougeholl, esou wéi et mir vun enger mir bekannte Schülerin gesot gouf. Ech ginn zou, an der Sëtzung vum 26. Januar 2009 goufen all méiglech Léisunge vum Här Pierre an och vum Här Breyer ugeschwat an développéiert, awer mir schéngt et, datt vun alle genannte Léisungen, déi ominéis Passerelle muss als éischt an direkt an ouni "wenn und aber" gebaut ginn. All Dag passéieren hei zéch Schüler a Schülerinnen dee geféierlechen Iwwergank fir vun der enger Säit vun der Strooss op déi aner Säit bei de Lycée ze kommen. Oder musse mer waarde bis dat "Schrecklecht" geschitt ass?

Op alle Fall zu Esch, do ass et ganz séier gaange wéi e Bus bis e Kand ugestouss hat. An direkt gouf d'Bus-Gare ëmgeännert. Zwar nëmme provisoresch, awer ëmmerhin.

Eppes aneschters ass mir och nach opgefall, an dat ass bis elo nach net diskutéiert ginn. An zwar ass de Wiessel vun zwou Spueren op eng Spuer just virum Rond-point net alleng verantwortlech fir den aktuelle Stau op der Collectrice. Vill méi ass et d'Virfaartsregel am Rond-point selwer, déi fir de Stau suergt. Dofir schloen ech vir, fir de Rond-point op eng normal Kräizung mat roude Luuchten zeréckzebauen.

Schlussendlech proposéieren ech, fir datt mir mat enger Resolutioun - esou wéi bei der drëtter Apdikt zu Lamadelaine an der Sëtzung vum 5. Mäerz 2007 - dem Här Bauteminister kloer an däitlech maachen, datt mer net nach eng Kéier wëllen ee Joer waarde bis Moossnamen ergraff ginn, déi dem Foussgänger eng optimal Sécherheet beim Iwwergank op dëser Plaz garantéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech mengen, mer bleiwen a mer si ganz no un deem Dossier drun. Fir dat ze ënnersträiche ginn et och permanent Gespréicher mat deene verantwortlechen Ingenieure vu Ponts et Chaussées an och mat de Ministèren.

Fir zeréck ze kommen op déi Aussoen, déi kann den Här Buergermeeschter och nach vläicht ergänzen. Den 6. Juni 2008 hu mer e Bréif un den Här Fernand Ley, den Sous-Direkter vu Ponts et Chaussées, an un de Här Claude Wiseler, dem Minister, geschriwwen. Bei deem engen hu mer gesot „Nous avons brièvement évoqué d'un passage sous-terrain pour le trafic routier en-dessous du rond-point. Nous sommes d'avis que par le biais d'un tel ouvrage, le flux de circulation pourrait être amélioré d'une façon considérable." Mer bleiwen och bei däer Propositioun, well mer der Meenung sinn, datt do ënnendrënner eng Unterführung méiglech ass. Technesch ass et bewisen. Spéitstens wéi mer den Uschloss mat der Kanalisatioun, mam Ofwaasser a mat der Kläranlag gemaach hunn, hunn Etüde festgestallt, datt ëmmer nach eng Unterführung méiglech wier an dat eent dat anert net géif ausschléissen. Mer hu grad esou gutt an engem Bréif dee selwechte Moment gesot: „Soucieux du danger que présente la situation actuelle, nous vous serions gré de revoir le concept piétonnier autour du rond-point Porte Lamadelaine et vous prions d'analyser la faisabilité d'un ouvrage du style passerelle piétonnière." Do bleiwe mer och derbäi a mer hunn och regelméisseg Entrevuë mat hinnen. An a Bréiwer gëtt dat dann och ëmmer erëm ervirgestrach. Déi leschte Kéier war am Abrëll 2009, wou mer d'Direktioun vu Ponts et Chaussées nees an der Persoun vum Här Biwer, dem Sous-Direkter, an dem Här Dereppe, den Inspecteur-conducteur principal, gesinn hunn a wou mer hinnen dat nach eng Kéier gesot hunn. Mer hu Signaler gespuert vum Ministère aus, datt deen ënnerierdesche Passage net ausgeschloss ass an eng Léisung kéint sinn, an datt si amgaang sinn ze kucke fir dat Konzept fir d'Foussgänger ronderëm nei ze gestalten.

Parallel sinn och nach Etüde gemaach ginn am Kader vum Transfrontalier. Déi si vum Sikor ugereegt ginn. Do hu mer eng spezialiséiert Etüde vun enger franséischer Firma – ESIS -, déi zesumme mat Agora e Konzept ausgeschafft huet fir ze kucken, wat ee ka maache fir dee ganze Contournement besser, méi sécher oder méi séier oder och nach méi flëssig ze gestalten. Do ass e ganze Koup Léisungen erauskomm, déi och mat deene Verantwortleche vun dem Dräilännereck diskutéiert goufen. Et ass éischtens festgestallt ginn, datt mer e Verkéier hunn, deen no un 30.000 Autoen am Dag kënnt. Dovunner sinn 8.000 Schwéiertransporter. Dee gëtt net besser an der Zukunft, well de Containerpark op der Athuser Säit nach ëmmer ausgebaut gëtt. E wäert och net méi flëssig ginn, well déi franséisch an déi belsch Säiten nach wëlles hu Rond-pointen ze maache fir datt déi Leit, déi vum Containerpark lénks erabéien, besser erakommen. Do kréie mer dann héchstwahrscheinlech nach méi Rond-pointen op de Contournement. An d'Etüde huet och Alternativen erausgesicht, déi ee kéint maachen. Wat festgestallt gouf war „ernüchternd". Et ass näischt ze maachen ausser dat Ganzt sécher ze gestalten. Et kann een en net méi séier oder flëssig gestalten. Déi eenzeg Léisung ass, wann een Embranchementer mécht tëscht der Belsch a Frankräich an och hei vun der Biff aus, wou am Fong geholl eng Autobunn ophält an zwou Bunnen uginn, do miisst en Embranchement gesicht gi fir op d'Autobunn. Do ass jo och ëmmer nach d'Léisung Séilen am Gespréich gewiescht, déi awer bis 2018 op Äis geluegt ginn ass. Bon, d'Léisung läit bei deenen dräi Länner fir eng global Léisung ze sichen, esou datt den Transit anescht kéint ofgewéckelt ginn.

Et war och festgehale ginn, datt een no Léisunge géif siche fir de Verkéier méi flëssig ze gestalten. Do war eng Saach opkomm, an zwar fir d'Rond-pointen ewech ze huelen an eng Kräizung mat Luuchten ze maachen. Dat wier en „aménagement urbain", an dat ass verglach gi mat dem Kierchbierg, wou déi selwecht Kadenz vun Autoen ass a wou et mat Luuchte fonctionnéiert. Dat ass awer vun der technescher Équipe vu Ponts et Chaussées mat dem Här Molitor un der Spëtz komplett refuséiert ginn. An zwar well dat do näischt géif an dëser Situatioun bréngen. Si hunn ee Moment vun enger Léisung gedreemt, déi et schonn am Ausland gëtt. Do gëtt fir gewësse Spëtzestonnen de Verkéier op zwou Bunnen an eng Richtung lafe

gelooss. Dat gëtt et op anere Plazen. Zu Hamburg hunn ech dat fir d'lescht gesinn. Dat ginn d'Schëlter einfach gedréint. Vu moies 6 bis 9 Auer géif et da just a Richtung Lëtzebuerg goen. An owes ëmgedréint an déi aner Richtung, da kann een dann och op zwou Bunne fueren. Dat ass och an d'A gefaasst ginn. Mee mer sinn an engem Dräilännereck hei. Do sinn d'Responsabilitéiten an d'Kompetenze verschidden. Wa mär e Ponts et Chaussées hunn, dee kloer seng Meenung seet – an d'Lëtzebuerger waren déi eenzeg, déi kloer hir Meenung gesot hunn -, da war et ëmmer schwéier fir den Uspriechpartner op der belscher Säit ze fannen. An dat, well do heiansdo de Gouverneur oder bei de Fransousen – do ass et nach méi komplizéiert – do ass et den Departement, d'Groussregioun oder iergende Conseil, deen a Fro kënnt. Do war et ëmmer schwéier een ze fanne fir Kloerheet ze schafen, esou datt ech an dem Gesamtkonzept fir de Contournement méi flësseg ze gestalte keng Léisung op kuerz Siicht gesinn. Mer kënnen e just méi sécher op eiser Säit gestalten. An dat hu mer bis elo ënnerholl. Bis elo waren also permanent Kontakter do, an net méi spéit ewéi virun e puer Wochen ass nach eng Kéier mam Här Ley geschwat ginn, an et schéngt, wéi wann an de Kulissen eppes géif lafen. Mee ech mengen, de Buergermeeschter huet do och nach Informatiounen doriwwer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi den Här Breyer gesot huet, sinn d'Gespréicher amgaang. Mee wéi der wësst, si mer an enger schwiereger wiertschaftlecher Kris, an do ginn ebe Prioritéite gesat. An deem Kontext ass mer och ganz kloer gesot ginn, datt muss gekuckt ginn, a wat fir enger Positioun an der Prioritéitelëscht déi Unterführung um Rond-point steet. An dat ass sécherlech opgronn vun deenen neie Spuer-moossnamen, opgronn vun deene Moossnamen, déi geholl goufe fir eis Statsfinanzen ze sanéieren net kloer, ob mer elo op dem éischte Won drop sinn. Mee se wieren amgaangen do Etüden ze maachen. Sécher ass et – an dat stelle mer fest -, datt, wéi dee Contournement viru Joere gebaut gouf, e Kompromëss gemaach gouf. Deen huet doranner bestane fir dat op zwou Spueren ze reduzéieren. Dat ass vum deemolege Minister och esou duerchgezu gi fir sécher ze sinn, datt een iwwerhaapt kann eppes realiséieren. Wann een dann natierlech duerno feststellt, datt dee Kompromëss awer net dat war, wat ee brauch – dat stelle mer fest an dat huet ee quasi vun Ufank u festgestallt, an et gëtt, wéi där sot, net manner mee héchstens méi Verkéier -, da musse mer elo kucke fir eng Nobesserung ze maachen. Dat do ass en Deel vun enger Nobesserung, déi do gemaach gëtt. Ob se elo d'Problemer alleguer léise wäert, dat ass nach net sécher.

Ech weess elo net genee, vu wat fir enger Bus-Gare där schwätzt, ass dat eventuell déi vun der Escher Gare, déi do gebaut gëtt? War dat déi, déi der gemengt hutt?

Albert Muller (LSAP):

Do wou dee Schüler ugestouss gouf. Jo, dat war ganz genee wou déi al Bus-Gare war. Do ass ganz séier d'Virfahrt geännert ginn, well do e Schüler mat ewech geholl gouf wou d'Bussen erausfueren. Mee hei huet d'Gemeng direkt eng aner Léisung gesicht, esou datt d'Bussen net méi konnten do laanscht fueren, wou d'Schüler eriwwer ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass sécherlech dat eent. Dat ass eng provisoresch Ännerung. Mee wat déi Gare do ubelaangt, do muss ech soen, datt ech elo 10 Joer laang mat am TICE sinn, an zënterhier gouf vun däer Gare geschwat, déi dann elo gebaut gouf. Ech hat gemengt, der géift vun däer neier Gare schwätzen. Esou séier ass déi och alt net gebaut ginn. Déi war och ganz laang an der Planung.

Hei geet et jo net nëmmen eleng ëm eng Prioritéitsfro, hei geet et fir Ännerungen un der Infrastruktur ze maachen, déi sécherlech méi schwiereg ze realiséiere sinn ewéi just eng Virfahrt ze änneren. Wann een dat kéint mat esou enger Léisung maachen, da mengen ech, wier et och séier geschitt. Mee hei geet et ëm infrastrukturell Aarbechten, a menger Meenung no kënnt och näischt – dat huet den Här Breyer och richteg gesot -, an et geet näischt laanscht eng Ënnerféierung op der Porte Lamadelaine. Da kréie mer och de Rond-point uewendrop berouegt. Deen ass da just fir de lokale Verkéier do. Also fir déi Leit, déi a Richtung Rodange, Rolleng oder Péiteng respektiv Athus fueren. Op jiddwer Fall kritt een dat da berouegt. An dat erlaabt et dann och de Schüler, déi eventuell déi aner Säit um Parking vum Fussballsterrain den Auto stoen hunn, fir sécher an den LTMA ze kommen. Ech géif soen, mat enger Unterführung wier dee Problem geléist.

Albert Muller (LSAP):

Ech hu mer d'Situatioun emol op der Plaz selwer ugekuckt, an ech hu festgestallt, datt haaptsächlech d'Belsch dee Stau provozéieren. Well wa si an de Rond-point erafueren, dann hu si d'Virfahrt an d'Fransouse musse stoe bleiwen. A wann dann 2, 3 oder 4 Belsch laanscht sinn, da kënnen d'Fransousen ufueren. A bis da sämtlech Fransousen nees ugefuer sinn, si schonn nees Belsch am Rond-point dran. Dat ass moies, an dofir staut e bis a Frankräich zeréck. Owes ass et just ëmgedréint, do fueren déi Leit, déi iwwer d'Bréck komme vu Rolleng oder Rodange an de Rond-point eran, esou datt déi Leit, déi aus der Stad kommen, déi Leit nees virloosse mussen. Da bilt sech do och e Stau. Dat huet net direkt eppes mat der zweeter Spuer ze doen, mee dat huet virun allem mat der Virfahrt ze doen. Deen, deen am Rond-point ass, huet d'Virfahrt, an all déi aner musse lues maachen, respektiv stoe bleiwen.

An eng grouss „Unsitte", déi ee feststellt, dat ass, datt Leit da gutt Zäit hunn. Déi waarden ier se ufueren. Wa se direkt géife fueren, da géif de Stau och vill méi séier opgeléist ginn. Mee si maache schéi gemittlech a loosse sech Zäit, esou datt duerch de Rond-point an duerch d'Virfahrt dee gréisste Problem entsteet. Ech ginn natierlech zou, datt eng Unterführung eng gutt Léisung ass. Ech fäerten awer, datt do technesch an duerno och finanziell Problemer entstinn, well mer hunn dee grousse Reeniwwerlafbecken do just niewendrun. Mer hunn déi Leitungen, déi do iwwer d'Chiers eriwwer ginn. An ech denke mer, datt et vun enger Unterführung an déi aner eppes wéi eng Achterbahn gëtt. Erof, erop, well do hannendru läit jo och direkt d'Biff, et läit och nach de Rond-point Eglise hannendrun. Mee ech sinn awer ganz zefridde mat den Erklärungen, déi ech kritt hu vum Här Breyer a vum Här Buergermeeschter. Ech géif soen, dat war gutt recherchéiert an och gutt geäntwert, an dofir well ech net onbedéngt de klengen Däiwelche spillen. Ech wëll mer awer trotzdem erlaben erauszekucken – do wou fréier de Kiosk stoung -, a virschloe fir déi Profiller, déi do ewech gerappt goufen an elo nach zu Rolleng leien, de Ponts et Chaussées ze schenke fir datt se domatter eng Passerelle kënne bauen, déi dohannen iwwer d'Collectrice geet. Well et schéngt mer, wéi wann eng Passerelle muss gebaut ginn. Mer kënnen net drop waarde bis deen éischten Doudegen – esou wéi et an engem Péitenger Aktuell steet – do ass fir da séier eppes ze maachen. Et ass méiglech, eng Passerelle ze bauen, an dat ganz séier. Well ech hunn och nach en Zeitungsartikel hei vu Belval, wou eng Passerelle op Bouneweg oder an d'Stad verréckelt gëtt ouni

Problemer. Dat ass alles machbar, a firwat soll et net hei ze maache sinn? Ech denken net nëmmen un deen Doudegen am Kreesverkéier, ech denken och un deejéinegen, dee schëlleg ass. Och dat muss emol eng Kéier gekuckt ginn. Et gëtt ëmmer nëmme vun deem geschwat, deen iwwerrannt gëtt, mee net vun deem, dee schëlleg ass an domatter och vill Leed a vill Misär huet. Eventuell och nach deem seng Famill. Dofir géif ech och nach eng Kéier widderhuelen, datt mer eis do ganz massiv sollten asetzen, esou datt esou séier wéi méiglech eng Passerelle fir d'Foussgänger gebaut gëtt. Dat war um Kierchbierg méiglech, dat ass och erwähnt ginn an der Sëtzung. Do war och nach en Zonk gebaut ginn, deen ass awer an der Tëschenzäit ewech geholl ginn. Awer trotzdem, Passerelle si méiglech. Dat muss net onbedéngt mat engem Lift sinn - esou wéi et och erwähnt gouf – oder bis an dee leschten Deel organiséiert ginn. Mee d'Passerelle ass menger Meenung no ganz wichteg, a mer sollten eis alleguer hei am Intressi vun de Leit asetzen, datt déi Passerelle direkt gebaut gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Also mer bleiwen un enger Léisung interesséiert, déi do Sécherheet verschaaft. Ob dat d'Passerelle ass oder eng aner Léisung. D'Passerelle ass net méi esou wéi däer sot. Se muss grad esou sophistikéiert sinn, well soss kréie mer se net autoriséiert. Se muss och behënnertegerecht sinn, soss daacht se näischt. Ob et do duer geet mat deenen ale Profiller vum Kiosk, dat weess ech net, mee ech mengen, do musse mer nach d'Tramshaisercher mat ofrappe fir nach e puer Profiller derbäi ze kréie fir dat ze realiséieren. Mer loossen eis dat awer duerch de Kapp goen.

Albert Muller (LSAP):

Op alle Fall däerf e Lift och kee Problem sinn, well och am Pafendall gi Lifter gebaut ouni gréisser Diskussiounen. Da miisst dat och hei am Intressi vu Liewen, déi um Spill stinn, direkt realiséiert kënne ginn. Ech wier frou, wa mer do wierklech kéinten alle 15, wéi mer hei sëtzen, dem Bauteminister dat kloer maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Loosst eis d'Chance, nach eng Äntwert ze kréien. Mer si jo am permanente Kontakt. Wann et näischt déngt, da komme mer gären zeréck.

Albert Muller (LSAP):

Meng zweet Fro betrëfft den ëffentlechen Transport.

Am Kader vun der Tripartite hat de Premierminister, den Här Jean-Claude Juncker, jo proposéiert fir den ëffentlechen Transport zum Nulltarif anzeféieren. Dat huet mech dunn un de "Flexibus" erënnert, dee mir als LSAP an eisem Walprogramm haten. Zwar net zum Nulltarif, well dat hätten d'Finanze vun eiser Gemeng net verdroen, awer zu engem raisonnabelen, soziale Präis, a gülteg um Territoire vun der ganzer Gemeng.

An den Ae vun der aktueller Majoritéit huet déi Iddi vum "Flexibus" awer keng Gnod fonnt a sollt duerch en anere Bus, de sougenannten "Péitchen" ersat ginn, an deen doriwwer eraus och nach gratis gewiescht wier.

Awer och vum "Péitchen" héiert een net vill, fir net ze soe guer näischt.

Also firwat net eng echt Alternativ aféieren, déi och vun onsem Premier erwähnt gouf? Ech denken do un de "Ruffbus". E System, deen zur vollsten Zefriddenheet an eiser Nopesch-gemeng fonctionnéiert. Da konnt ech esouguer perséinlech feststellen. Oder ee "City-Bus" ewéi an der anerer Nopeschgemeng? Allerdéngs ass de "City-Bus" och nëmmen op den Territoire vun der Gemeng Déifferdang beschränkt, während de "Ruffbus" vun der Käerjenger Gemeng duerch de ganze Kanton Kapellen fiert, an dat zu engem Präis vun nëmmen engem Euro.

Ech wollt awer do nach eppes umierken, wann der dat erlaabt. En eeleren oder kranke Bierger, deen net méi mam Auto fuere kann, dee wier frou, wann e kéint op esou e Service zeréckgräifen. Fir déi aner Leit mat enger sougenannter „Gehhilfe", sief dat e Rollstull oder Krätschen, gëtt et den „Novabus", deen och vun der Gesond-heetskeess subventionéiert gëtt. Et muss ee bedenken, datt een net zu all Moment am ëffentlechen Transport weider kënnt oder mobil bleift an een heiansdo muss an den Auto klammen, ob ee wëll oder net. Datt esou eng Persoun eng Gefor ass fir sech selwer oder fir déi aner am Verkéier, dat läit op der Hand. E System wéi de „Ruffbus" – e Citybus wier net esou interessant, well en nëmmen op dem Gebitt vun der Gemeng fiert – kann also indirekt an esou guer direkt eis Bilanz vun de Verkéiersaccidenter verbesseren. Et gëtt vill Misär a Leed doduerch verhënnert. An de Portemonni vun der Krankekeess an den Assurancë kann och esou geschount ginn.

Ech selwer hunn déi Erfahrung gemaach – der wësst dat -, an ech konnt eng Zäitchen net mam Auto fueren. An do war ech frou, wéi ech konnt op de „Ruffbus" zeréckgräife fir mech ze déplacéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op déi laang Fro ginn ech dann e bësse méi eng kuerz Äntwert. Wann een den ëffentlechen Transport wëll an enger Gemeng organiséieren, da muss een e puer Volete kucken. Et muss ee kucken, wat do ass a wat gëtt nach zousätzlech gebraucht.Wat ech feststellen, dat ass, datt hei an der Gemeng zu Péiteng ganz vill do ass. Mer hunn eigentlech nieft der Tatsaach, datt mer schonn eng Eisebunn mat 3 Garen hunn, déi eis an engem ganz enken Takt a Richtung Esch a Lëtzebuerg, also un déi grouss Uertschafte vun eisem Land, ubënnt och nach 4 TICE Buslinnen. D'Linnen 1, 3, 13 a 14. D'Linn 1 fiert am Véirel-stonnentakt a Richtung Esch, d'Linn 3 an 13 am Hallefstonnentakt. D'Linn 14 übt am Fong geholl d'Funktioun vun engem Citybus aus well se eigentlech all Haaptpunkte vun eiser Gemeng – vun der Fonderie iwwer d'Rodanger Gare, de Rodanger an de Rollenger Zentrum, de Cactus, de Péitenger Zentrum – ufiert an dann a Richtung Lénger weider fiert an och nach d'Nopeschgemenge Käerjeng an Déifferdeng ubënnt. Dobäi kann ech soen, datt mer och nach RGTR-Linnen hunn, déi hei duerch d'Gemeng fueren an déi och eng speziell Ubannung maachen un d'Nopeschgemengen an esouguer bis an d'Stad. Mer hunn den Night Rider fir eis owes op eng ganz Rei Plaze féieren ze loossen, besonnesch déi jonk Leit an Erwuessener, déi wëllen erausgoen. Dat ass am Fong geholl eng Zort „Ruffbus". A mer hunn och den „Novabus" fir deene Leit, déi net esou mobil sinn a Problemer hunn, ze hëllefen. Dat sinn alles Offeren, déi menger Meenung no eng quasi total Ofdeckung vum ëffentlechen Transport maachen. Sécherlech kann een elo nach soen, datt een net virun der Dir ofgeholl gëtt. Dat ass och a mengen Aen net ze maachen.

A wann de „Ruffbus" vun engem Premierminister wéi dem Jean-Claude Juncker an d'Gespréich geruff gëtt, da muss een awer och derbäi soen, datt hie gesot huet, dat wier op deene Plazen, wou den ëffentlechen Transport net gutt géif fonctionnéieren oder net do wier. En huet dat net generell gemengt. Et muss ee jo kucken, datt een déi Offeren, déi et gëtt, ofdeckt an datt een däer net zevill mécht, well et bréngt jo och näischt, wann eis Bussen eidel duerch d'Géigend fueren. Et kann ee sécherlech iwwer „Péitchen", „Flexibus", „Ruffbus" diskutéieren – iwweregens ass de „Péitchen" net eng Propositioun

vun der Majoritéit gewiescht, mee vun enger Partei aus der Majoritéit -, mee ech géif soen, mer sollte fir d'éischt emol d'Bedierfnesser kucken. Net datt mer eppes schafe fir eppes ze schafe wat d'Gemengekeess esouvill kascht. Well ech kann iech soen, datt den ëffentlechen Transport d'Gemeng schonn 1 Millioun Euro d'Joer kascht. Et ass net, datt mer als Gemeng Péiteng näischt an den ëffentlechen Transport investéieren. A wa mer géife kucken, wat d'Nopeschgemengen an den ëffentlechen Transport investéieren, da géife mer eis vläicht wonneren, wéi wéineg dat am Verglach mat der Péitenger Gemeng wier. Mer ginn e gewëssenen Deel vun eisem Budget an den ëffentlechen Transport. Dee kann ee sécherlech nach ëmmer optimiséieren a verbesseren. Mee da muss een awer och konkret Virschléi hunn, wéi dat soll funktionéieren. An ech hu weder vun iech nach vun enger aner Plaz héieren, wat konkret gefuerdert ass, wéi dat soll fonctionnéieren a wat dat déi Péitenger Gemeng soll kaschten. A wann een dann emol eppes Konkretes um Dësch huet, da kann een doriwwer schwätzen. Mat mär ass op jiddwer Fall net ze schwätzen iwwer eppes, wat e Faass ouni Buedem ass a wou mer d'Grenzen net gesinn. Well déi Suen, déi mer fir déi do Saachen ausginn, déi feelen dann nees fir aner Saachen, déi ënner d'Kompetenz vun der Gemeng falen. Well den ëffentlechen Transport ass net onbedéngt eng Aufgab vun der Gemeng. De „Citybus", dat ass eng Aufgab vun der Gemeng fir deen z'organiséieren, mee den ëffentlechen Transport, deen iwwer d'Gemengegrenz erausgeet, ass et net. Mär si schonn als syndikéiert Gemenge vum TICE vill méi wäit gaangen ewéi dat a wäiten Deeler vum Land de Fall ass. Mer hunn eigentlech duerch den TICE eng Ubannung un déi 9 Südgemengen, déi doranner syndikéiert sinn. An dat ass eppes, wou mär als Gemeng scho vill méi wäit ginn ewéi déi aner Gemengen. Ech mengen, mer stinn net esou schlecht do wat den ëffentlechen Transport ugeet. Sécher si mer op fir all Verbesserung, a mer sollen och konkret Virschléi fir eng Verbesserung maachen. Da sinn ech ëmmer bereet fir driwwer ze schwätzen. Natierlech muss een ëmmer kucken, datt Finanzéierungsméiglechkeete bestinn.

Albert Muller (LSAP):

Meng lescht Fro dréint sech ëm d'Erneiere vun engem Deel vum Belag vun der Lëtzebuerger Strooss zu Péiteng.

Mëtt Mäerz vun dësem Joer ass also de Pavé vun der Lëtzebuerger Strooss zu Péiteng erausgerappt ginn an duerch e Schwaarzbelag ersat ginn. Bei deenen zimlech einfachen Aarbechten hat ech d'Impressioun, wéi wa bal méi Arbiter ewéi Spiller um Terrain gewiescht wieren. Ech ka mech erënneren, datt zum Beispill beim Aménagement vum Lotissement 'Vullesang' zu Rodange mäin deemolegen Aarbechtskolleg alles quasi alleng gemaach huet. Sief dat den Devis, de Projet, d'Bordereauen, d'Pläng an esouguer de Métré an d'Ofrechnung vun den Aarbechten. Ech hu just eng Hand mat ugepak wa mäi Kolleg am Congé war oder och emol krank war.

Bei dësem, wéi gesot, einfache Chantier hei zu Péiteng hu gläich zwee héich qualifizéiert Beamte vun der Gemeng opgepasst an d'Aarbechten iwwerwaacht, an och nach zousätzlech e Vertrieder vu Ponts et Chaussées. Dat kann ee verstoen an novollzéien.

Wann een dann awer nach an Zäiten, wou mer alleguerten d'Spuere geléiert ginn, d'Ham an der Mëllech kacht, dat heescht e Bureau d'études mat de Planungsaarbechte beoptraagt, da froen ech mech ob hei deem berühmte Faass net gläich de Buedem ageschloe gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wëll emol all Mënsch Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi dobausse gemaach gouf. Dat ass tipptopp gelaf an an enger Rekordzäit gemaach ginn, esou datt d'Leit am mannste gehënnert goufen. Se hunn och spéit owes geschafft, an och eise Beamten hei, déi dorunner matgeschafft hunn, wëll ech hei emol e Merci ausschwätzen.

Ech weess näischt vun zwee héich qualifizéierte Leit, déi do waren. Déi miisst der mer emol nennen. Ech weess vun engem, deen d'Charge hat fir op der Plaz ze sinn. An deen huet och mussen do sinn. Firwat? Ma et ass e Schantjen, deen ënner der Direktioun vun de Ponts et Chaussées gelaf ass a wou mär op der Plaz ware well mer gesinn hunn, datt – wéi dee fréiere Belag ofgedeckt gouf – mer konnte feststellen, datt do Fuschaarbecht drënner war. Ech hätt mer vläicht gewënscht, datt virun 10 oder 15 Joer, wéi dat do gemaach ginn ass, héich qualifizéiert Beamten op der Plaz gewiescht wiere fir dat ze iwwerwaachen, dann hätte mer dat do elo vläicht net gehat. Well do ass e ganze Koup Material, wat huet mussen erausgeholl ginn. Plazeweis war esouguer Betong gegoss ginn. Plazeweis war nëmme Sand dohinner getippt ginn. Also et war guer net esou, datt dat en einfache Schantje war, an do hu miissten Entscheedungen op der Plaz geholl ginn. Éischtens wat d'Waasser ubelaangt. Mer hunn am Fong geholl Schieberstaangen erhéije miissten, mer hu mussen d'Kanaldeckelen upassen, an dat war guer net esou wéi dat am Ufank um Plang vum Bureau d'études war. Et huet sech einfach op der Plaz erausgestallt, a mer hunn och drop gehalen, datt ee vun eise Leit do sollt derbäi sinn. Héichqualifizéierte Leit hätte jo nëmme kënnen den Ingenieur Chef de service sinn, an dee war net op der Plaz. Et hätt kënnen den Ingenieur Sous-chef de service sinn, mee dee war am Congé. Et hätt kënnen dee Mann sinn, dee fir d'Stroosse verantwortlech ass, an dee war op der Plaz. An et hätt kënne säin direkte Viraarbechter sinn, dee war am Congé. Also et ass mer nëmme bewosst, datt een op der Plaz war, an dee war och gutt do, well soss hätte mer net kënne garantéieren, datt déi Aarbechten an deem Délai gemaach hätte kënne ginn. Also déi Ausso, datt fréier de Vullesang mat der lénker Hand gemaach gouf, dat gëtt haut och nach gemaach. All Kéier wa mer e Reprofilage vu Stroosse maachen, da gëtt den Devis an d'Surveillance an dem techneschen Service hei gemaach. Dir miisst awer och emol kucken, wéivill Schantercher der zu ärer Zäit hat. Do waren der 2 oder 3 op de Kapp. Kuckt emol, wat haut do leeft. Dofir ass kee Verglach méiglech, an ech wëll näischt géint eis Beamte soe loossen. Op kee Fall déi, déi hei mat betraff waren, well hei ass generell gutt Aarbecht geleescht ginn.

Albert Muller (LSAP):

De Reinhard Mey huet emol eng Kéier e Lidd gesongen, wat heescht „Das was in der Zeitung stand". An dat stoung och hei an der Zeitung. Ech kann iech och déi Nimm nennen. Hei steet „Dieser Tage sind Erneuerungsarbeiten angelaufen. Unter der fachkundigen Leitung von Fernand Wegener, Yves Schiltz von der Gemeinde und Pierre Wies von der Straßenbauverwaltung sowie dem Bureau Schroeder & Associés wird nun das Teilstück erneuert." Ech hunn dat esou gelies, wéi et an der Zeitung stoung. Ech hunn déi Leit perséinlech net um Schantje gesinn, ech hu mer de Schantjen e bëssen ugekuckt. Ech kritiséieren dat ganzt net, mee ech froe mech just an Zäiten, wou mer solle spueren, a wou Leit sech bekloen, se hätten lwwerstonnen ze frecks - an ech weess net wat nach alles -, da sinn do op eemol esou vill Leit um Schantjen. Esou schlecht war iwweregens de Soubassement och net, ech hunn dat gesi gehat. Awer ech kritiséieren dat

net, déi Leit hunn hir Aarbecht gemaach. Mee et soll een oppassen, datt net op eng Kéier méi Arbitteren ewéi Spiller um Terrain sinn. Dat ass alles, wat ech domatter wollt bemierken. A soss hunn ech net gesinn, datt et sollt e komplizéierte Schantje sinn. De Koffer war eraus, dee war tipptopp an der Rei esou wéi dat sech gehéiert. Plazeweis si Staangen e bësse méi niddereg geluecht ginn. Mee dann ass de Finisher komm an deen ass mat X Leit duerch d'Strooss gefuer an dann huet e säin Tarmac drageluecht. Do war de Schantje fäerdeg. Do si keng Bordurë gesat ginn, do si keng „fils de pavé" gesat ginn esou wéi dat zum Beispill am Vullesang de Fall war. Sécher, do ass dee ganze Schantjen esou gemaach ginn, an ech schwätzen elo guer net vu menger Zäit. Mee ech wollt just nëmme soen, datt dee Kolleg, deen deemools dat ganzt Lotissement gemaach huet, sech vill Aarbecht gemaach huet. An et war net säin eenzege Schantjen, en hat nach vill niewelaanscht lafen.

Roland Breyer, Schäffen:

Gutt, Här Muller. Den Här Pierre Wies war eng Stonn um Schantjen. Wat där do liest aus der Zeitung, dat war eng Informatioun un d'Leit, wou déi Leit do genannt waren. Den Yves Schiltz konnt net um Schantje si well en a Südamerika souz déi Zäit. Dee konnt der net gesinn hunn. Der sot, der hätt mat kengem geschwat. Der hutt freides owes mat deem geschwat, deen d'Surveillance vum Schantjen hat. Do sinn esouguer Fotoen dovunner do. Also et ass alles dokumentéiert. Den Här Wies war net um Schantjen, den Här Micarelli war ëmmer um Schantjen, an déi zwee haten d'Surveillance. Ee vu Ponts et Chaussées an deen anere vun der Gemeng.

Albert Muller (LSAP):

Ma ech si frou, Här Breyer. Da konnt elo deen Artikel, deen hei an der Zeitung stoung, an dee richtege Kontext gesat ginn. Elo weess jidderee Bescheed, datt net grad esou vill Leit um Schantje waren, an datt an der Zeitung iwwerdriwwe ginn ass. Ech soen iech Merci.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass gär geschitt.

Carlo Gira (CSV):

Ech hat am Service technique intervenéiert an ob d'Schied higewisen, déi duerch de Frascht e.a. an der Bommertstrooss entstane sinn. Mir war gesot ginn, datt déi Lächer géinge gläich zougemaach ginn. Dat ass awer net geschitt. Ech wollt wëssen, ob et heifir eng bestëmmten Ursaach gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt keng bestëmmten Ursaach. Si sollen – esou wäit wéi meng Aussoen hei virleien – zwee Mol geflickt gi si nom Wanter mat kalem Tarmac. An deen dauert vu moies bis owes. Wéinst dem Camionsverkéier, deen normalerweis an däer Strooss ass, an duerch den normale Verkéier ass en nees erausgespullt ginn. Déi Strooss ass einfach schlecht. All Mënsch, dee scho méi laang am Gemengerot ass, ka sech erënneren, datt mer virun 12 Joer schonn e Projet hei haten – d'rue Neuve an d'rue Bommenrt, déi nei gemaach sollte ginn. D'rue Neuve gëtt elo ugefaangen. D'rue Bommert ass nach net drun, déi wäert héchstwahrscheinlech dat anert Joer drop stoen. Déi do Strooss hu mer am Katalog vun deene Stroossen, déi schlecht sinn, net ënne stoen. Si ass gläich ze stelle mat der rue des Prés, rue du Vieux Moulin, chemin de Brouck, avenue Dr. Gaasch, rue de la Fonderie, rue Marie-Adelaïde, rue Phlippart, rue Belair, rue de la Chiers, rue de l'Eglise an rue Michel Rodange. Nëmme fir ze soen. Se ass an däer selwechter Kategorie. Do wäerten och gewësse Saachen ënnerholl ginn am Sënn vun engem Reprofilage an och vläicht an engem Sënn vum nächste Budget, wou eppes muss gemaach ginn. Hei wollte mer elo näischt Gréisseres maachen, well mer d'rue Neuve elo ufänken. Déi ass jo virgesinn. Mer sinn nach ëmmer an der Onkenntnis wat den Eck ënnen an der rue Bommert ugeet. Do ass näämlech nach e gréissere Bauprojet, deen do leeft. Deemno wat deen erëm mat sech bréngt huet et kee Wäert, fir elo eng Strooss tipptopp an d'Rei ze maachen. Dofir musse mer emol kucken, wéi mer dat koordinéieren. Mer wëssen, datt se schlecht ass. D'Awunner musse sech nach e bësse gedëllegen. Ech soen dat selwecht vun der rue Belair. Virun 2013 gëtt do wahrscheinlech näischt gemaach.

Carlo Gira (CSV):

Des Weidere sinn ech drop higewise ginn, datt op verschiddene Plazen owes spéit, wann et net méi néideg ass, Luuchte brennen. Ech weess, datt sech d'lescht Joer verschidde Klimabündnis-Gemengen un enger Aktioun bedeelegt haten, déi zum Zil huet manner Energie an de Gemengebetriber ze verbrauchen. Sollte mer eis als Gemeng net och esou enger Initiative uschléisse fir Energie ze spueren?

Gilbert Welter, Schäffen:

Erlaabt mer awer, op den Ufank vun ärer Fro zeréck ze kommen, wou der sot, datt der vun Drëttpersounen higewise gi sidd, datt op verschiddene Plazen owes spéit, wann et net méi néideg ass, d'Luuchte brennen. Dëst ass eng zimlech onpräzis Ausso. Wann et an eise Gemengegebaier a – schoule soll gewiescht sinn, da ginn ech dovunner aus, datt d'Botzéquipe nach um Dill war. Si si responsabel fir d'Luuchten auszeschalte wa se fäerdeg sinn. Wann et sech allerdéngs ëm d'Stroossen oder Weeër respektiv däischter Ecken hei an eiser Gemeng handelt, dann ass dat duerchaus méiglech, well mer mat der Polizei am Kader vum „Plan local de sécurité" ofgeschwat hunn, datt aus Sécherheetsgrënn dës Plaze besser an och méi laang beliicht ginn. Sécherlech gëtt dat eis awer net méi deier, well mer d'lescht Joer 50.000 Kilowatt Naturstroum agespuert hunn duerch d'Ersetze vun 150 Watt-Luuchten duerch 70 Watt-Luuchten. Dëst Joer ersetze mer 125 Luuchtekäpp, wou de Verbrauchsstand vun 280 op 175 Watt erofgeet. Domat spuere mer en Total vun 57.000 Kilowatt. Et ass awer och scho virkomm, datt eis Sportveräiner an de Sportshalen oder op den Terrainen déi eng oder aner Luucht brenne gelooss oder och e Krunn net richteg zougedréint hunn. Wa mer et gewuer ginn, da gëtt direkt intervenéiert. A wann d'Situatioun sech net géif besseren, da kéinte mer eventuell och weider fakturéieren.

Da schlot der vir, datt mer eis un den Aktioune vun de Klimabündnis-Gemengen uschléissen. Ech wollt dozou dat hei soen. D'Gemeng Péiteng huet d'Klimabündnis-Gemenge fir d'Plenarsëtzung den 10. Mee ‚A Rousen' emfaangen. Mer hu mat dëse Gemengen déi beschte Relatiounen. Hei gëtt vill zesummen diskutéiert an et ginn Iddien ausgetosch. Mat vun der Partie ass och ëmmer d'Presidentin vum „Mouvement écologique". Ech konnt den 10. Mee bei dëser Geleeënheet eise Programm am Energieberäich virstellen. Erlaabt mer een Dossier erauszepicken. Den Ëmweltbüro, déi technesch Servicer mat eise Portieren hu gehollef, e Konzept fir d'Energiespueren auszeschaffen. Bei der Presentatioun vum Budget hunn ech schonn driwwer geschwat. Der wësst, datt mer virun 3 Joer ugefaangen hunn, den Energieverbrauch an eise Gebaier opzeschreiwen. Dat war eréischt méiglech, nodeems mer eenzel Compteuren an eise Gebaier haten. Eng gewësse Viraarbecht huet miisste gemaach ginn. An enger zweeter Etapp hu mer d'Resultater un den Energieberodungsbüro weider ginn. An dat mat der Demande, eis e Konzept opgronn vun eisen Date virzeleeën. Mer waarden am Moment

op d'Resultater, déi eis an deenen éischte Wochen zougestallt solle ginn. Ech hu festgestallt – laut dem CSV-Informatiounsbliedchen -, datt dir Här Gira, en neie Gremium fir d'Ëmwelt op d'Bee gestallt hutt laut dem Artikel „Den Trend weist an eng aner Richtung". Ech stellen allerdéngs am Text vum Artikel fest, datt just a mengem zitéierten Dossier ‚Energie spueren', dee mer äusserst wichteg schéngt, dir ärer Partei nach keng Virschléi ënnerbreet hutt.

Carlo Gira (CSV):

Déi Bemierkung do hunn ech zwar elo net verstanen. Déi Aktiounen, déi gelaf sinn, zielen dorop hin, wéi mer eis Leit kënne schule fir nach méi Energie ze spueren. Déi Saachen, déi ech ugeschwat hunn, sinn, ewéi där sot, op Sportsterrainen oder a Gemenge-gebaier. An et ass awer gesot ginn, datt dat net nëmmen déi Zäit war, wou gebotzt gouf, mee no Hallefnuecht.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech weess näischt dovunner.

Séance publique du 21 juin 2010

Durée de la séance: *9.00 à 10.40 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance publique

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale:
   - 2.1. Titres de recettes - approbation.
   - 2.2. Renouvellement de l'éclairage au stade Jos. Philippart à Rodange - approbation du décompte.
   - 2.3. Démission du secrétaire de la commission des loyers - décision.
   - 2.4. Prorogation du délai pour la refonte et l'adaptation du règlement des bâtisses - décision.
3. Propriétés:
   - 3.1. Cession d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit «rue des Prés» à M. et Mme José Augusto PERRARD-SITZ - approbation de l'acte.
   - 3.2. Cession d'une emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit «rue des Prés» à M. et Mme Fernand SITZ-MAAR - approbation de l'acte.
   - 3.3. Cession d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit «rue Adolphe » à M. Zdravko MARIC - approbation de l'acte.
   - 3.4. Echange d'emprises sises à Rodange, lieu-dit «rue Michel Rodange» avec IMMO PASHA - S.A.B. LUX - approbation de l'acte.
   - 3.5. Acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Schepges Wies» de la part de plusieurs propriétaires - approbation de l'acte.
   - 3.6. Convention avec la Fondation Stëftung Hëllef Doheem pour le Foyer du Jour Pour Personnes Âgées à Pétange - approbation.
   - 3.7. Convention avec le Ministère de la Famille pour l'aménagement d'un centre psycho-gériatrique pour Personnes Âgées à Pétange - approbation.
4. Personnel:
   - 4.1. Transformation d'un poste de rédacteur à mi-temps en un poste à temps complet - décision.

5. Enseignement:
   5.1. Convention avec le Fonds de Logement pour la construction de logements sociaux et de locaux pour l'éducation précoce à Rodange - approbation.
   5.2. Construction de quatre locaux pour l'éducation précoce à Rodange - approbation du projet définitif (devis et plans).
6. Prévisions sociales:
   6.1. Gestion de la nouvelle crèche «Kordall» à Pétange - décision de principe.
   6.2. Fixation de l'effectif du conseil d'administration du nouvel Office Social - décision.
   6.3. Création de postes pour les besoins du nouvel Office Social - décision.
   6.4. Allocation d'un subside au Club Senior Prënzebierg de Differdange pour l'acquisition d'un minibus - décision.
7. Règlements temporaires de la circulation routière - ratification.
8. Vie associative:
   8.1. Association «Esox Lucius Rodange» - statuts.
   8.2. Association «Levier-Solidarité asbl» - statuts.
9. Questions des conseillers communaux.

Séance à huis clos

10. Personnel:
    10.1. Prolongation du service provisoire de deux fonctionnaires - décisions.
    10.2. Nomination provisoire d'un expéditionnaire administratif (m/f) - décision.
    10.3. Nomination définitive d'un fonctionnaire au service technique - décision.
    10.4. Nomination définitive d'un fonctionnaire au service écologique - décision.
    10.5. Démission volontaire d'un fonctionnaire - décision.
11. Enseignement:
    11.1. Réaffectation du personnel enseignant dans le cycle 1 - proposition.
    11.2. Réaffectation du personnel enseignant dans les cycles 2 à 4 - proposition.
    11.3. Réaffectation du personnel enseignant dans les cycles 2 à 4 poste d'accueil - proposition.
12. Enseignement musical:
    12.1. Démission volontaire d'un chargé de cours à l'Ecole de musique - information.
    12.2. Nomination définitive d'un chargé (m/f) pour cours de piano à l'Ecole de musique - décision.
    12.3. Nomination d'un chargé (m/f) pour cours de guitare à l'Ecole de musique - décision.
    12.4. Nomination d'un chargé (m/f) pour cours de petits cuivres à l'Ecole de musique - décision.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir hutt e Rapport final virleie vum Comité de pilotage vum Plan local de sécurité. Heizou wollt ech e puer Wieder verléieren. Wéi der wësst, hu mer den 1. Oktober 2007 décidéiert fir zesumme mat der Police a mat eise Servicer e Plan local de sécurité opzebauen. An dee gesäit vir, datt e Comité de pilotage sollt bestoen. D'Madame Conter an ech selwer ware vum Schäfferot aus an deem Comité, nieft Vertrieder vun der Police vu Péiteng an Déifferdang a vun der Polizeidirektioun vun Esch. Zesumme mat eise Betriber sollt gekuckt ginn, wéi mer eis Gemeng méi sécher kënne maachen. An zwar hate mer haaptsächlech als Aufgab fir déi ëffentlech Plaze besser ze gestallten, besser ze beliichten a méi sécher ze maachen. Och bei der 'délinquance juvénile' sollt gekuckt gi fir däer entgéint ze wierken. D'Sécherheet vum Drëtten Alter an d'Bekämpfe vun der Drogeproblematik waren aner Beräicher.

Nieft deem Comité de pilotage gëtt et och nach e Comité d'évaluation an e Comité d'appréciation. Do ass de Buergermeeschter an de Gilbert Welter dra vertrueden, nieft ënner anerem dem Distriktskommissär an dem Procureur d'Etat an dem Inspecteur général de la police. Déi sollen duerno dat Ganzt évaluéiere fir ze kucken, ob genuch gemaach ginn ass.

Dee Rapport vum Comité de pilotage ass elo zu Enn komm. Wat de Gemengerot elo virleien huet ass deen Deel, deen d'Gemeng, eis Servicer, gemaach hunn, fir deene Problemer entgéint ze wierken. Et kënnt nach en zweeten Deel bei dee Rapport no, an dat ass deen Deel vun der Police selwer, wou drasteet, wat si gemaach hunn an deem selwechten Zäitraum. Do wäerten se oplëschte wat si vu verstäerkte Patrulle gemaach hunn, hir Präsenz op der Plaz, hir Enquêten, déi se gemaach hunn. Et gëtt och nach eng Statistik iwwer d'Délinquance gemaach, fir datt ee gesäit, ob déi an d'Luucht gaangen ass oder net.

Wéi gesot, déi Saache kommen och nach mat an de Rapport final. Duerno geet dee Rapport weider un de Comité d'évaluation, deen dann driwwer jugéiere soll ob déi Aktioune solle weidergefouert ginn oder ob punktuell Saache solle gemaach ginn.

Mir wollte vun eis aus dem Gemengerot elo emol matdeele wat vun eis aus während däer Zäit gemaach ginn ass. Wann dee Rapport duerno komplett ugeholl ass, kritt de Gemengerot och nach e Bilan dovunner, mat deenen Donnéeë vun der Police a mat de Statistiken. Déi Informatioune sinn awer

fir den interne Gebrauch geduecht an net fir de 'grand public'. Well alleng duerch d'Statistiken kéint ee falsch Schlussforlgerunge schléisse kënnen. Et sinn effektiv Statistiken, déi an d'Luucht gaange si well mer - op Gronn vun deem Plan local de sécurité - incitéiert gi sinn alles bei der Police ze mellen. All Acte de vandalisme - och dee Klengsten - gi mer elo bei d'Police mellen. Dat heescht, datt automatesch eng Plainte gemaach gëtt an doduerch geet och automatesch d'Zuel vun de Plainten no uewen. Dat war fréier net de Fall, do ass net alles gemellt ginn.

Doduerch dierfen an der Evaluatioun vun deem Rapport net nëmmen d'Statistiken zielen, mä et muss och de Grond ernimmt gi firwat déi Statistiken no ënnen oder no uewe gaange sinn.

Mir wollten dem Gemengerot elo heimatter nëmmen eng Virinformatioun ginn. De Rapport final mat der Evaluatioun wäert zu engem spéideren Datum nokommen.

2.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 632.546,81 € - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei deene Recette vun deene leschte Wochen a Méint ass ervirzesträichen, datt mer vum Stat déi Fraise vun de Chamberwalen erëmkruten. Dat sinn 69.358,11 Euro. Mir gesinn och, datt mer d'Participatioun un de Supplémenten un de Paie vun de Fonctionnairen erëmbezuelt kréien. Dat sinn 410.954,86 Euro. Dat bezitt sech awer op d'Joer 2009, wou mer elo eréischt d'Recette am Joer 2010 hunn. Et ass och erfreelech, datt Sudgaz Dividenden ausbezuelt huet a mer méi krute wéi déi Joere virdrun, an zwar 44.200 Euro. Am Total maachen d'Recetten 632.546,81 Euro aus.

Approbation à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Renouvellement de l'éclairage au stade Jos. Philippart à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*225.000,00 €*
Crédits approuvés:	*249.500,98 €*
Dépense effective:	*228.381,91 €*

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Explicatiounen zu den Ausgabe leien am Dossier mat dran. Haaptsächlech ass et de Coordinateur de sécurité de santé, deen e Coût supplémentaire vun 4.000 Euro bruecht huet. Op der anerer Säit hu mer während den Aarbechten décidéiert fir de Schaf vum Elektreschen net méi an d'Tribünen ze integréieren, mä fir e separat no baussen ze setzen. De Grond ass, well mer wëllen an noer Zukunft déi Tribünen erneieren. Dëst huet mat 8.000 Euro weider zu Buch geschloen.

Trotzdem leie mer mat der definitiver Ausgab vun 228.381,91 Euro net wäit vum Devis, deen hei am Gemengerot approuvéiert gi war, ewech.

Approbation à l'unanimité.

2.3.

Administration générale.

Démission du secrétaire de la commission des loyers - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et läit e Bréif vun der Madame Myriam Muller épouse De Felice vir, déi déi Fonctioun zanter enger gewëssener Zäit assuréiert huet. Si démissionéiert op den 1. August 2010 an et géif elo um Gemengerot leie fir dat ze approuvéiere fir datt en neie Sekretär fir Loyerscommissioun kann definéiert ginn.

Vote secret: des 15 bulletins trouvés dans l'urne, tous portent la mention 'Oui'.

2.4.

Administration générale.

Prorogation du délai pour la refonte et l'adaptation du règlement des bâtisses - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir haten e Bréif vum Inneministère krut, wou mer drop opmierksam gemaach si ginn, datt mer miissten den Délai ëm ee Joer verlängere fir de PAG nei ze gestallten. Dat hu mer dann och de 17. Mee 2010 gemaach. Duerno hu mer den 11. Juli vum Distriktskommissär eng Recommandatioun kritt fir dat selwecht och fir d'Bautereglement ze maachen. Mir waren zwar ëmmer der Meenung, datt d'Bautereglement 'partie intégrante' vum PAG wier an datt et net noutwenneg wier fir dat separat ze änneren. Däer Meenung waren déi aner Gemengen och. Mä no laangem Hin an Hier hu mer eis décidéiert - fir net iergendwéi an eng schlecht Situatioun ze kommen, well et weess ee jo net wéi bei enger Differenz um Geriicht décidéiert gëtt - fir dann och däer Recommandatioun vum Distriktskommissär nozekommen an och nach eng Kéier d'Bautereglement spezifesch fir ee Joer ze verlängeren.

Dofir proposéiere mer dem Gemengerot - als Complément zu deem, wat mer an der leschter Gemengerotssëtzung gemaach haten - och nach d'Verlängerung vum Bautereglement fir ee Joer.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann een d'Zeitung liest, da gesäit een, datt nach eng ganz Rei aner Gemengen och op deen dote Wee ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat stëmmt, d'Gemenge mussen et alleguerte maachen. Wann een et direkt geschriwwe kritt hätt, dann hätt een déi Décisiounen an enger Kéier kënnen huelen. Mir haten intern bei eis an de Servicer gekuckt a mer waren der Meenung - well eist Bautereglement eng 'partie intégrante' vum PAG ass, datt dat automatesch de Fall wier. Mä den Distriktskommissär huet eis awer gesot, datt et méi sécher wier, wa mer déi heiten Décisioun géifen nohuelen. Domatter géif een alle spéideren Diskussiounen aus dem Wee goen.

Accord à l'unanimité.

3.1.

Propriétés.

Cession d'une contre-emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit «rue des Prés» à M. et Mme José Augusto PERRARD-SITZ - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm eng Approbatioun vun engem Acte. An zwar ass et eng Cessioun vun enger Contre-emprise mat der Famill José Perrard-Sitz, déi zu Rolleng an der rue des Prés wunnen. De Compromis gouf schonns am Oktober 2007 hei am Gemengerot guttgeheescht. Haut geet et drëm fir endlech den Acte ze approuvéieren. Den Acte bezitt sech op de Kadasterpunkt 1212/4262. Dat Ganzt beleeft sech op 22 Centiares. D'Cessioun gëtt gratis gemaach an et ass fir d'Regularisatioun vun der aktueller Situatioun am Kader vum Redressement vun der Wisestrooss.

Approbation à l'unanimité.

3.2.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Lamadelaine, lieu-dit «rue des Prés»

à M. et Mme Fernand SITZ-MAAR - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et och ëm d'rue des Prés. Hei geet et ëm d'Cessioun vun enger Emprise un den Här an d'Madame Sitz-Maar. D'Emprise huet d'Kadaster-nummer 1212/4261 an ass 26 Centiares grouss. Och hei ass d'Cessioun gratis an de Grond fir d'Cessioun ass dee selwechte wéi beim Punkt 3.1.

Hei war de Compromis den 31. Oktober 2008 gemaach ginn an den Acte soll dann elo haut approuvéiert ginn.

Albert Muller (LSAP):

Ech wéilt emol gäre wësse firwat et esoulaang dauert bis et vum Compromis zum Acte kënnt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et dauert heiansdo ganz laang bis mer d'Opmoossungen hunn. De Kadaster kréie mer net ëmmer direkt op d'Plaz. Wann et sech ëm Stécker handelt, déi net grad esou urgent sinn, da musse mer waarden a mer mussen eisen Tour ofwaarden, esou wéi aner Leit och. An de Kadaster huet heiansdo Délaien, déi bis zu 2 Joer ginn.

Op der Dagesuerdnung steet och nach ee Punkt, an zwar beim Péitenger Kierfecht, an do wäert der wahr-scheinlech mat däer selwechter Fro kommen. An zwar waren do Besëtztemer ze klären. An zwar hunn do 'Miteigentümer' - wann ech dierf deen däitschen Ausdrock benotzen - am Ausland gewunnt. Déi hu miissten iwwer de Notaire nogesicht ginn, an dat huet relativ laang gedauert. A wann der do den Datum kuckt, da ware mer do och bal 3 Joer am gaangen.

Approbation à l'unanimité.

3.3.

Propriétés.

Cession d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit «rue Adolphe» à M. Zdravko MARIC - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm de Verkaf vun enger Contre-emprise, wou mer haut sollen den Acte approuvéieren. Dat Ganzt beleeft sech op d'Kadasternummer 507/7513, geleeën an der rue Adolphe zu Rodange an huet eng Contenance vun 1 Zentiar an eng Valeur vun 8 Euro.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.4.

Propriétés.

Echange d'emprises sises à Rodange, lieu-dit «rue Michel Rodange» avec IMMO PASHA - S.A.B. LUX - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Fir dësen Échange d'emprises solle mer haut och den Acte approuvéieren. An zwar geet et dorëm, datt d'Sociétéit Immo-Pasha un eis Gemeng en Terrain vun 43 Zentiar a mat der Kadaster-nummer 611/7524 cédéiert. D'Gemeng dogéint cédéiert un d'Sociétéit Immo-Pasha en Terrain vun 1 Zentiar mat der Kadasternummer 611/7526.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.5.

Propriétés.

Acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Schepges Wies» de la part de plusieurs propriétaires - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm deen Terrain, wou ech iech scho virdru matgedeelt hat, datt mer do de Compromis schonn den 12. Dezember 2007 hei am Gemengerot approuvéiert haten. Elo komme mer dann endlech zum Acte. Dat ass en Terrain, deen nieft dem Péitenger Kierfecht läit, dat heescht op der 'Schepges Wies', an dee mer wëlle kafe fir eng Kéier spéider de Kierfecht kënnen ze vergréisseren.

An dëser Saach si ganz vill Leit mat involvéiert, an dofir huet dat och esou laang gedauert.

Den Terrain huet eng Gréisst vun 27,30 Ar an huet eng Valeur vun 13.650 Euro.

Ech géif de Gemengerot biede fir dësen Acte ze approuvéiere fir datt mer, wa mer eemol an de Fall kommen, d'Vergréisserung vum Kierfecht kënne virhuelen. De Moment gëtt deen Terrain ganz gäre vun eiser Jugend als Spillterrain genotzt. An dat ass och eng 'utilité publique', déi ganz wichteg ass.

Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

3.6.

Propriétés.

Convention avec la Fondation Stëftung Hëllef Doheem pour le Foyer du Jour pour personnes âgées à Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir sinn zesumme mat der Stëftung Hëllef Doheem Eegentümer vun der Résidence 'Liberté' op der Liberatiouns-plaz zu Péiteng. Et sinn dat am Ganzen 400 Quadratmeter. Dovunner falen 125,80 m2 op d'Gemeng plus 6 Stellplazen. Fir datt och dee Foyer duerno ka seng Aarbecht ophuelen, si mir gezwongen eng Conventioun mat der Stëftung ze approuvéieren.

D'Fondatioun engagéiert sech an däer Conventioun fir während 15 Joer dëse Foyer ze leeden. Dee Foyer ass geduecht fir eeler Leit, déi och psycho-geriatresch Problemer hunn, an déi do kënne betreit ginn. An deem Foyer kënnen dee ganzen Dag 24 Persoune beherbergt ginn.

De Loyer vun däer Struktur beleeft sech op 10 Euro Index 100 de Mount. Gëtt de Foyer virzäiteg vun deene 15 Joer vun der Fondatioun gekënnegt, da muss d'Fondatioun eng Kënnegungsfrist vun 3 Méint anhalen a si muss och an deem selwechte Kontext déi 248.000 Euro (dat ass d'Héicht vum Subsid dee mir als Gemeng vum Stat kréie fir de Kaf vun dësem Foyer) zeréck un d'Gemeng bezuelen, marjoréiert vun 3,5 % Zënsen.

Wann net gekënnegt gëtt well d'Fondatioun wëll weiderfueren, da leeft d'Conventioun duerno automatesch all Kéier iwwer 3 Joer weider.

Eng Plattform, déi di nei Struktur och soll begleeden, muss och opgestallt ginn. Do huet d'Gemeng 2 Memberen dran delegéiert, grad esou wéi och d'Fondatioun. Doduerch soll garantéiert ginn, datt alles seng Richtegkeet huet an alles normal leeft.

Ech wënschen op jiddwer Fall eis an der Fondatioun, datt déi Conventioun och dozou soll bäidroen, datt Leit aus eiser Gemeng – well déi solle virrangeg do kënne betreit ginn – en zweet Heem do kënne fannen.

Approbation à l'unanimité.

3.7.

Propriétés.

Convention avec le Ministère de la Famille et de l'intégration pour l'aménagement d'un Centre de jour

psycho-gériatrique pour personnes âgées à Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Den 19. Mee 2010 hu mir eng Conventioun mam Ministère de la Famille et de l'Intégration ënnerschriwwe fir e Centre psycho-gériatrique fir eeler Leit hei zu Péiteng.

An zwar geet et drëm, fir datt mer kënne fonctionnéieren an op de Subsid kënnen zeréckgräifen, deen de Stat eis zur Verfügung stellt.

An der Conventioun steet dran,

datt mir, zesumme mat der Stëftung Hëllef Doheem, hei zu Péiteng e Centre psycho-gériatrique fir eeler Leit aménagéieren;

datt d'Gemeng Propriétaire vun 33% vun däer Struktur ass, an d'Fondatioun 67 %;

datt de Coût total, fir kënne vun de Subsiden ze profitéieren, 496.000 Euro TTC ass. Dat heescht 8 Still zu 62.000 Euro kréie mir als Subsid erëm, dat sinn 248.000 Euro;

datt déi staatlech Hëllef iwwerwise gëtt wa mer d'Rechnungen eraschécken.

Mir mussen eis natierlech och vis-à-vis vum Stat engagéiere fir wann déi ganz Struktur net sollt während 15 Joer lafen. An deem Fall miisst de Stat de Subsid och erëmkréien.

Approbation à l'unanimité.

4.

Personnel.

Transformation d'un poste de rédacteur à mi-temps en un poste à temps complet - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn hei eng Situatioun, bei däer mer erëm wëllen op den Ursprongspunkt kommen. Mir wëllen e Posten, deen de Moment 'à mi-temps' ass erëm 'à temps complet' maachen.

Fir den Historique :

2004 hate mer e Redakter, deen zu 100 % geschafft huet, an dee gefrot huet, fir nëmme méi eng hallef Tâche ze kréien. Mir sinn dunn higaangen an hunn en neie Redakter mat enger 'tâche partielle' zu 50% agestallt. De Moment huet dee Redakter zu 50% am 'Aménagement communal' geschafft, an duerch d'Décisioun vum Schäfferot vun 2007 huet en nach 25% am Département des espaces verts dobäikritt, well just do de Chef de département gefrot hat fir vum 1. Januar 2008 un eng Reduktioun vun engem véirels Poste vun senger Tâche ze kréien. Et war also fir dat auszegläichen.

Elo huet dee Redakter, deen op 75% war, op den 1. August 2010 demissionéiert. Well mer engersäits wëssen, datt den Département 'espaces verts' vun 100 op 75% erofgesat ginn ass, a well mer och an deem Schreiwes vum Chef de département wëssen, datt deen ab 55 Joer – dat ass ab dem Januar 2011 – nëmme méi 50% wëll schaffen, an doduerch erëm eng Kéier 25% géife fräi ginn, wollte mer dee Posten, dee fir de Moment schonn op 75% ass, op 100% an d'Luucht setzen.

Wann der domatter averstane wäert, da kéinte mer dee Posten dann och elo schonns esou ausschreiwen. Ëmsou méi well eng Urgence besteet, a well mer souwisou an deem Service e ganze Koup Problemer hunn an net staark besat sinn, wollte mer dee Posten esou ausschreiwen, datt de Kandidat schonn den 'examen d'admissibilité' an der Carrière vum Redakter miisst hunn. Mir kucken, ob mer esou ee Kandidat fannen. Dat ass net ëmmer sécher, well een domatter normalerweis enger anerer Gemeng een ewechhëlt. Mä mir schaffe mat deene selwechte Méiglechkeete wéi aner Gemengen och. Well dee Redakter, deen hei démissionéiert, geet och op eng aner Gemeng schaffen, a vläicht kënne mer do en Échange maachen.

Albert Muller (LSAP):

Ech félicitéieren dem Schäfferot fir seng personalfrëndlech Politik an datt hien och op all kleng Ufro reagéiert an deene Leit et erméiglecht esou ze schaffe wéi si sech et am beschte virstellen.

Op der anerer Säit muss ech awer soen, datt dat Gewurschtels hei, mat deem Op an Of, mech e bëssen nervt. Gëtt et do net eng Méiglechkeet fir awer – an dat well et sech jo haaptsächlech ëm e Poste vun engem Chef de département handelt a wat jo e Poste mat enger gewësse Responsabilitéit ass – do eng aner Linn mat eranzebréngen an datt een als Chef de département seng 8 Stonne soll leeschten. Ech ka mer net virstellen, datt e Chef de département, deen net do ass, och nach kann e Betrib féieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech deelen déi Meenung, datt e Chef de département Responsabilitéiten huet an datt e muss wa méiglech eng voll Tâche hunn. Mir ware bis elo ëmmer – loosse mer soen – offen doranner wann et eng vun 75% war. Dann hu mer et och nach acceptéiert. Wann dat elo eng Tâche zu 50% gëtt, da muss ee kucken op deen Titel 'Chef de département' nach op déi Persoun passt. Ganz einfach.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Enseignement.

Convention avec le Fonds de Logement pour la construction de logements sociaux et de locaux pour l'éducation précoce à Rodange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Rodange ass de Moment eng Uertschaft an eiser Gemeng, déi sech ganz rapid vergréissert, wou mir Schoulraum brauchen, wou mer e Précoce hunn, deen net méi grad conforme ass an dee mer mussen 'en conformité' setzen.

Dofir si mer zu deem Punkt komm, datt mer mam Fonds de Logement en Accord fonnt hunn a wou mer op dee Wee kënne goen, wou de Fonds de Logement d'Baute fir eis virhëlt.

An zwar geet et haut drëm, fir eng Conventioun guttzeheeschen, déi mir mam Fonds de Logement den 18. Mee 2010 ënnerschriwwen hunn, a wou de Fong duerch den Här Miltgen representéiert war.

De Fonds de Logement engagéiert sech fir zu Rodange am Blobierg e Projet ze realiséieren, wou 4 Säll fir de Précoce dra sinn, 1 Salle polyvalent an 2 Emplacementer am Sous-sol fir Ween. Dobäi kënnt nach eng 'cour de récréation'. Iwwer dem Précoce solle nach 14 Logementer gebaut ginn, an zwar haaptsächlech fir eeler Leit, an 2 Duplexe fir Familljen.

Mir als Gemeng cédéieren dem Fonds de Logement d'Terrainen déi néideg si fir dee ganze Projet ze realiséieren. Déi Terrainen hunn eng Gréisst vun 14,6 Ar an e Wäert vun 800.000 Euro.

Mir engagéieren eis fir déi Terrainen zur Verfügung ze stellen. Duerno gëtt pro rata verrechent, wat mir als Quadratmeter fir déi 4 Säll vum Précoce, dem polyvalente Sall, deenen 2 Emplacementer an dem Haff brauchen.

Et ass wichteg, datt mer esou schnell wéi méiglech mat deem Projet ukommen. Well mer brauchen zu Rodange dee Schoulraum.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze appréciéiere wann ee gesäit, wéi schéin dat gëtt. An dat valoriséiert och wierklech d'Duerf a Rodange. Et sollen awer wierklech d'Précautioune geholl ginn, well wann ee gesäit, wat zu Déifferdang mat der Kierch geschitt ass, esou si mer och hei zu Rodange net wäit vun der Kierch ewech. Net datt et eis d'selwecht ergeet wéi zu Déifferdang.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir maachen eist Bescht fir datt dat net geschitt. Ech géif awer mengen, datt zu Déifferdang éischter e private Promoteur do geschafft huet. Mä sécherlech soll een drop oppassen.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Délibératioun ass méi genee festgehalen, datt '2 emplacements de stationnement au sous-sol' solle fir eis dohinner kommen. An der Konventioun awer steet näischt vun deene Parkplazen dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt d'Konventioun relativ generell gehalen ass. Et ass jo och esou an der Konventioun geschriwwen, datt mir dat bezuele wat duerno verrechent gëtt. Mä et ass ganz kloer, datt déi 2 Emplacementer mat dra sinn. An dofir hu mer et nach eng Kéier an d'Délibératioun geschriwwe fir et nach eng Kéier ze präziséieren.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Enseignement.

Construction de quatre locaux pour l'éducation précoce à Rodange - approbation du projet définitif (devis et plans).

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Elo komme mer dann zum definitive Projet fir de Bau vum Précoce am Blobierg zu Rodange.

Wéi virdru gesot kommen an déi Gebailechkeeten 12 Logementer fir eeler Leit, 2 Duplexe fir Famillen an ënnendrënner, um Rez-de-Chaussée, 4 Säll fir den 1. Cycle vun der Grondschoul – mat enger Surface tëscht 105 an 110 m2 fir all Sall. All Sall huet och eng Réserve dobäi. Am Sous-sol kréie mer nach eng 'salle d'évolution' vun 105 m2, vun däer aus een en Accès 'plein pied' an den Haff huet. Och sinn déi 2 Emplacementer am Sous-sol nach eng Kéier extra opgelëscht.

De Bau gëtt an enger moderner Architektur gebaut. De Rez-de-Chaussée mat eise 4 Säll fir den 1. Zyklus ginn an engem konventionelle Bau eropgezunn. Déi iewescht Stäck ginn awer mat Holzbaute gemaach, wat och soll op Nidderegenergie histeieren.

Mir waren eis op Déifferdang esou ee Bau ukucken a konnte feststellen, datt dat gutt fonctionnéiert, gutt isoléiert ass an et ganz agréabel ass doranner ze wunnen. Dofir wollte mer eis och an déi Richtung bewegen, an de Fonds de Logement geet och mat op dee Wee.

D'Konventioun mam Fonds de Logement hu mer jo elo grad gestëmmt. Den Terrain stelle mir zur Verfügung a mer hoffen, datt mer spéitstens am Hierscht oder schonn am spéide Summer kënne mam Bau ufänken.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu mer dee ganzen Dossier ugekuckt a festgestallt, datt op der Säit 79 bei deene Raimlechkeeten, déi der Gemeng solle gehéieren, och déi 2 Emplacementer am Sous-sol net opgelëscht sinn. Dofir stinn awer 16 Parkemplacementer fir de Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat an der Dokumentatioun dran.

Bei eis sinn déi 2 Emplacementer awer net ernimmt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hu se nach eng Kéier an d'Délibératioun bäigesat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass ganz kloer gesot ginn, datt mir déi 2 Emplacementer kréien. Well wou d'Emplacementer definéiert goufen déi noutwenneg wiere fir dat Gebai, do gouf déi Zuel definéiert 'en fonction' vun de Wunnengen, respektiv sinn der nach 2 dobäi komm fir d'Schoul.

Mir wäerten – wéinst deenen Diskussiounen hei am Gemengerot – dem Fonds de Logement och nach eng Kéier matdeelen, datt mer 2 Emplacementer zegutt hunn. Mä et ass awer ganz kloer esou ofgeschwat.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn och nach e puer aner Saachen, déi mer opgefall sinn. Mir diskutéiere jo hei net vun deem, wat de Fonds de Logement mécht. Mä ech wollt awer drop opmierksam maachen, datt ënner de Comblen zwee Appartementer agezeechent si wou keng Kichen dran ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat sinn Duplexen, an do ass d'Kichen op deem Stack ënnendrënner.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann ass op deem Stack ënnendrënner zum Beispill d'Appartement mat der Nummer 8, dat huet guer keng Kichen. Et huet awer e Buedzëmmer, am Géigesaz zu den Appartementer 9 an 10, déi kee Buedzëmmer, mä nëmmen eng Toilette mat Lavabo, hunn.

Ech wëll nëmmen drop opmierksam maachen, well dat awer droleg ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Appartementer 9 an 10 sinn d'Duplexen. Do ass d'Buedzëmmer e Stack méi héich.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Rei. Mä d'Appartement Nummer 8 ass awer keen Duplex, an dat huet keng Kichen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech huelen un, datt d'Kichen an de Séjour integréiert ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Konzept heivunner ubelaangt, esou gëtt dat jo duerch Baugenehmegung geregelt. An do kënnt der garantéiert sinn, datt bei all Autorisatioun gekuckt gëtt op déi eenzel Dispositioune respektéiert ginn.

Norbert Pierre (LSAP)

Meng Interventioun huet elo net direkt eppes mat de Wunnengen ze dinn. Op deem Terrain, wou déi Wunnengen elo hikommen, hate mer jo eis ëffentlech Toiletten. Déi ware jo net méi an engem gudden Zoustand, esou datt et an der Rei ass, datt se verschwannen. Mä ass awer dru geduecht gi fir am Zentrum vum Rodange, no bei der Kierch oder bei de Busarrêten, ëffentlech Toiletten z'installéieren esou wéi mer der och hei zu Péiteng hunn? Op elo dofir bezuelt muss ginn oder net, ass u sech egal.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst jo, datt dee ganzen Zentrum vu Rodange soll nei aménagéiert ginn. Do si jo Plans directeurs, déi nach net finaliséiert sinn. Dee ganzen Zentrum vu Rodange soll jo nei aménagéiert ginn, an et ass kloer, datt – wa mer hei d'Toiletten ewechhuelen – mer eng aner Plaz fir Toilette musse sichen. Datt mer nei Toilette schafen, schéngt mer evident ze sinn.

Bis Enn 2010 wäerte mer dem Gemengerot kënnen déi eenzel Projeten zum definitive Vote virleeën, an do ass och eng Plaz fir ëffentlech Toilette virgesinn.

Norbert Pierre (LSAP)

Ech si frou ze héieren, datt et mam Zentrum vu Rodange endlech weider geet. Do ass näämlech d'Haus Dausmann, dat ufänkt ëmmer méi katastrofal ze ginn. Do miisst een – well et gehéiert eis jo – verschidde Sécuritéitsmoossnamen ënnerhuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och do ass et esou, datt de PAP duerch friem Ëmstänn e bësse méi laang gedauert huet. An däer Strooss ginn et eng ganz Rei vu Propriétairen, wou déi eng averstane sinn, datt eppes geännert gëtt, a bei anere Gebaier ass et méi schwéier.

Den 1. Juli hu mer och nach eng Kéier eng Diskussioun mat engem vun deene Propriétairen, an ech kann iech garantéieren, datt dat Haus Dausmann zu der Vergaangenheet gehéiert wa mer d'nächst Joer ëm déi selwecht Zäit driwwer schwätzen.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass elo scho villes beschwat ginn. Mä ech wollt awer nach trotzdem bemierken, datt et wierklech eng gutt Saach wier fir Waasser ze spueren a fir an déi Richtung ze goen. Et kéint ee vläicht och d'Photovoltaïque an d'A faassen. Wann ee gesäit, datt iwwerall d'Privatleit et maachen, da kéinte mir och bei verschiddene Gebaier op dee Wee goen. Et géif jo dozou bäidroe fir e bëssen ze spueren.

Dann hätt ech awer nach eppes zu de Storen ze soen. Wann ech d'Sportshal huelen, an et ass waarmt Wieder an d'Sonn dréckt eran, wier et do net méiglech fir Storen no baussen ze installéieren. Net no bannen, well do déngen se net vill well d'Glas d'Hëtzt jo awer eragëtt. Wier eng Méiglechkeet fir dat ze maachen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei der Sportshal wësst der jo, datt – nodeem d'Schwämm fäerdeggestallt ass – och d'Sportshal erneiert gëtt. A bei däer Geleeënheet wäerte mer dat och änneren.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hat eigentlech vun der Rodanger Sportshal geschwat. An zwar vun deene Fënstere wou d'Büroen dra sinn. Do miisst no baussen eppes gemaach ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee kucke wat een do maache kann. Et sinn dat ganz grouss Fënsteren, a mer musse kucke wat do machbar ass. Mä dir hutt Recht, datt et an deem Raum – do wou de Fussball säi Büro huet – onméiglech waarm ass. Dat ass e Konzeptproblem vum Architekt gewiescht, a mer musse kucken, wat mer do kënne maache fir déi Situatioun ze verbesseren.

Guy Brecht (LSAP):

Kommen déi Kanner, déi an deem ale Kaplounshaus sinn, iergendzwouch hin? Ass do eppes fir d'Zäit vun den Aarbechte virgesinn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Kanner si scho fort. Déi sinn an der Neiwiss-Schoul. Dat heescht, dat Haus steet de Moment schonn eidel.

Camille Bosseler (CSV):

Ass en Accès fir an d'Strooss vum Kierfechtswee virgesinn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass en Accès virgesinn. Um Plang ass och säitlech e klenge Wee agezeechent, deen d'Propriétéit vun der Gemeng bleift.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass awer net esou einfach ze realiséieren, well do nach Griewer sinn.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Prévisions sociales.

Gestion de la nouvelle crèche «Kordall» à Pétange - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech géif de Gemengerot bieden, dës Décision de principe fir d'Gestioun vun der neier Crèche Kordall hei zu Péiteng ze ënnerstëtzen.

De Bau vun der Crèche geet fir de Moment gutt virun, esou datt mer hoffe fir Enn Oktober, Uganks November kënnen déi éischt Kanner opzehuelen. Fir datt dat dann och duerno soll richteg lafen, musse mer kucke fir eng Conventioun mat engem Gestionnaire ze kréien, deen déi dote Crèche da géif féieren.

Mir haten ee Rendez-vous am Ministère an et sinn elo nei Iddien op den Dësch komm. An zwar solle mir elo als Gemeng fir d'éischt eng Conventioun mam Ministère de la famille et de l'intégration maachen. An déi Conventioun soll elo 'Maison relais Crèche' heeschen.

Mir wëllen natierlech op dee Wee goen. Well mer déi Crèche awer net wëlle selwer géréieren, awer trotzdem eis Iddie wëlle mat afléisse loossen, géinge mer de Gemengerot bieden, fir eis och haut gréng Luucht ze gi fir kënnen eng Conventioun mam Foyer du jour Kordall anzegoen.

Mir haten och eng Réunioun mam Foyer du jour Kordall a si sinn och gewëllt déi Crèche erëm ze géréieren.

Mir géifen dann elo eng Conventioun ausschaffen an dem Gemengerot se an enger nächster Sëtzung virleeën.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hat mer och den Terme 'Maison relais Crèche' ënnerstrach. Mir maache jo elo eng Maison relais, an zwar ass dat déi, déi bei der Eigent-Schoul elo an de Bau kënnt. Bréngt dat elo net Verwiesselunge mat sech?

An da wollt ech och froen, op 1 oder 2 Vertrieder vun der Gemeng an der Crèche Kordall mat dra sinn, fir datt mer och wësse wat do leeft?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Zu der 'Maison relais Crèche' ass ze soen, datt déi Conventiounen esou lafe wéi déi, déi mer mat de Maisons relais hunn. Dat heescht, mir finanzéiere vir, mir finanzéieren och d'Léin vir, an duerno kréie mer dat vum Stat zeréckbezuelt.

Mir finanzéieren d'Léin vun der Crèche, mir stellen e Budget op, a wou mir all Joer erëm mam Ministère verhandelen a wou hien dann och seng Part bäidréit.

Wat elo d'Conventioun mam Foyer du Jour Kordall betrëfft, esou hale mir natierlech drop, datt 2 Persounen aus dem Schäffen- oder Gemengerot sollen do mat dra sinn, an déi duerno och an däer Plattform dobäi si fir d'Crèche ze leeden. Well domatter si mir vill méi mat involvéiert an déi ganz Geschäfter vun der Crèche. Well do hätte mer gäre Matsproocherecht.

Lily Gansen (LSAP):

Ech wollt nach just heizou eng Präzisioun ginn. Et ass ewell vum Ministère virgeschriwwen, datt ee muss eng Plattform maachen. Et ass dat eng Plattform tëscht Gemeng, dem Träger an dem Gestionnaire. Et ass dat eng relativ ‚lenteur administrative' an ech hoffen, datt sech dat nach wäert verbesseren. Well de Moment bleift ee vill hänken ënnerwee, besonnesch wat d'finanziell Laaschte fir Gemeng ugeet, mam Iwwerweise vu Subsiden, asw. . Well et ass net einfach fir eng Gemeng, wa se d'Suen ëmmer musse virstrecken a si kommen duerno net deementspriechend eran.

Déi vum Foyer du Jour Kordall si jo och al Huesen doranner. Si wësse jo

och wéi et geet. Well et dierf net de Moment komme wou de Gestionnaire muss virstrecken. Well do muss ee ganz räich sinn, egal wien et ass, fir dat kënnen auszehalen.

Dofir muss een onbedengt doropper oppassen. Well et sinn esouvill onbekannt Saachen, net datt ee mam Kapp widder d'Mauer leeft.

Mä dat sinn déi nei Mesurë vum Stat, an dolaanscht kënnt een net méi.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass nun eemol vum Ministère esou virgeschriwwen a mir mussen eis dorunner halen. Mir wëlle selbstverständlech déi Saach ganz präzis ugoen an och alles ganz genee an der Conventioun festhalen. Dass Retarde vum Ministère sinn, dat wësse mer. Well mir hunn elo eréischt dee leschte Subsid vun der Maison relais vun 2008 kritt. Do si mer als Gemeng gefuerdert fir ëmmer Reserven ze hunn an ëmmer ze wësse wat do op eis duerkënnt. A mer mussen natierlech och kucken, datt mer net mam Personal iwwer d'Sträng schloen. Et muss een natierlech och ganz genee wëssen, datt een déi Kanner muss ganz gutt betreien an datt do eng gewëssen Zuel vu Personal virgesinn ass. Natierlech wäert dat am Budget vun der Gemeng e grousse Chiffer bedeiten, dee mir mussen zur Verfügung stellen. Mir hoffen natierlech, datt déi Retarde vum Ministère net ze grouss ginn. Mä mir si vum Ministère ofhängeg a mer hoffen, datt mer duerno och déi Bedeelegung, déi mer ënnerschriwwen hunn, och vum Ministère effektiv kënnt. Well et heescht jo, datt ee fir d'Maisons relais méi kritt a mer hoffen, datt dat och op d'Crèchen iwwerdroe gëtt.

Lily Gansen (LSAP):

Dat stëmmt. A fir Personal an deem Secteur anzestellen ass eng Wëssenschaft fir sech.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An dofir hätte mer och gären 2 Membere vun der Gemeng an dee Conseil d'administration mat dran, fir datt mer och wësse wou mer histeieren. An eng Plattform pro Joer muss jo ofgehale ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach just eppes dobäisetzen. Den Ënnerscheed tëscht Crèche a Maison relais war, datt d'Frais de fonctionnement vun enger Crèche zu 100% vum Stat finanzéiert gi sinn a mir als Gemeng zu 100% Fraise vun der Constructioun iwwerholl hunn. Dee Prinzip hu mer och hei zu Péiteng fir d'Crèche ugesat, well mir hunn 100% vun der Constructioun iwwerholl. A mir hu selbstverständlech um Ministère virgesprach fir ze soen, datt och déi aner Komponent, déi dozou gehéiert, datt si zu 100% d'Frais de fonctionnement iwwerhuelen, nach Bestand behält.

Et ass awer esou, datt déi nei Conventioune vun de Maisons relais op engem anere Prinzip opgebaut sinn, dat heescht si iwwerhuelen nëmme méi 75% vun de Fonctionnementskäschten a maximal 50% vun de Baukäschten.

Déi hei Crèche soll – an do musse mer kucken op dat och esou an der Conventioun festgehale gëtt – nach nom ale Prinzip behandelt ginn. Dat eenzegt, wat eigentlech ännert ass, datt mir dotëschent geschallt sinn an datt mer eventuell - an dat wäert héchstwahrscheinlech op eis zoukommen – vun Zäit vun Zäit méi Avance musse bezuelen an déi mer do vum Stat sollen zeréckkréien.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Prévisions sociales.

Fixation de l'effectif du conseil d'administration du nouvel Office Social - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif zesummen op d'Punkten 6.2. an 6.3. vun der Dagesuerdnung agoen, well déi zwee Punkten hu mat der selwechter Saach ze dinn, an zwar dem Office social.

Dir wësst wéi den Office social fir de Moment fonctionnéiert huet. Engersäits, wat de 'personnel d'encadrement social' ubelaangt, war dee mat duerch eng Conventioun mat der Croix-Rouge geregelt. Dat heescht, d'Mme Pallage huet zu enger ganzer Tâche an d'Mme Hornick zu enger ¾ Tâche fir d'Gemeng Péiteng geschafft.

Op der anerer Säit wësse mer, datt d'Mme Wagener Gitta e groussen Deel vun hirer Aarbecht, déi se hei op der Gemeng gemaach huet, fir den Office social war. En aneren Deel vun hirer Aarbecht war fir de Service des finances vun der Gemeng.

Dësweideren hunn de Sekretär an de Receveur och hir Tâche am Office social gemaach, esou wéi et bis den 1. Januar 2011 verlaangt ass.

Et ass eng nei Gesetzgebung vum 18. Dezember 2009 do, an déi seet, datt mer vum 1. Januar 2011 en neien Office social musse schafen. D'Gesetzgebung leet och ganz genee fest, watfir Personal méiglech ass. Pro Tranche vun 6.000 Awunner ass e gewëssene Prozentsaz vun ‚assistantes sociales' verlaangt. Et ass dat ee ganzen Assistant social an een halwe Mann oder Fra.

Mir hu fir de Moment iwwer 15.000 Awunner, esou datt den Office social no däer Gesetzgebung eigentlech mat 2,5 Encadrement social a mat 1,25 administrativem Personal besat soll ginn.

Mir hunn och entretemps mat der Croix-Rouge Gespréicher gefouert an hunn awer festgestallt, datt d'Croix-Rouge déi Form vun Zesummenaarbecht – wéi mer se bis elo haten – net méi wëll. Si wëllen eigentlech éischter an eng Richtung goen, wou si méi ze soen hätten a wou si d'Saach am Fong komplett géife géréieren. Dat ass awer eng Saach, déi de Schäfferot eigentlech an däer Form net acceptéiert. Mir haten éischter gemengt, datt mer an deem Rhythmus géife virufuere wéi mer et bis elo haten. Dat heescht, datt och d'Gemeng eng gewësse Verantwortung an e gewëssent Recht hätt fir ze décidéiere wat am Office social geschitt. Mir sinn eis net an deem Punkt eens ginn, esou datt d'Croix-Rouge gesot huet, mir wieren och grouss genuch fir eise Service selwer unzebidden.

Doropshin hu mer da mat deenen zwou Assistantes sociales, déi fir de Moment fir eis schaffen, geschwat, well et ass fir eis wichteg, datt eng Continuitéit bestoe bleift. An déi zwou Dammen hunn eis confirméiert, datt – wa mir Poste géife schafen – si sech fir déi Posten interesséieren a géife bei d'Gemeng Péiteng eriwwerwiesselen.

Wa mer eis géifen also hei am Gemengerot eens gi fir esou virunzefueren, da géife mer schonn déi 1,75 Tâche vun deenen Dammen eriwwerhuelen, an da miisst nach eng Plaz vun 75% ausgeschriwwe ginn.

Wat dat administrativt Personal betrëfft, esou ass d'Mme Wagener Gitta, épouse Schlesser – déi dat bis elo deelweis gemaach huet – bereet fir an deem neien Office social déi Aarbechten ze maachen. Si géif da just nach am Office social schaffen an net méi am Service des finances.

An d'Sekretärs- an d'Receveursaarbechten géifen da jeeweils zu 1/8 vum Raymond Kimmes a vum Sacha Schmit gemaach ginn. Esou datt ee kéint soen, datt deen neien Office social, deen den 1. Januar 2011 géif ufänken, praktesch mat däer selwechter Équipe géif ufänken wéi déi, déi bis elo do war. Domatter ass och d'Continuitéit

garantéiert, wat wichteg ass fir datt den Office social och an Zukunft optimal leeft. Et bleift nach just eng ¾-Tâche opstoe fir eng nei Assistante sociale, déi an déi Équipe géif materakommen.

All dat bréngt awer mat sech, datt mer hei an der Gemeng ee Posten net besat hunn. Dee Posten ass eigentlech deen, deen d'Mme Wagener zum Deel am Service des finances assuréiert huet. Fir datt dee Service awer anstänneg ka weider fonctionnéieren, hu mir nach als Compensatioun miissten e Poste schafen an der Gemengeverwaltung, fir dee Posten aus dem Service des finances kënnen ze combléieren. A moins datt intern sech ee fir dee Posten interesséiert, mä da bleift awer weiderhin e Posten opstoen an der Gemeng.

Dofir géife mer dem Gemengerot proposéiere fir e puer Décisiounen ze huelen. Déi éischt Décisioun ass fir eng Création de Poste ze maachen ënner dem Statut vum Fonctionnaire communal an deen dann och am Fong am Office social ze maachen. An en Détachement gëtt duerno an enger Conventioun tëscht der Gemeng an dem Office social gemaach.

Da soll eng Plaz ausgeschriwwe gi fir en Expéditionnaire administratif, esou datt – wann d'Mme Wagener an den Office social wiesselt – mer och eng Persoun hunn. Dat géife mer och esou séier wéi méiglech maachen, well mer hätte gären, datt déi Persoun nach am Hierscht an den INAP geet. Well wann dat net assuréiert ass, an se géif eréischt am Fréijoer an d'Formatioun goen, dann ass d'Mme Wagener engersäits schonn am Office social an anerersäits hu mer e Lach op der Gemeng well déi Persoun jo nach um INAP ass.

Dann hu mer nach 2,5 Poste fir d'Assistance sociale, déi mer intern ausschreiwen a wou mer dovunner kënnen ausgoen, datt d'Mme Pallage an d'Mme Hornick sech wäerte mellen. Extern wäerte mer nach ee Posten ausschreiwe fir déi restlech Plaz nach ze besetzen.

Dat kann awer eréischt geschéien, nodeem de Gemengerot décidéiert huet, fir déi zwou Persounen anzestellen. Wéi gesot, an enger nächster Sëtzung wäerte mer d'Propose maache fir déi Assistanten eriwwer ze huelen. A wann de Gemengerot da ‚Jo' seet, da wäerte mer an enger Sëtzung duerno déi ¾-Tâche, déi nach opbleift, besetzen.

All déi Saache si laang a breet mam Ministère an intern an der Administratioun beschwat ginn. D'Suerg vum Schäfferot war, fir esou séier wéi méiglech d'Critère kloer ze hu fir datt mer sécher kënne sinn, datt den Office social och nach nom 1. Januar 2011 fonctionnéiert.

Da kommen ech nach op e Punkt 6.2. zeréck. Do geet et drëm fir de Conseil d'administration vum Office social ze definéieren. An do proposéiere mer – well deen elo méi autonom schafft – fir den Effektiv vun 5 op 9 Leit eropzesetzen.

Domatter hätte mer 9 Leit am Office social an dat gëtt eis och vläicht d'Méiglechkeet – obscho mer mussen et extern ausschreiwe fir datt sech jidderee ka mellen – fir datt all Fraktioun, déi hei um Dësch ass, och – wa se wëllt – am Office social ka vertruede sinn.

Albert Muller (LSAP):

Zum Punkt 6.3. wollt ech wëssen, ob an der Teschenzäit den Datum vum Avis vun der Delegatioun bekannt ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Delegatioun huet hiren Avis ‚en dernière minute' ginn, doduerch ass den Datum och net an an ären Ënnerlage vermierkt. Mä den Avis ass de leschte Freide Mëtten erakomm.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt de Schäfferot froen, ob duerno – wa mer Geheimsëtzung hunn – den Här Kimmes, deen déi néideg Renseignementer huet, dem ganze Gemengerot emol kéint erklären, wat do genee op eis duerkënnt. Do rësele mer eis mat all deem, wat hei drasteet a wat d'Gemeng elo hei ze droe kritt. Wier et méiglech matgedeelt ze kréie watfir Ännerungen do an d'Haus stinn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et kann een elo schonn direkt soen, datt 50% vun de Fraisen an Zukunft vum Stat mat gedroe sinn. Mä et sollt ee sech keng Illusioune maachen, datt op Gronn vun deene supplementaren Aufgaben, déi op eis zoukommen, de Käschtepunkt, deen d'Gemeng muss droen, méi kleng gëtt. Esouguer wann de Stat 50% iwwerhëlt, fäerten ech, datt an Zukunft de Käschtepunkt eropgeet. Mir kënnen awer am Detail eng Kéier iwwer déi Saache schwätzen. An dofir hu mer och gesot, datt mer gäre wëllen d'Zuel vun de Membere vum Conseil d'administration vu 5 op 9 eropsetzen. Well dat, wat op dee Conseil d'administration nom 1. Januar 2011 zoukënnt, gëtt och vill méi. An Zukunft ass et net méi esou, datt een einfach net méi ka soen, datt ee keng Hëllef kritt. Mä an Zukunft muss all Refus justifiéiert ginn. An dat gëtt als administrativen Opwand wesentlech méi wéi bis elo.

Ech sinn awer der Meenung, datt mer mat däer agespilltener Équipe, déi engersäits um Niveau vun der Administratioun, um Niveau vun den Assistantes sociales – well do si Leit mat laangjäreger Erfahrung déi sech bewäert hunn – a mat engem Conseil d'administration – wou ech dovunner ausginn, datt déi 5 Leit, déi elo do sinn, och virufueren, plus deen een oder aneren, deen nach dobäi soll kommen – mer awer eng Équipe hunn, déi di Aufgaben, déi op eis zoukommen, meeschtere wäert.

Raymond Kimmes, Gemengeseketär:

An zwee Wieder, wat ass elo nei? Éischtens kréien d'Leit d'Recht op Hëllef a si kréien och e Recht fir dat unzefechte wa se näischt kréien. Esou datt elo an Zukunft all Refus muss motivéiert ginn, an da kann ee virun de Conseil arbitral goen, wou ee sech säi Rescht kann akloen. Dat ass déi gréisst Neierung déi drakënnt. Dat bedeit och ee vill méi groussen administrativen Opwand a méi en delikaten Opwand.

Dësweideren ass et esou, datt mer fréier am Office social nëmme just en direkten Dépannage gemaach hunn, wann een dat esou dierf nennen. An alles, wat ‚à long terme' war, den Accompagnement, ass vun anere Gremie gemaach ginn. Duerch dat neit Gesetz gëtt dat awer éischter op den Office social geluegt, esou datt deen och an Zukunft wäert déi Leit begleeden. A wann een eisen Assistantes sociales nolauschtert, da schéngt dat och Sënn ze maachen. Well si hunn et praktesch duerno um Terrain trotzdem miisste maachen, well déi Gremie gréisstendeels versot hunn oder d'Leit sech net wollten ausserhalb deene Leit uvertrauen. Da si se ëmmer erëm léiwer op Péiteng zeréckkomm.

Dann hunn d'Leit e Recht op Waasser a si hunn e Recht op Hëtzens. Dat ass och net an deem Ganzen. Si hu wuel e Recht, awer an engem ugemoossene Mooss. Dat gëtt am Règlement grand-ducal, deen elo nach ënnerwee ass, gemaach.

Fréier huet ee mat Partner zesummegeschafft. Et gëtt awer ëmmer méi am Office social selwer gemaach, an doduerch huet de Gesetzgeber och virgesinn, datt déi Zuel vun Assistantes sociales wäert eropgoen. An dat bedeit och, datt den administrativen Opwand eropgeet. Doduerch ass jo och e ganze Poste virgesi fir dat ze maachen. An déi ganz Équipe ass sech och eens, datt all Aufgab, déi hei gemaach gëtt, ëmmer dubbléiert gëtt, esou datt ni e Mënsch

wäert hei zu Péiteng stoen an näischt géif kréie well ee vum Personal krank wier oder een net do wier.

Dat wieren d'Neierungen a ganz groussen Zich.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soen dem Gemengesekretär Merci fir seng Explikatiounen. Mir wäerten awer nach op déi eng oder aner Saach ze schwätze komme wann déi nei Formule emol bis leeft.

Accord à l'unanimité.

6.3.

Prévisions sociales.

Création de postes pour les besoins du nouvel Office Social - décision.

Accord à l'unanimité.

6.4.

Prévisions sociales.

Allocation d'un subside au Club Senior Prënzebierg de Differdange pour l'acquisition d'un minibus - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et geet hei ëm e Subsid, dee mer dem Club Senior Prënzebierg wëllen zoukomme loossen. An zwar sinn déi Sue geduecht fir en neie Minibus unzeschafen. Dir wësst, datt duerch eng Conventioun 5 Gemengen am Club Senior Prënzebierg vertruede sinn. Dat sinn Déifferdang, Péiteng, Käerjeng, Suessem a Kënzeg. An dee Bus, dee si bis elo haten, hat iwwer 200.000 Kilometer um Bockel an ass praktesch ausernee gebrach, esou datt se sech en neie Bus ugeschaf hunn, deen 26.000 Euro kascht huet.

Laut enger Schlësselverdeelung sinn déi eenzel Gemenge gefrot gi fir sech un deene Käschten ze bedeelegen. Fir d'Péitenger Gemeng géif dat 5.875 Euro ausmaachen.

De Club Senior leet och en Deel bei déi 26.000 Euro bäi, an och de Stat participéiert an deem Sënn, datt si d'Pei vum Buschauffer integral iwwerhuelen.

Am Budget extraordinaire 2010 hate mer 7.000 Euro virgesinn, well se eis dat scho virun enger Zäitche matgedeelt haten. De Bus ass mëttlerweil do a wäert och geschwënn ageweit ginn.

Albert Muller (LSAP):

Ass d'Allocatioun vum Subsid u gewëss Konditioune gebonnen? Dat heescht, wann de Bus zum Beispill géif fréizäiteg verkaf ginn, datt een dann z.B. eventuell miisst de Subsid zeréckbezuelen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Eigentlech net, an ech ginn och net dovunner aus, datt se de Bus wäerte verkafen.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Bus gëtt gebraucht, fir déi Leit aus dem Club Senior hin an hir ze féieren, respektiv Ausflich ze maachen. Dee fréier Bus hat – wéi gesot – iwwer 200.000 Kilometer erof, mä ech weess elo net, wéivill Joer en hat. Et sollt u sech och eng Reprise vun deem Bus an der Garage gemaach ginn, mä leider Gottes ass de Motor futti gefuer an doduerch hu se guer näischt méi fir deen ale Bus erëmkritt. An deen Deel huet de Club Senior elo iwwerholl.

Et ass awer net virgesi fir deen neie Bus fréizäiteg ofzestoussen.

Albert Muller (LSAP):

Dat heescht, ouni Konditioune gëtt dee Subsid zougesprach?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. Ech muss soen, datt déi Associatioun eng exzellent Aarbecht am Déngscht vun eise Bierger mécht. An ech ginn net dovunner aus, datt se déi 5.875 Euro géife mëssbrauchen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll och nach dem Här Muller soen, datt mir och als Gemeng am Comité vertruede sinn. Ech ginn och perséinlech an déi Réuniounen, an déi aner Gemengen och. Esou datt mir och do e Matsproocherecht hunn.

Albert Muller (LSAP):

Fir datt mer eis richteg verstinn, ech wollt elo hei näischt ënnerstellen. Et huet mech just interesséiert, ënner watfir Konditiounen esou eppes zougesprach gëtt.

Accord à l'unanimité.

7.

Transports et communications.

Règlements temporaires d'urgence de la circulation routière - ratification:

- *en date du 27 mai 2010 relatif aux travaux de renouvellement des infrastructures de la rue Neuve à Pétange et affectant la circulation dans les rues Neuve, Romains et Liberté;*
- *en date du 11 juin 2010, relatif aux travaux de renouvellement des infrastructures dans la rue de la Montagne à Lamadelaine et affectant la circulation dans cette rue;*
- *en date du 11 juin 2010, relatif aux travaux de renouvellement de pavés dans l'avenue de la Gare et la Grand-rue à Lamadelaine et affectant la circulation dans les rues de l'Eglise, Grand-rue, Gare et Fontaine.*

Roland Breyer, Schäffen:

Hei geet et ëm Drénglechkeets-réglementer, déi mer geholl hu wéinst verschiddenen Aarbechten. Déi Aarbechte sinn awer schonn alleguerten ofgeschloss.

Norbert Pierre (LSAP)

Déi Aarbechte sinn effektiv schonn ofgeschloss. Mä et wier awer net schlecht, wann d'Schëlder an d'Barrière géifen ewechgeholl ginn. Well an der Kierchestrooss ass elo Géigeverkéier, an et geet knapps duer fir een Auto.

Roland Breyer, Schäffen:

Eis Servicer waren elo an der Lescht e bësse vill am Asaz. De leschte Weekend ware vill Manifestatiounen an der Gemeng. Mä haut soll awer alles geraumt ginn.

Ratifications à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.1.

Vie associative.

Association «Esox Lucius Rodange» - statuts.

Il en est pris acte.

8.2.

Vie associative.

Association «Levier-Solidarité asbl» - statuts.

Il en est pris acte.

9.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Am Joer vun der Biodiversitéit si jo scho verschidde Mesuren hei am Sall ugeschwat ginn. Ech hätt awer nach e puer Froen:

1) Fir d'Päiperlecks- an d'Beiewisen ze erhale sollte mer als Gemeng op eise

Gréngflächen, wou et nëmme méiglech ass, zum "fauchage tardif" iwwergoen. Vill aner Gemengen hei am Land maachen dat schonns, esouguer vill Privatleit loossen een Deel vun hire Wise wëll wuessen a bléien. Well hei nëmmen eng Kéier d'Joer (am Hierscht) geméint gëtt, gëtt den natierlechen Zyklus vun der Planzen-, Déieren an Insektewelt net regelméisseg ënnerbrach.

Mécht d'Péitenger Gemeng dat och? An dëst wierklech op esou ville Plaze wéi nëmme méiglech?

Gilbert Welter, Schäffen:

De Fauchage tardif fënnt natierlech an der Péitenger Gemeng statt. Dat ass de Fall virun allem an eise Bongerten, am Chemin de Brouck, op der Fonderie zu Rodange a beim Rollenger Fräizäitzentrum. Dësweideren de Plon zu Rodange, mat enger Wiss, déi direkt un de Plon ugrenzt, souwéi de Loeschebuer zu Rolleng bei der Pizzeria. Déi Plazen hu mer och gekennzeechent.

Dann hu mer och e Fauchage mi-tardif, an zwar laanscht Weeër wéi zum Beispill Eucosider an de Funiculaire, rue des Promenades a ronderëm eis Weieren.

Eng drëtt Saach, déi mer am Schäfferot décidéiert haten, ass, datt mer dat Stéck tëscht Rodange a Rolleng, vun der rue de Luxembourg laanscht d'Eisebunn, mat enger Naturwiss ugeplanzt hunn. Do hu mer Blummen drageplanzt an et gesäit een och elo schonn de Klatschmohn kommen. Et sollen och nach Karblummen dobäikommen, esou datt mer do och am Fong geholl eng Naturwiss gemaach hunn.

D'Gemeng huet eng grouss Nofro, fir datt mer solle méinen, a mir kréien och ganz vill Reklamatiounen aus der Bevëlkerung. Ech wëll dat hei dobäi soen. Dat eent sinn d'Pollenallergiker, an dat anert si Leit, déi net akzeptéiere wann esou eng Wiss an hirer Ëmgéigend ass, well duerch d'Loft dann d'Onkraut bei si eriwwer geblose gëtt a si doduerch vill méi an hire Gäert oder Wise miisste schaffe fir et propper ze kréien. Esou datt am Fong geholl mer gutt mussen oppasse wou mer wat maachen. Et ass natierlech ëmmer schwéier och fir eis als Gemeng. Wann hei aus dem Gemengerot nach een eng Propose wëll maachen, wou een esou Wise kann uleeën, da si mer als Gemeng bereet dat nozekucken a gegebenefalls och ze realiséieren a de Fauchage tardif nach op deene Plazen ze maache wou de Wonsch och do wier.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech ka mer virstellen, datt ganz vill Leit net averstane sinn, well se soen, datt d'Gemeng net méint an et dreckeg géif ausgesinn. Do ass et awer och un eis heibanne fir de Leit déi néideg Informatiounen ze ginn, firwat datt dat esou ass. Mir kënnen net op eis sëtze loossen, datt d'Leit soen, d'Gemeng géif néierens méi méine goen an alles wëll wuesse loossen.

Do wier e gudden Ophänkert, fir iwwer eist d'Gemengeblat déi néideg Informatiounen un d'Bierger weider ze ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir komme jo nach op dee Punkt ze schwätzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

2) Mir mussen, fir déi ganz Vilfalt ze erhalen, esouvill méi méiglech op Herbiziden a Pestizide verzichten. Ganz vill Herbizide ginn op Kierfechter benotzt, fir déi spontan Vegetatioun ze "killen". Naturbetount beloossen, gefleegte Kierfechter, sinn net nëmme Plazen zur Besënnung, mä si ginn och d'Gefill vun Trouscht a Gebuergenheet. Eis Kierfechtsweeër si jo zum gréissten Deel mat Kisel ausgeluegt. Do kéint ee Gras wuesse loosse wat nëmme bräicht geméint ze ginn.

Ass dru geduecht gi fir dat ze maachen? Dat miisste mer beim Plange vun der Vergréisserung vum Péitenger Kierfecht envisagéieren an natierlech och realiséieren.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Gebrauch vun Herbiziden a Pestiziden ass an eiser Gemeng drastesch reduzéiert ginn a gouf op e Minimum beschränkt.

Mir hunn nach virun 14 Deeg am Schäfferot décidéiert, datt mer versiche wëlle fir bis op quasi Null ze kommen. Dat ass awer de Moment net méiglech, well – wéi der et jo schonn ernimmt hutt – d'Weeër tëscht de Griewer de Moment nach ëmmer gesprëtzt ginn. Déi gréisste Fläch um Kierfecht ass awer mat Trëttoirsplacke beluegt an do wiisst Onkraut, an dat muss een ewechkréien. Mir gesinn och net direkt an, datt mer solle Wiss um Kierfecht maachen, op deene Plaze wou zum Beispill Kräsi ass. Well stellt iech emol vir, fir Allerhellge stinn d'Leit dann an der naasser Wiss oder am Bulli. Eng Plack ass méi séier gebotzt.

Mä, wéi gesot, mer versiche fir mat den Herbiziden a Pestiziden op en Nullpunkt ze kommen, an ech wier frou, wa mer dat esou séier wéi méiglech kéinte realiséieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wat d'Kierfechter ugeet, esou gesäit een am Ausland, datt och aner Saache méiglech sinn. Et mussen net ëmmer nëmme Betongsplacke sinn. Ech ka mech erënneren, datt mer viru Joeren eng Kéier e Schäffen hei an der Gemeng haten, dee mam Gedanke gespillt hat fir alleguerten d'Beem ronderëm d'Kierfechter ewechzemaachen, well d'Leit sech opgereegt hunn, datt d'Blieder op de Griewer géife leien. Esouwäit dierf een awer net goen.

3) Wéi ass et mat Flëntermaiskëschten? Wéi mat Insektenhoteler? Dëst si ganz interessant a virun allem wichteg an nëtzlech Realisatiounen an eis Betriber kéinten déi selwer maachen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Och do hu mer eng Zesummenaarbecht mat der Sicona. An de Programm 2010 huet am Budget ronn 7.000 Euro stoe fir d'Protectioun, esou datt mer do all Joer e Programm hunn, deen iwwer d'Sicona realiséiert gëtt. Dat hate mer 2008, 2009 an 2010. Mir hunn och am Budget Sue stoe fir d'Botze vun den Nichoiren, esou datt do och bei de Schleiereile Kontrolle gemaach ginn a Statistike gemaach ginn.

Ausserdem hu mer och an eisen 3 Uertschaften d'Kierchtierm opgemaach, fir datt d'Flëntermais och do kënnen erakommen. Déi Autorisatiounen hu mer kritt, esou datt an den Aktioune vun der Sicona dat doten och scho besteet.

Romain Becker (Déi Gréng):

4) Ëmmer méi Leit wunnen a Residenzen, also Appartementer ouni Gaart, a wieren drun interesséiert fir eng Parzell ze loune fir e Gaart ze maachen. Virun allem well se léiwer géifen hiert Geméis selwer zillen awer keng Méiglechkeet dofir hunn. Wéi ass et mat Gemengeparzellen, déi just als Gaart kéinte verlount ginn?

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech hu mech och do e bësse renseignéiert, mä mir hunn als Gemeng keng Terraine fir ze verlounen. Wann eng Nofro ass, an déi kënnt am Ëmweltbüro eran, da gi mer am Prinzip déi Informatiounen de Leit weider, datt se sech sollen eventuell un eng vun eisen 3 Sektioune vum Gaart an Heem wennen, well se do d'Méiglechkeet hätten e Gaart ze kréien an och do kënnen dran ze schaffen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech ka mer virstellen, datt och iergendwann déi Terrainen, déi eis

Gaart an Heem-Sektiounen hunn, erschöpft sinn.

A well scho ganz vill Gemengen hir Projeten am Kader vun der Biodiversitéit (herbizides, pestizides, fauchage tardif, ...) an der Press virgestallt hunn, wier et nawell ganz flott, interessant a wichteg fir eis Bierger emol kéinten esou Aktioune vun eiser Gemeng an der Press nozeliesen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wat d'Press ubelaangt, esou hu mer d'Leit vun der Press heibanne sëtzen. Mir sinn zu all Moment op fir Informatiounen erauszegi wat alles am Joer vun der Biodiversitéit geschitt. Ech sinn awer och der Meenung, datt an eisem ‚Meng Gemeng' – deen all zwee Méint erauskënnt – eng Säit iwwer d'Ëmwelt dran ass. Et ass och kee Problem fir eng Kéier Detailer iwwer de Fauchage tardif ze publizéieren.

Ech wëll awer och nach soen, datt mer op all deene Plazen, wou mer Fauchage tardif hunn, och grouss Panneauen opgestallt hunn. Esou datt d'Leit gesinn, datt Fauchage tardif ass. Ech sinn der Meenung, datt dat awer schonn eng etlech Informatioune sinn.

Albert Muller (LSAP):

Dass dat Gebai vum ale Stellwierk zu Rodange e Schandfleck an eiser Gemeng duerstellt ass sécherlech gewosst. Muench Bierger sinn och genee däer selwechter Meenung, an dofir mäi Wonsch un de Schäfferot fir den aktuelle Propriétaire, an zwar d'CFL, ze invitéieren dëst Gebai esou schnell ewéi méiglech ofzerappen an dem Buedem gläich ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir sot, datt dat Gebai dem CFL géif gehéieren. Et ass och eise Wonsch, datt all Gebai, dat an engem schlechten Zoustand ass, entweder nei gemaach gëtt, respektiv gefléckt oder ofgerappt gëtt. Mä d'CFL seet, et wier net kloer, op watfir engem Terrain dat Gebai elo géif stoen, ob dat um Terrain vun der CFL oder vun Arcelor Mittal ass.

An dat muss emol gekläert ginn. Et muss ee soen – an dat ass och d'Politik vum Schäfferot bis elo gewiescht, an dat steet jo och am Artikel 4.22 C dran, datt mir, an haaptsächlech de Buergermeeschter, kucken a wann eng Konstruktioun, eng Clôture oder e Mur de soutainement futti ass, respektiv wann et riskéiert eng Ruin ze ginn, datt déi Saache vum Propriétaire nees an en Zoustand gesat musse ginn, datt et keng Ruin méi ass, oder suppriméiert muss ginn.

Mir hunn awer bis elo, an dat ass kloer an deene leschte Joeren esou gemaach ginn, nëmmen dann intervenéiert, wann e Risiko, eng Gefor bestanen huet. An do hu mer virun e puer Joer eng Kéier bei engem Gebai zu Rolleng intervenéiert. An dat Gebai ass mëttlerweil ewechgerappt ginn an do steet elo eng Residenz.

Et muss ee sech dat iwwerleeën an et kann een – wann ee mengt, datt ee muss nach méi wäit goen – och déi Gebaier, déi kee Risiko duerstellen, an dat Gebai hei, géif ech soen, ass esou stabil gebaut, datt et net esou schnell zesummefält, an och bei esou Gebaier intervenéieren. Mä da muss een dat och konsequent maachen, an da kann een et net nëmmen op däer dote Plaz maachen, mä och nach op ganz vill anere Plazen.

Wéi gesot, d'Politik war fir de Moment ëmmer déi, datt eréischt da richteg intervenéiert an dem Propriétaire d'Messer op d'Broscht gesat gouf, wann eng Gefor bestanen huet. Bei deenen anere Plaze gouf regelméisseg intervenéiert. Dat hu mer och bei deem heite Gebai scho gemaach. Et schéngt mer awer – an dat hu mer och selwer nogekuckt – e relative Flou ze si fir erauszefannen, wiem et dann elo definitiv gehéiert. Arcelor Mittal oder den CFL.

Albert Muller (LSAP):

Déi Explikatioune liichte mer an. Trotzdem géif ech et gutt fannen, wann ee sech géif méi intensiv mat deem Problem beschäftegen an de ‚soi-disant' Propriétaire opfuerderen – iwwer e Bréif – säi Gebai ewechzerappen. Och wann et stabil ass, mä et gesäit wierklech net gutt aus.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann Iech garantéieren, datt mer – op Gronn vun Ärer Interventioun – déi Saach nach eng Kéier wäerte relancéieren. Mä fir d'éischt muss gekläert gi wiem dat Gebai gehéiert. An da kritt de Propriétaire matgedeelt, datt de Gemengerot der Meenung ass, datt eppes hei muss geschéien.

Albert Muller (LSAP):

An deem selwechte Kontext géif et mech interesséiere wat mat deem ale Gebai op der Péitenger Gare geschitt. Et wäert jo wuel net gewaart gi bis et vum selwen an de Koup fält? A wa kee weess fir eppes domatter unzefänken, da proposéieren ech, fir an deem Gebai eng Jugendherberg anzeriichten, an dat wéinst senger zentraler Lag an der Uertschaft, senger direkter Noperschaft zu der Eisebunn, deene sëllege Parkplazen an der Géigend a fir de Verloscht vun der Rodanger Jugendherberg auszegläichen.

Ausserdem gëtt sech de Péitenger Syndicat ëmmer vill Méi fir touristesch Méiglechkeeten an eiser Gemeng ervirzesträichen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zu deem Haus muss ee soen, datt et klasséiert ass. Mir hunn och mat der CFL Récksprooch geholl a si soen eis, datt verschidde Raimlechkeete vun den CFL gebraucht ginn. Et stinn awer nach Raimlechkeeten eidel a si sichen nach no engem Locataire.

Wat d'Iddi vun enger Jugendherberg ugeet, esou si mir och der Meenung, datt um Niveau vun de Méiglechkeete fir an eisem Eck ze iwwernuechten, nach deen een oder aner Effort muss gemaach ginn. Mir sinn am gaangen do no Méiglechkeeten ze sichen. Mä datt dat heiten awer eng Méiglechkeet soll sinn, dat gleewen ech net. An dat schonn alleng duerch de Fait, datt – wann een dorauser wéilt eng Jugendherberg maachen – ee miisst fundamental Ännerunge virhuelen. Et miisst ee Parkplaze schafen an et miisst een d'Haus ëmbauen. An doduerch, datt d'Haus klasséiert ass, wäerten déi noutwenneg Ëmbauaarbechten net méiglech sinn.

Dofir sollt een nach eng Kéier bei den CFL – a si siche Locatairë fir an déi eidel Raimlechkeeten – intervenéieren, fir datt dat Haus nach méi beluegt an utiliséiert gëtt. Op der anere Säit sollt ee sech Gedanke maachen – an dat si mer schonn am gaangen ze maachen – fir esou Strukturen, wéi zum Beispill eng Jugendherberg, eng Kéier op eisen Territoire ze kréien. Oder op mannst esou eppes Ähnleches, wou jonk Leit oder Famille kéinten opgeholl ginn a wou déi e puer Nuechte kéinten hei verbréngen. Dat wier och am Intressi vun der Entwécklung vum Tourismus an eiser Géigend.

Albert Muller (LSAP):

Eng Jugendherberg vun haut ass net méi dat, wéi et fréier war. Hautdesdaags kënnen och erwuesse Leit an eng Jugendherberg goen. Esouguer ganz Famille kënnen dohinner goen. An ech hunn déi Zäit vun der Rodanger Jugendherberg nach e bëssen erlieft – a menger Carrière op der Péitenger Gemeng – an et wier wierklech flott, wa mer erëm esou eppes hei hätten.

10. - 12.

Les points 10 à 12 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Personnel:

M. Christopher Schmitt de Rodange est nommé provisoirement au poste d'expéditionnaire administratif.

Enseignement:

Il est proposé à Madame le Ministre de l'Education nationale et de la Formation Professionnelle d'affecter les personnes suivantes à la commune de Pétange:

Mme Christiane Kirpach de Dahlem (cycle 1); *Mme Kelly Pütz* de Pétange (cycles 2 à 4); *Mme Sylvie Elcheroth* de Kleinbettingen (cycles 2 à 4, poste d'accueil)

Enseignement musical:

M. Michaelis Bardo de Geyershof est nommé chargé de cours d'une classe de guitare à tâche partielle.

M. Burgung Gilles de Differdange est nommé chargé de cours d'une classe de petits cuivres à tâche partielle.